
n°2/ 2025








# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 31.3.2025

#maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°2/2025 - Parution: juin 2025 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE


Rapport sommaire en français **4**

**1. Correspondance** **6**

**2. Circulation** **7**
2.1. Modification du règlement général de la circulation – Règlementation de la rue des Écoles
2.2. Modification du règlement général de la circulation – Règlementation de la rue Ribeschpont

**3. Finances** **9**
3.1. Ajout à apporter au chapitre 28 du règlement-taxe général – Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux et d'arts plastiques
3.2. Approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec la société à responsabilité limitée « FMC PROMOTIONS S.à r.l. » pour six parcelles de terrain sises rue Anne Holtz, rue Triny Bourkel et rue Marion Hammang
3.3. Approbation du devis estimatif pour les travaux de mise en conformité de l'installation électrique de l'école Strutzbierg A
3.4. Approbation du devis estimatif relatif à la pose d'un axe d'eaux pluviales pour le raccordement de l'école Baltzing et du futur PAP attenant
3.5. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux d'agrandissement du vestiaire au premier étage du bâtiment « Foyer Diddelfamill »
3.6. Approbation du devis estimatif relatif à l'aménagement des locaux scolaires de la construction modulaire de l'école Brill pour l'intégration d'une maison relais
3.7. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de remplacement des couches filtrantes dans les piscines du Centre sportif René Hartmann

**4. Cimetières** **18**
Approbation des modifications à apporter au règlement communal concernant les cimetières

**5. Pacte Logement 2.0** **19**
Approbation de l'avenant relatif à la convention de mise en œuvre dans le cadre du Pacte Logement 2.0

**6. Projet de lotissement/morcellement 'An der Foxenhiel'** **20**
Approbation d'un projet de lotissement/morcellement de parcelles cadastrales longeant la rue an der Foxenhiel (numéro 25) en 6 parcelles cadastrales

**7. Pass Interrail Jeune** **21**
Approbation du règlement communal concernant l'obtention d'un subside pour le « Pass Interrail Jeune »

**8. Office social** **26**
Approbation du décompte annuel de l'Office social de l'exercice 2023

**9. Personnel** **27**
9.1. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (service éducation et accueil)
9.2. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif et suppression d'un poste de salarié (gestion et maintien du patrimoine – nettoyage)
9.3. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique et suppression d'un poste de fonctionnaire communal (architecture et domaines)

**10. « Mise en conformité vun der Diddelenger Schoulorganisatioun mam Règlement grand-ducal vum 11. August 2011 (Plan d'Études) »** - Motion soumise par la fraction « Déi Gréng » **29**

**11. Questions au collège des bourgmestre et échevins** **36**

Séance à huis clos

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents :** Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina (à l'exception du point numéro 6 de l'ordre du jour) ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries (à l'exception du point numéro 4 de l'ordre du jour) ; Monsieur René Manderscheid (à l'exception du point numéro 9.1 de l'ordre du jour) et Madame Claudia Dall'Agnol (à l'exception du point numéro 3.2 de l'ordre du jour), échevins. Madame Semiray Ahmedova (à l'exception des points numéros 9.2 et 9.3 de l'ordre du jour) ; Monsieur Diogo Costa ; Madame Fabienne Dimmer (à l'exception du point numéro 10 de l'ordre du jour) ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen (à l'exception du point numéro 3.7 de l'ordre du jour) ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen (à l'exception du point numéro 3.7 de l'ordre du jour) , Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.
**Délégations :** Madame Martine Bodry-Kohn, conseillère communale, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Madame Fabienne Dimmer, conseillère communale, pour l'ensemble des points de l'ordre du jour.

**1 – Correspondance**
Monsieur le bourgmestre informe le conseil communal sur 3 dossiers en matière d'urbanisme en cours d'instance auprès des tribunaux luxembourgeois. Monsieur le bourgmestre poursuit pour informer que l'Institut national de recherches archéologiques (INRA) procède actuellement à des fouilles dans la route de Luxembourg, plus précisément sur deux parcelles de terrain du Plan d'Aménagement Particulier pour le nouveau quartier Helper. Lors de ces sondages, des vestiges de l'époque mérovingienne ont été mis au jour. Finalement, le bourgmestre annonce que la librairie Ernster ouvrira une filiale à Dudelange en juillet 2025.

**2 – Circulation**
Les modifications suivantes du règlement général de la circulation sont approuvées à l'unanimité :
2.1. la réglementation de la rue des Ecoles qui prévoit l'installation d'une zone de rencontre dans la rue des Ecoles, depuis l'immeuble numéro 37, rue du Commerce jusqu'à l'embouchure dans la rue de l'Indépendance ;
2.2. la réglementation de la rue Ribeschpont qui prévoit l'installation d'une zone de vitesse limitée à 30 km/h dans la rue Ribeschpont, depuis la route de Luxembourg jusqu'à l'embouchure dans la route de Noertzange.

**3 – Finances**
A l'exception du point numéro 3.4., les dossiers suivants en matière de finances communales sont approuvés à l'unanimité par le conseil communal :

3.1. l'ajout au chapitre 28 du règlement-taxe général modifié du 13 février 2009 – Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux et d'arts plastiques – une ligne supplémentaire dans la rubrique « Vente d'arts plastiques », prévoyant plus spécialement la vente de la « Skyline de Dudelange », largeur 50 cm, acier, épaisseur 1,5 mm pour le prix de 30,- € ;

3.2. l'acte de cession gratuite, pardevant Maître Carlo Goedert, notaire de résidence à Dudelange, aux termes duquel la société à responsabilité limitée « FMC Promotions S.à r.l. » cède gratuitement à la Ville de Dudelange six parcelles de terrain, situées dans les Anne Holtz, Triny Bourkel et Marion Hammang ;

3.3. le devis estimatif du service communal de l'électricité, d'un montant de 400'000,- €, toutes taxes comprises, relatif aux travaux de mise en conformité de l'installation électrique de l'école Strutzbierg A ;

3.4. avec 18 voix et 1 abstention, est approuvé le devis estimatif d'un montant de 483'000,- €, établi par le bureau Best Ingénieurs-Conseils, relatif à la pose d'un axe d'évacuation des eaux pluviales pour le raccordement de l'école Baltzing et le futur PAP attenant. Le projet prévoit, pour la desserte de l'école de Baltzing, un canal d'évacuation des eaux pluviales à l'ouest de l'école vers le nord, qui passe par la rue Robert Schuman et la rue de Hellange. Ce canal permettra également à l'avenir d'évacuer les eaux du PAP adjacent ;

3.5. le devis estimatif du service d'entretien des bâtiments communaux d'un montant de 20'000,- €, toutes taxes comprises, relatif à l'agrandissement du vestiaire au premier étage du bâtiment Foyer Diddelfamill ;

3.6. le devis estimatif du service d'entretien des bâtiments communaux d'un montant de 190'000,- €, toutes taxes comprises, relatif à l'aménagement des locaux scolaires (construction modulaire, Ecole Brill) pour l'intégration d'une maison relais ;

3.7. le devis estimatif, établi par le service communal des sports, chiffrant la dépense relative au remplacement de la couche filtrante des filtres de la piscine au Centre sportif René Hartmann au montant global de 60'000,- €, toutes taxes comprises.

**4 – Cimetières**
Le conseil communal marque unanimement son accord aux modifications à apporter au règlement communal concernant les cimetières. Il s'agit d'adaptations suggérées par la Direction de la santé, suggestions auxquelles le conseil communal fait droit.

**5 – Pacte Logement 2.0**
Le Pacte Logement 2.0 avec les communes a pour but d'augmenter l'offre de logements abordables et durables et vise une collaboration étroite entre l'Etat et les communes afin de soutenir la création de logements abordables et du-

rables au niveau communal, la mobilisation du potentiel foncier et résidentiel ainsi que l'amélioration de la qualité de vie dans tous les quartiers par un urbanisme adapté.
Une convention de mise en œuvre dans le cadre du Pacte Logement 2.0 a été conclue entre la Ville de Dudelange et le Ministre du Logement en 2023. Le présent avenant, soumis à l'assentiment du conseil communal a pour objet d'adapter la participation financière annuelle aux prestations du Conseiller logement. Après discussion, le conseil communal approuve à l'unanimité l'avenant du 10 février 2025 à la convention de mise en œuvre du Pacte Logement 2.0 conclu avec le Ministre du Logement et de l'Aménagement du territoire.

**6 – Projet de lotissement/morcellement – Rue an der Foxenhiel**
La société Terra G.O. de Contern, pour le compte du propriétaire des terrains, à savoir la société Gesim S.C.I. de Dudelange, a demandé un lotissement/morcellement de deux parcelles cadastrales longeant la rue an der Foxenhiel (numéro 25). Le lotissement/morcellement prévoit 6 parcelles cadastrales en vue de la construction de 6 maisons unifamiliales, dont 4 maisons en bande et 2 maisons jumelées. Ledit projet respecte les prescriptions du PAG et du PAP QE actuellement en vigueur. Le conseil communal marque unanimement son accord audit projet de lotissement/morcellement.

**7 – Pass Interrail Jeune**
Le conseil communal approuve unanimement le règlement qui fixe les conditions et modalités d'obtention d'un subside pour un « Pass Interrail Jeune », promouvant le transport en commun chez les jeunes de la commune. Un subside de 200,- € est ainsi accordé sous forme de bon à utiliser exclusivement par le bénéficiaire pour l'achat d'un « Pass Interrail Jeune » auprès de la Société Nationale des Chemins de Fer Luxembourgeois (CFL). Pour l'anniversaire de ses 18 ans, tout résidant peut bénéficier d'un bon Interrail. Les personnes concernées sont informées au début de chaque année calendrier par la Ville. La remise du bon Interrail se fait lors d'une cérémonie annuelle où les jeunes concernés peuvent récupérer leur bon. Le bon est strictement personnel et valable pendant deux années à partir de la date de délivrance. Le règlement entre en vigueur rétroactivement au 1er janvier 2025.

**8 – Office social**
Le conseil communal approuve à l'unanimité le décompte annuel de l'exercice 2023 de l'Office social de Dudelange, tel que soumis par le conseil d'administration de l'Office social et déjà approuvé par le Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil pour un montant de 10'889,46-, solde à payer par l'Etat.

**9 – Personnel**
Le conseil communal décide unanimement :
• de créer un poste d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du service éducation et accueil ;
• de créer un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif pour les besoins du service de nettoyage et de supprimer un poste de salarié, carrière A3, au même service ;
• de créer un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de la catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique, pour les besoins du service architecture et domaines et de supprimer le poste de fonctionnaire communal occupé, au moment du départ à la retraite de l'agent communal qui le revêt actuellement.

**10 – « Mise en conformité vun der Diddelenger Schoulorganisatioun mam Règlement grand-ducal vum 11. August 2011 (Plan d'Etudes) » - Motion soumise par la fraction « Déi Gréng »**
Le conseil communal est saisi par une motion soumise par la fraction « Déi Gréng » visant à mettre l'organisation scolaire des écoles fondamentales de la Ville en conformité avec le Règlement grand-ducal du 11 août 2011 fixant le plan d'études pour les quatre cycles de l'enseignement fondamental. Après délibération, le conseil communal invite le collège des bourgmestre et échevins, à l'unanimité des voix, de fixer le cadre légal prévu par le règlement susmentionné (contenu et nombre d'heures de sport dans les écoles fondamentales de Dudelange) dans l'organisation scolaire ; que le contingent de cours de sport, prévu au règlement grand-ducal susvisé, soit discuté avec la Direction régionale, les Présidents d'écoles et les comités d'écoles et présenté à la Commission scolaire ; d'informer la commission scolaire en amont de la séance du conseil communal sur la nouvelle organisation du sport scolaire et de demander son avis à ce sujet.

**11 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**
Les questions suivantes ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins :
• question « LSAP » – autorisations de bâtir – constructions de logements et installations photovoltaïques. Il est répondu à la question par le collège des bourgmestre et échevins séance tenante ;
• question « CSV » – Sourrire a.s.b.l. – maison 43, rue Ribeschpont. Le collège des bourgmestre et échevins déclare répondre par écrit à la question dans un délai d'un mois.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.



# GEMENGEROTSSITZUNG VUM 31. MÄERZ 2025

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dir hat jo schonns als Gemengerot d'Kommunikatioun kritt vun engem Jugement vum 14. Februar 2025 vum Policegeriicht vun Esch. Dat huet jo ze dinn effektiv mat enger Autorisation d'ester en justice, déi de Gemengerot dem Schäfferot ginn hat den 12. Mee 2024. Et handelt sech jo hei ëm en Immeuble an der Rue de la Libération, wou hannert dem Immeuble Parkplazen amenagéiert goufen an effektiv dat net konform war par rapport zu der Baugeneemegung. Doropshin hate mer jo déi Autorisation d'ester en justice hei am Gemengerot an de Gemengerot huet dem Schäfferot do gréng Luucht ginn. Dat hu mer gemaach an Dir hutt och d'Jugement kritt vum 14. Februar 2025, wou ganz kloer dra steet, datt d'Gemeng do effektiv Recht an hirem Virhabe kritt an datt am Fong déi concernéiert Leit, den Här an d'Madamm Här Garbay, déi Proprietäre sinn, dat och an de pristin état zerécksetze mussen. Wéi gesot, d'Jugement ass nach net rechtskräfteg, well de 24. Februar 2025 d'Partei Recours gemaach huet. Dat hat Dir jo och matgedeelt kritt, soudass mer da mussen ofwaarden, wéi dann de Recours ausgeet. Dat ass emol déi éischte Kommunikatioun.

Déi zweet Kommunikatioun, dat sinn och zwee Jugementer. Et ass jo e bëssen an engem anere Kader. Et ass am Kader vun der globaler Refonte vun eisem PAG, déi mer gemaach hunn, wou mer déi ganz Prozedur jo duerch haten an och de PAG, wéi gesot, a Kraaft getrueden ass. Dat war jo am Joer 2022. Do waren et d'Konsorten Tagliaferri, déi och par rapport zu engem Klassement vun hiren Terrainen an der Rue Gaffelt net domadder averstane war. Dat gouf jo klasséiert an de PAP Nouveau Quartier an si wollten et an de PAP Quartier existant kréien. Och si hu Recours geholl, unhand eebe vun der Decisioun, déi hei am Gemengerot geholl gouf. Och do hutt Dir gesinn, dass mer am Fong Recht kritt hunn am Virhabe vun der Gemeng. Hei lafen nach d'Delaie fir de Recours. Am Moment wësse mer nach net, ob d'Konsorten Tagliaferri Recours maachen oder net. Mee wéi gesot, hei huet d'Gemeng emol an enger éischter Phas gain de cause kritt. Dat selwecht gëllt mat engem zweete Jugement, och am Kader vum PAG. An der selwechter Approche, dat ass an der Route de Volmerange, wou eng Tankstell ass. Do hat den Tankstellebedreiwer, respektiv de Proprietär och ee Recours gemaach, well mer eng Bande de verdure imposéiert jo haten. Do dogéint ass hien, wéi gesot, och virgaangen. Och hei hu mer Gain de cause kritt. Mee hei lafen och nach d'Recours-Méiglechkeeten. Mir wëssen also de Moment nach net, ob effektiv hei Total wäert a Recours wäert goen oder net. Wéi gesot, dës Jugementer sinn nach net rechtskräfteg, mee mir wäerten lech dann do weider informéieren iwwert de Verlaf vun, dësen Dossier-judiciairë vis-à-vis vum Verwaltungsgeriicht.

Dann eng drëtt Informatioun, well ee reegelméisseg drop ugeschwat gëtt an am Fong wéineg driwwer kommunizéiert gëtt. Dofir kommunizéiere mer dann als Gemeng driwwer, obwuel am Fong éischter de Staat misst kommunizéieren, respektiv de private Proprietär oder de Promoteur. Dat ass an der Lëtzebuerger Strooss, en face vun engem Miwwelbuttek a vis-à-vis vun engem Supermarché. Do ginn Ausgruewunge gemaach an et gëtt ee jo effektiv oft drop ugeschwat, wat et mat deenen Ausgruewungen ze dinn huet an der Lëtzebuerger Strooss, an der Entrée vun der Rue Soibelkaul. Virop muss ee soen, dass et kee Projet elo direkt vun der Gemeng ass oder vum Schäfferot oder, wéi gesot, wou de Gemengerot gréng Luucht ginn hätt. Hei sinn am Fong Ausgruewungen, déi stattfanne vum INRA, vum Institut National de Recherche Archaéologique. Dat ass en Institut, deen dem Kulturministère rattachéiert ass. An et huet am Fong domadder ze dinn, dass hei am PAP Nouveau Quartier, 27A Helper Emilie, wat jo och am Schéma directeur vum PAG festgehale gouf, de private Promoteur amgaangen ass un engem PAP ze schaffen. Och ass do e Kontakt mat der Gemeng, dat heescht, datt dann eng Kéier och de PAP an d'Prozedur wäert goen, respektiv hei an de Gemengerot wäert goen.

Mee am Virfeld vun engem PAP, och op deem doten Terrain, respektiv op deenen zwou Parzellen, well dee PAP verleeft op zwou Parzellen, sou wéi dat och am Schéma directeur festgehale gouf. Op där éischter Parzell do gëtt gebaut, respektiv do ass schonn e fréieren Diddelenger Betrib gewiescht. Déi Parzell niewendrun, déi gehéiert enger Lëtzebuerger Supermarchésketten, déi zimmlech pickeg ass. Domat hunn ech net ze vill gesot an och keen Numm genannt. Mee de PAP leeft iwwert déi zwou Parzellen. An op där enger Parzell, wéi gesot, direkt op der Lëtzebuerger Strooss – Rue Soibelkaul ginn Ausgruewunge gemaach. Bon, do goufe Sondagë gemaach. An do gouf natierlech och en Diagnostik fonnt. Dat ass och esou wéi d'Gesetz et virgesäit. An da muss natierlech de Kulturministère hi goen an dann och Fouillen ordonnéieren, déi den INRA mécht. An do sinn natierlech och Vestigë fonnt ginn aus der Merovinger Zäit. Dofir sinn elo dann och d'Staatsbeamte vum INRA do amgaangen, déi Ausgruewungen ze maachen. A vläicht gëtt jo dann dat doten en neien Touristestanduert hei am Land a fir Diddeleng. Mir wëssen et net, on verra bien.

Mee op alle Fall just als Info, fir dann awer iwwert dëse Wee hei am Gemengerot d'Informatioun ze ginn, wat do vun Aarbechte gemaach gëtt. An natierlech, wann déi Sondagen, respektiv déi Ausgruewungen do fäerdeg sinn, da muss och e Rapport publizéiert ginn an deen ass dann och zougänglech an da kënne mer hei nach weider Informatiounen un de Gemengerot an och un de Public ginn.

Déi véiert Info, ech mengen dat hudd dir och scho matkritt als Gemengerot, dofir wëll ech nach eng Kéier kuerz hei ernimmen, dass d'lescht Woch jo d'Kommunikatioun komm ass vun engem Lëtzebuerger Familljen- an Traditiounsbetrib an der Librairie, datt d'Librairie Ernster, hir Dieren hei zu Diddeleng virun der Summervakanz wäert opmaachen. Ech mengen, dass dat eppes ganz, ganz Positives ass, wann e Lëtzebuerger Familljen- an Traditiounsbetrib decidéiert, dass Diddeleng e Standuert fir si ass. An ech mengen, dass dat net nëmmen eng Stäerkung ass fir den Diddelenger Commerce, fir d'Diddelenger Geschäftswelt, mee awer och fir Diddeleng als Kulturstad par excellence huet awer och dat Theema Librairie an d'Buch e ganz, ganz wichtege Stellewäert. Dëst gesot, mengen ech, hätt ech alles präisginn um Niveau Kommunikatioun, wat ech de Moment hei stoen hat.

## 2. VERKÉIERSREGLEMENTER

### 2.1. Ännerung vum allgemenge Verkéiersreglement – Reglementatioun vun der Rue des Ecoles

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci fir d'Wuert. Gudde Moien och vu mir, léif Kolleeginnen a Kolleegen alleguerten. An eiser Reunioun vum 29. Abrëll 2022,- ech weess et ass schonn eng Zäitchen hier, mee ech mengen Dir kënnt Iech awer trotzdeem nach erënneren, well do krut Dir hei am Gemengerot de Projet vum Reamenagement vun der Rue des Écoles an awer och vun der Rue de l'indépendance ronderëm d'Schoule Strutzbierg virgestallt an natierlech gouf deen deemools och hei gestëmmt. Den Avenant zum Verkéiersreglement fir d'Rue de l'indépendance, dee gouf och schonns hei gestëmmt. An zwar ass dat net grad esou laang hier, dat war de 12. Juli 2024.
An haut wëlle mer dann den Avenant eeben zum Verkéiersreglement fir de leschten Deel, nämlech fir d'Rue des Écoles stëmmen. Ech zielen eng Kéier d'Ännerungen op par rapport zum besteeënde Rapport, souwéi Dir se an der Deliberatioun och fonnt hat.

D'Rue des Écoles zwëschent dem Haus 37, Rue du Commerce an der Rue de l'indépendance gëtt eng Zone de rencontre. D'Parkplazen an de Busarrêt uewen an der Strooss bei de Gebaier A a B verschwanne komplett. An et ass dann och do verbueden ze parken. De Sens unique vum Parking uewe bei de Gebaier A a B, dee verschwënnt, d'Parkverbuet laanscht dat aalt Paschtoueschhaus, dat ass 14 Rue des Ecoles, fält ewech, well an enger Zone de rencontre dierf een eebe just do parken, wou och Parkplazen agezeechent sinn. An da gëtt d'PMR-Plaz ewechgeholl an déi gëtt op de Parking Rue du Commerce transferéiert, an dee gëtt jo och aktuell frëschgemaach. An d'Enn vum Chantier, ech mengen et ass dat, wat hei jiddereen am meeschte wäert interesséieren, dat ass elo mol fir Enn Mee virgesinn.

Fir de Site ofzespären, kënnt en amovibele Poller dohin, dee muss net reglementéiert ginn, dee gëtt awer gebraucht, fir dass net jiddereen eropfiert, fir säi Kand an der Schoul ofzeliwweren. Dee Poller ass kuerz nom Parking Commerce virgesinn, d'Awunner, d'Noutdéngschter an



d'Gemeng, déi kréien natierlech Accès fir dee Poller. An, wéi ëmmer, ass och eng Telefonsnummer drop, falls ee muss bei d'Schwämm a keen Accès hätt, mir kënnen deen dann à distance natierlech steieren. Mir haten dat Reglement do och an eiser Reunioun vun der Verkéierskommissioun, de 25. Mäerz hu mer dat virgestallt an och erkläert an et ass driwwer diskutéiert ginn. A falls ech elo eppes sollt vergiess hunn, net richteg erëmginn hunn oder falls vun Ärer Säit d'Froe sinn, ass de Pit Demuth, eise Chef de Service vun der Circulatioun, de Moie fréi natierlech och wéi ëmmer bei eis. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci, Claudia Dall'Agnol, fir déi doten Erklärungen. Si Froen oder Remarken dozou?

JEAN-PAUL GANGLER – CSV): Merci fir d'Wuert. Also op deem ënneschten Deel bei der Rue du Commerce, do kann ee jo nach hifueren, well do hunn ech gesinn, do ass e Kiss & Go agezeechent.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech kucke just nach eng Kéier an d'Ronn ob nach aner Froe sinn, an da schléisse mer et of. Dat ass net de Fall.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Bonjour, vu menger Säit gëtt et just eng kleng Ergänzung. Also, Dir hutt Recht, Här Gangler, op de Parking Rue de Commerce, bei déi nei Schwämm, kënnt eng Borne Kiss & Go, wou d'Eltere hir Kanner kënnen erausloossen. An et ass och déi leschte Kéier an der Verkéierskommissioun driwwer diskutéiert ginn, ob mer de Parking als Sens unique reglementéiere wäerten an noer Zukunft, dass d'Entrée dann ënne beim Coiffer ass, respektiv beim Kiné, an da fueren se uewen eraus, fir dass se dann och op der richteger Säit sinn, wou se kënnen erauskommen uewen an der Rue du Commerce vis-à-vis vum Vëlosgeschäft Schütz. Ech mengen, do ass et och ginn, dass ee gutt do eran- an erauskënnt, fir no lénks oder no riets ofzebéien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Wa soss keng weider Froe sinn, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Verkéiersreglement averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech Merci an da gi mer op dat nächst Reglement iwwer.

**2.2. Ännerung vum allgemenge Verkéiersreglement – Reglementatioun vun der Rue Ribeschpont**

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, elo komme mer zu enger Strooss, wou och scho méi dacks hei am Gemengerot an och op anere Plaze driwwer geschwat gouf. Ech schwätze vun der Rue Ribeschpont, méi speziell vum Stéck zwëschent der Näertzenger Strooss an der Schoul, eng Strooss am Sens unique, wou haut mat 50 Kilometer an der Stonn däerf gefuer ginn, an dat, wéi Der wësst, och deemools no laangen an zéie Verhandlungen, well eigentlech wollten déi staatlech Instanzen eis dat deemools net erlaben a wollten déi Strooss weiderhi bei 90 Kilometer an der Stonn loossen. Mam Ëmbau vun der Butschebuerger Strooss an dem CR 164, dee bis bei d'Rue de la Chapelle geet, ass awer elo en neie Moment, well et gouf an der Biergerversammlung och d'Demande, en Trottoir traversant an der Rue Ribeschpont ze amenagéieren, da wieren d'Iwwergäng eeben zu deene Säitestroossen op der ganzer Streck och uniform. Elo ass et awer esou, firwat den neie Moment? Ma jo, d'Ponts et Chaussées, déi erlaabt nëmmen esou en Trottoir traversant, wann d'Säitestrooss eng Tempo 20 kmh, eng Tempo 30 kmh oder eng Sakgaass ass. An dat ass elo eis Chance.

Mir hunn dowéinst bei der staatlecher Verkéierskommissioun nogefrot an endlech den Accord dann och kritt, op dëser Strooss d'Vitess ze reduzéieren, fir schlussendlech da kënnen deen Trottoir traversant ze maachen. An et soll een et net falsch verstoen, et soll een net mengen, si hätten elo onbedéngt hir Meenung hei groussaarteg geännert. Mee fir kënnen den Trottoir traversant ze maachen, sinn hir Reegelen eeben déi, wou se sinn. An dofir kréie mer dat doten dann och endlech erlaabt. Et goufen awer natierlech och Konditioune gestallt. Et geet net duer, nëmmen d'Vitess ze reduzéieren, mee et mussen nach zousätzlech Mesuren ergraff ginn. Bon, Dir kennt alleguerten déi aktuell Breet vun där Strooss, déi ass zwëschent 3,50 Meter a 4 Meter nëmmen. An dofir kënne momentan och do nëmme Bockele gesat ginn, sou wéi dat schonn um Enn vun der Strooss elo de Fall ass. Mir hu laang a breet och an der leschter Verkéierskommissioun hei driwwer diskutéiert, de 25. Mäerz 2025, a mir sinn eis do eens ginn, datt nom Vott vun der Reduktioun vun der Vitess, wat mer dann haut hei wäerte maachen, a wann alles bis ugeholl ass vun de staatlechen Instanzen, eis Servicer déi néideg Bockelen dann hei wäerten installéieren. Dat war et vu menger Säit. A wéi gesot, wann et vun Ärer Säit nach Froe sinn, dann ass de Pit Demuth jo natierlech nach ëmmer hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Claudia Dall'Agnol, si Froen oder Remarken derzou?

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci, Madamm Dall'Agnol. Ech kennen d'Äntwert, mee vu dass et eng ëffentlech Sëtzung ass an dat no baussen effektiv herno verbreet gëtt, kënnt Dir eis just eng Kéier kuerz preziséieren, wéisou mer keen Trottoir do gemaach hunn, a wéisou mer déi Strooss net kënne méi breet maachen, fir dass d'Leit och kënnen erop- an eroftréppele kënnen? Dat ass eng Fro, déi ëmmer erëm opkënnt an awer eng ganz prezis Äntwert dozou gëtt et net. Mee ech looss de Pit Demuth dorobber äntweren, dann hu mer eng ëffentlech Stellungnam dozou. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, ginn et nach weider Remarken?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, ech wollt elo scho bal op d'Äntwert agoen, déi déi lescht Kéier an der Verkéierskommissioun gesot gouf. Mee ech loossen dann d'Madamm Dall'Agnol dorop äntweren. Dat do war eng Laangzäitfuerderung, dass mer och gesot hunn, dat do wier flott, wa mer dat fir d'Mobilité douce kéinte méi attraktiv maachen, dass een tëschent dem Quartier Butschebuerg a Ribeschpont kéint zirkuléiere mat der Trottinett, zu Fouss oder mam Vëlo, dass dat elo duerch eng Drëssenger Strooss dann awer en Tick méi sécher gëtt an déi eng Richtung, dat erfreet eis. D'Äntwert, déi den Här Martini wäert kréien, stellt eis fir d'Zukunft och mol positiv an. A mir wollten och Merci soen, einfach nëmme fir d'Hartnäckegkeet bei där doter Strooss, fir d'Vitess erofzekréien, well mir wëssen aus deene sëllege Kommissiounen, dass dat doten net einfach war an dass och mir ganz oft derhannert waren an dass Dir an enger Situatioun waart, wou Dir Iech hutt missen erklären a soen, hei mir maachen awer schonn. Dofir wäerte mer dat heite ganz gären dann haut matstëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Sinn nach weider Froen oder Remarken? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech mengen, ech kann direkt dorop agoen. Bon, mir hunn dat an der Verkéierskommissioun en long et en large diskutéiert, dat sot ech. Dir fannt och alles normalerweis am Rapport vun der Verkéierskommissioun erëm. Bon, firwat mer et net méi breet kënne maachen. Ech hunn Iech gesot, wéi breet d'Strooss momentan ass. Dofir ass et och just e Sens unique, soss wär et warscheinlech deemools esouguer eng Zwourichtungsspuer gewiescht. Et ass och esou, datt déi Terraine lénks a riets eis iwwerhaapt net gehéieren. An dofir kënne mer net einfach déi Stroosse méi breet maachen. Dir wësst och, datt eng Rigoll do ass, also datt et e bësselche lénks a riets och erofgeet. Et ass och esou, datt déi Strooss an noer Zukunft iergendwann eng Kéier wäert mussen opgerappt ginn. Da muss ee kucken, wat do machbar ass an och kucken, wéi d'Proprietéitsverhältnisser sinn a kucken, ob een dann zu deem Zäitpunkt kann eppes do ënnerhuelen, fir déi méi breet ze maachen. Mee momentan ass dat heiten dat Bescht, wat mer erauskritt hunn.

Vläicht och just nach, mir hunn an der Verkéierskommissioun jo och driwwer geschwat gehat, ob mer elo sollen dräi Bockelen, siwe Bockelen oder aacht Bockele setzen. Mir soten, mir géifen eis emol op de Minimum eens ginn an da géife mer kucken, wa mer dann awer nach ëmmer géife feststellen, datt ze séier do gefuer gëtt, da kënne mer do natierlech nach norüsten. Mee wéi ech virdru scho sot a menger Introduktioun, dat ass wierklech dat eenzegt, wat mer momentan do kënne maachen, duerch de Gabarit, well deen näischt aneschters hiergëtt. An, jo, Pit Demuth, ech weess net, ob ech lo nach iergendeppes vergiess hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Claudia Dall'Agnol. Da wäre mer komplett an hätten alleguerten d'Äntwerte ginn. An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem heite Verkéiersreglement averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci. An och dem Pit Demuth Merci fir seng Presenz an och seng Erklärungen.



# 3. FINANZEN

**3.1. Ergänzung vum Kapitel 28 vum Allgemengen Taxereglement – Verkaf vun Drocksaachen, kommunalen Audio- a Videodokumenter an Art plastique**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Do ass en Ajout an eisem Règlement de taxe, dat ass jo éischter rare, dass mer hei d'Taxereglement adaptéieren, respektiv eppes nei bäifügen. Mee ech mengen, dat heiten ass eppes ganz Positives, well et geet hei ëm eng Tax, déi mer aféieren, 30 Euro, fir dass mer als Gemeng d'Vente kënne maache vun der Diddelenger Skyline. Mir hunn dat an Optrag ginn un déi franséisch Societéit The Line, wou een effektiv och déi verschidden Attraktioune vun Diddeleng gesäit, fir de Präis vun 30 Euro. The Line ass bekannt, well ganz vill Stied dohinner ginn, fir effektiv dann och hir Skyline ze maachen. Dat heescht, fir Diddeleng ass dat dann en Novum a mir sinn déi éischt Lëtzebuerger Gemeng, déi och an déi dote Richtung geet. An am Fong si mer e bëssen dann op Aenhéicht mat, jo, New York, Los Angeles, Paräis, Bréissel, Madrid, Roum, Lissabon, also Dir kënnt Iech se eraussichen, wann Der op den Internetsite gitt vun The Line, also dat ass au choix. Et gesäit een op där Skyline déi Haaptgebaier an déi Haaptelementer vun der Stad Diddeleng. Dat ass eng ganz filigran Silhouette vun Diddeleng. Dir hutt och en Exemplaire virun Iech leien, de Patrick Bausch kann et och eng Kéier kuerz ablenden.

Et si 50 Zentimeter an et sinn natierlech engersäits d'RTL-Fernsehsantenn, de Vewa, de Waassertuerm, d'Pommhaus, de Centre culturel opderschmelz mam CNA, d'Gemengenhaus, d'Sankt-Martinskierch, d'Galerie Neiliicht an de Mont Saint-Jean. Wéi gesot, dat heite gëtt a Frankräich fabrizéiert. Dat ass och natierlech e recycléierte Stol an déi Societéit, The Line selwer, déi mécht och alles, wat Dir och haut am Carton, deen FSC-zertifiéiert ass. An déi schafft awer och als Société à responsabilité sociale mat Kooperativen zesummen a mat Entreprises d'insertion. Do ass also och nieft deem ekologeschen e soziale Volet hannert deem ganze Projet, wat mengen deem Ganzen awer och nach eng grouss Wichtegkeet gëtt. Ech mengen, dass dat heiten e ganz flotte Kaddo ass, deen ee sech selwer ka maachen. Ech mengen, et ass fir all Diddelenger Haushalt engersäits flott, et kann een et awer och als Kaddo maachen, fir Frënn, wann een och iwwert d'Diddelenger Grenzen eraus Diddeleng wëllt visibel halen. Dat heiten ass deen éischten Exemplaire, deen et an där Form hei zu Lëtzebuerg gëtt.

An dann nach eng weider Info: Also, mir hunn och schonn 300 Exemplairë bestallt, wou mer och als Stad Diddelenger wäerten - wann de Gemengerot hei déi Tax stëmmt vun 30 Euro - hei am Gemengenhaus an der Receptioun, respektiv am Tourist Office verkafen. Wéi gesot, et muss een och soen, dass awer och schonn dat heiten, säit enger Zäitchen - mir hunn dat heiten elo ëmgesat als Gemeng - mee awer waren och schonn déi éischt Iwwerleeungen an de Käpp vun der Ekipp vun Diddeleng hélleft, wou effektiv jo och gekuckt ginn ass, kënne mer esou e Projet och ëmsetzen, wou dann Hand an Hand, wéi gesot, zesummegeschafft gouf. Wéi gesot, mir hunn elo 300 Exemplairë bestallt. Wann der net méi genuch do wären, géife mer dann natierlech nobestellen, mee The Line huet eis och matgedeelt, dass si am Fong d'Vente hei vun der Skyline och op hirem eegenen Internetsite wäerte maachen, fir 30 Euro, soudass een se och iwwert deen dote Wee ka kafen.

Also, wéi gesot, e flotten neie Moment mat der Skyline vun Diddeleng. Dat gesot, d'Diskussioun, wa Froe sinn oder Remarken, ass op. Dat ass net de Fall, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei dermat averstanen, dass mer d'Skyline vun Diddeleng fir 30 Euro den Diddelenger Biergerinnen a Bierger verkafen? ***Dat ass unanime.*** Do soen ech Iech villmools Merci.

**3.2. Approbatioun vun engem Akt mat der Gesellschaft mat beschränkter Haftung „FMC PROMOTIONS S.à r.l." fir d'gratis Cessioun vu sechs Terrainen an der Rue Anne Holtz, der Rue Triny Bourkel an der Rue Marion Hammang**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt iwwer goen, dat ass d'Cessioun vum ganze Stroosseraum am PAP A Bëlleg. Dat ass eng gratis Cessioun, Dir hutt den Akt och virleien tëschent der Societéit FMC Promotion Sàrl, hei vertrueden duerch den Här Elz an d'Madamm De Jesus Lopez an dem Diddelenger Schäfferot. D'Originn vun der Proprietéit, déi kënnt Dir noliesen. Ech mengen, et ass d'Societéit FMC Promotion, déi den Terrain deemools kaf huet. An déi Cessioun gëtt gemaach am Kader vun der Utilité publique. Also, et ass engersäits dee ganze Volet vun der Voirie publique. Et ass awer och d'Spillplaz, déi fäerdeg ass. An dat ass och an der Convention d'exécution vum PAP, déi och do drastoung. Et ass awer och de Bassin de rétention an och d'Grénganlagen. Dat ass natierlech am Stroosseraum d'Rue an Holz, d'Rue Trini-Buerkel, d'Rue Marion Hammong, also och e Quartier mat Fraennimm, souwéi mer dat jo och hei an engem Gemengerot festgehalen haten. An hei ass, wéi gesot, d'klassesch Situatioun, wou och d'Cessioun vum Stroosseraum an effektiv vum ëffentlechen Espace un d'Gemeng gemaach gëtt.

Also, hei si mer an der Exekutioun, wéi gesot, vum PAP an och vun der Convention d'exécution. Dat vläicht e bëssen iwwer de Kader hei vun där Cessioun. Hei awer och nach d'Info, déi kann net oninteressant sinn, un de Gemengerot, wéi et awer mam PAP A Bëlleg weidergeet. De Moment hunn ech effektiv als Buergermeeschter siwe Baugeneemegungen ausgestallt fir sechs Gebaier. Dat sinn am Fong 56 Appartementer an do ass och d'Crèche betraff, déi mer jo och als Gemeng kafe wéilten. An de Moment sinn och nach dräi notariell Akten amgaange fir Maison-unifamilialen. Ech wollt dat hei soen, well ee Moment virun enger Zäitchen hei am Gemengerot och gesot gouf, ech weess net méi wien et war, dass Wiesen Piront, dee jo hei baut, faillite wär, wou ech effektiv gesot hunn, dass ech näischt dovunner wéisst, well ech selwer jo eng Reunioun mat Wiesen Piront hat.

Ech mengen, et war d'Madamm Kayser, déi gesot hat an, wéi se dat gesot hat, hat ech zwee, dräi Deeg virdrun eng Reunioun mat Wiesen Piront, déi mer näischt dovunner gesot haten. Well wann dat gewiescht wär, hätten se mer et gesot. Mee, mengen ech, dat heite weist ganz kloer, wann ech Baugeneemegungen hei ausginn, dass dat loin de Fall ass, dass Wiesen Piront faillite wär. Duerfir awer nach eng Kéier hei, wéi gesot, ëmmer oppassen, wat een effektiv hei seet vis-à-vis vun enger Gesellschaft. Et weess een natierlech, dass an der Immobiliëbranche eng Rei Promoteuren, respektiv Baufirmen, faillite gemaach hunn an dat och emol an der Press stoung. Wat dëse Promoteur an dës Immobiliëfirma ugeet, ass dat net de Fall. Wéi gesot, haten se déi Baugeneemegung ugefrot. An ech mengen, wann een och iwwert de Site selwer geet, an deen ass jo accessibel fir d'Mobilité douce, do gesäit ee jo och, dass d'Aarbechten amgaang sinn.

Ech mengen, dat ass awer eng Info, déi ech hei dem Gemengerot wollt awer nach mat op de Wee ginn. An och, well ech dat net fair fonnt hätt. Dës gesot, dat war elo reng informativ, mee virun allem haut hei ass et am Fong den Acte de cession gratuite fir effektiv dann de Stroosseraum an déi ëffentlech Infrastruktur opzehuelen. Voilà, si Froen dozou, ass de Gemengerot domat averstanen? Da géif ech ëm Handzeeche bieden. ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci an da komme mer op deen nächste Punkt iwwer.

### 3.3. Approbatioun vum Devis fir d'Upaasungsaarbechte vun der Elektroinstallatioun an der Schoul Strutzbierg A

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci. Dir hutt hei den Devis virleie fir d'Installation électrique um Strutzbierg A. Et ass esou, dass mer bis elo ëmmer eng Mise en conformité virgesi vun de ganze Gebaier. Hei ass et awer esou, dass d'Elektresch an engem ganz schlechten Zoustand ass. Bei enger Kontroll ass dat gemierkt ginn an et ass esou, dass mer elo mussen d'Elektresch neimaachen. Ech mengen, d'Madamm Frast huet eis hannendru méi detailléiert alles opzielen, wat nei gemaach géif ginn. Ech mengen, si kann e puer Wuert dozou soen, mee ech mengen dat hei ass eng absolut Noutwendegkeet, datt mer hei d'Elektresch am Virfeld maachen, éier mer d'ganz Mise en conformité vun deem Gebai uginn. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Josiane di Bartolomeo-Ries, fir d'Erklärung. Si Froen zu deem doten Devis?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci, ech hu just eng kleng Detailfro. Am Devis steet, dass verschidde Leeschtungen net am Devis enthale sinn, „Revisiounsöffnungen in Decken und Schächten" a „feuerfeste Verkleidungen an vertikalen Schächten". Do wollt ech just froen, firwat dat net inclus ass? Maache mir dat selwer als Gemeng oder ass dat net néideg oder kommen do nach Käschten op eis duer oder net? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Fro.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci. Mir hätten am Fong eng Fro. Souwäit ech weess, ass keng Fotovoltaiksanlag elo op dem Daach. Vu datt mir hei dat ganzt nei maachen, ass virgesi wéinstens déi néideg Installatiounen virzegesinn, fir dat eventuell iergendwéini eng Kéier ze maachen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Sinn nach weider Froen dozou? Dat ass net de Fall, da géif ech eise Mataarbechter d'Wuert ginn, da kënnen si op déi Froen, déi technescher Natur sinn, äntweren.

LEXIE FRAST (SERVICE ELEKTRIZITÉIT): Villmools Merci. Zu där éischter Fro, ob déi Käschten do néideg sinn, dat sinn einfach Imprevuen, déi mir da selwer kënnen droen, respektiv eis Servicer. Wéi mir do gekuckt hunn, war elo néierens esou eng Noutwendegkeet do, well mer och d'Nische wëllen notzen, déi do sinn, do wëlle mer d'Ënnerverdeelunge verstoppen, fir de Charme vun deem ale Gebai awer do ze erhalen. Dat heescht, dat ass en Imprevu, dee mer eventuell hätten, mee wou eis Servicer da selwer kënnen drop agoen. Zu där zweeter Fro, mat der Fotovoltaiksanlag. Do hate mer elo viru Kuerzem, ech mengen 2022 oder 2023, den Daach neimaache gelooss. A leider ass et do net méiglech eng PV-Anlag dropzemaachen. Wéinst der Stabilitéit an och ass d'Gebai awer vu baussen denkmalgeschützt. Dat heescht, do kënne mer leider näischt maachen, mee mir hunn awer do am ganze Site scho gekuckt ob Méiglechkeeten do sinn, mee leider ass de Strutzbierg do net virgesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, Merci fir déi doten Erklärungen. Wa soss keng weider Froe sinn, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott géifen iwwergoen. Wien ass hei mat deem Devis averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An ech soen och eise Mataarbechter Merci fir hir kuerz an effektiv Presenz.

### 3.4. Approbatioun vum Devis fir d'Verleeë vun enger Reewaasserleitung fir den Uschloss vun der Schoul Balzeng un den ugrenzenden zukünftege PAP

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass en Devis, dee virläit iwwert e Montant vu 483.000 Euro an hei geet et am Fong ëm déi nei Reewaasserachs, déi

mer setze mussen. Ech mengen, dat ass e Projet, dee wichteg ass am Virfeld vum Bau vun der Schoul Balzeng, respektiv awer och am Kader vum PAP, deen direkt nieft der Schoul Balzeng ass, och wann dee PAP de Moment éischter am Standby ass an entwéckelt gëtt. Mee ech mengen, mir mussen einfach virauschauen, och schonn hei, wéi gesot, en vue vun der Schoul, déi gebaut gëtt. Ech mengen, do hu mer jo nach eng Kéier en informelle Gemengerot, respektiv ee formelle Gemengerot, dee jo geplangt ass, wou mer hei och dann de Bau vun der Schoul effektiv presentéieren an och zum Vott wäerte stellen.

Wéi gesot, wéi et mam PAP weidergëtt, wou jo eng Privatpersoun Proprietär ass, dat wësse mer nach net, mee dofir musse mer awer déi Reewaasserachs hei leeën. An dofir begréissen ech hei an eiser Ronn vum Büro Best Ingénieurs-Conseils den Här Hengen an d'Madamm Beck a vun eisem Service Gestion et Maintien du Patrimoine, eisen Ingenieur, den Nick Krumlovsky. Wéi gesot, mir hunn hei Kreditter virgesinn am Budget 2025 vun 150.000 Euro fir d'Schoul Balzeng a fir d'Etüde ronn 70.000 Euro. Dat Ganzt beleeft sech op 483.000 Euro a mir hunn natierlech an deene leschten Deeg nach, nieft dem Devis, deen an allen Detail hei dra steet, awer och eng kleng PowerPoint-Presentatioun virbereet, fir dat nach besser ze veranschaulechen, nieft dem Devis.

An dofir géif ech vläicht dann och hei dem Büro Best Ingénieurs-Conseils d'Wuert ginn. Da kënne si eng Kéier kuerz duerch den Devis, respektiv duerch d'Presentatioun féieren, fir dass et dann nach méi kloer ass. Mee ech mengen am Dossier selwer hat Dir sécherlech och schonn eng ganz Rei detailléiert Erklärungen iwwert de Verlaf. Voilà! Wanechgelift!

ALINA BECK (BÜRO BEST INGÉNIEURS-CONSEILS): Moien. Ja, wir planen eine Regenwasserachse für die Entwässerung der Schule Baltzing in Dudelange. Zuerst gehen wir auf die Relevanz vom Projekt ein, dann kurz auf die Detailplanung, die Projektkosten und wie wir jetzt weiter vorgehen können. Im Norden von Dudelange, da gibt es eine Baufläche, die auch laut PAP als Baufläche ausgewiesen, und dort soll die Schule erweitert werden. Der Bereich befindet sich zwischen der Rue de Hellange, der Rue Pasteur, der Rue Theodor Thill und der Rue Robert Schuman. Da macht die Detailplanung ein anderes Büro, WW+ mit Schroeder et Associés, und das Regenwasser soll getrennt vom Schmutzwasser abgeleitet werden. Hierzu sehen wir eine Regenwasserachse vor, die geht vom Bereich der Schule über die Rue Robert Schuman zur Rue de Hellange. Wir bauen etwa 105 Meter DN-400-Kanal und 80 Meter DN-300-Kanal. Die Bauzeit beträgt etwa zwei Monate für den Bereich in der Rue Robert Schuman und ungefähr zwei Monate für den Bereich in der Rue de Hellange.In den jeweiligen Strassen haben wir Regelquerschnitte erstellt. Die Baugruben werden zwischen 1,50 Meter und 4 Meter tief und ungefähr bis zu 1,50 Meter breit.

Wir haben die Projektkosten ermittelt. Für die ganze Regenwasserachse inklusive der Nebenkosten werden ungefähr 483.000 Euro erwartet. Der Regenwasserkanal, den wir hier bauen, der kann zu 33 % von der AGE bezuschusst werden auf den Montant éligible. Heute ist die Präsentation hier im Gemeinderat, im Anschluss, falls das Projekt positiv gestimmt wird, können die Subsidien beantragt werden, da dauert es dann ungefähr sechs bis acht Monate bis die eingehen, und im Anschluss kann man die Ausschreibung beginnen. Dann wäre der Baubeginn an, wie gesagt, ungefähr vier Monate Bauzeit. Gibt es Fragen dazu?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci fir d'Presentatioun. Ech mengen déi dote kënne mir Iech och nach zoukomme loossen. Effektiv kënne mer Iech et an den Dossier dobäileeën. Ah, et ass schonn drop, maja, tant mieux, dann hat Dir jo och d'Méiglechkeet et ze gesinn. Dofir Merci nach eng Kéier Merci fir d'Presentatioun a wann elo Froen oder Remarken dozou sinn...

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Ech hu fir d'éischt e puer Froen un de Schäfferot an dann un de Bureau d'études effektiv. Et stëmmt, dass mer e relativ detailléierte Rapport an en detailléierten Devis dës Kéier kruten, dofir villmools Merci. Par contre, d'Pläng vun deem Projet, déi awer Partie intégrante vun deem Dossier sinn an op déi sech eigentlech am Rapport beruff gëtt, déi hate mer net zur Verfügung. Dowéinst hat ech effektiv och nogefrot fir déi Pläng ze kréien. An ech krut och gesot, dass mer déi géife kréien. An den Dag drop krute mer och e Mail, wou stoung, dass dann déi Presentatioun an d'Pläng mer kritt hätten. Bon, ech hat mëttwochs gefrot, donneschdes war ech leider krank a konnt net kucken, freides hat ech aner Verflichtungen. Ech hunn elo de Weekend gekuckt. Do hate mer effektiv déi dote Presentatioun, wou Extraite vu Pläng drop sinn, awer net d'Pläng selwer.

Ech muss awer soen, dëse Projet, virun allem den Devis anzeschätzen, wann een net d'Pläng huet, wou een awer och Detailer ka kucken, well bei deem heite Projet geet et awer op Detailer un, ass  e bësse schwiereg. Dowéinst hunn ech mech gefrot, firwat mer déi Pläng net kruten, déi awer Partie intégrante vun deem Dossier hei sinn? Well ech hunn se nämlech net just gefrot, fir se ze hunn, mee ech hunn se gefrot, well ech effektiv dann och Froen un de Bureau d'études hunn, déi e ganz detailléierte Rapport geschriwwen hunn. An do steet ënner anerem dran, dass mer kéinte Schwieregkeeten hu mam Kräize vum neie Reewaasserkanal par rapport zum existente Mëschwaasserkanal, well déi relativ no mat den Niveauen iwwertenee leien. An do hutt Dir ënner anerem geschriwwen „Für die Ausführungsplanung wird eine Kamerabefahrung inklusive der Befahrung der Anschlussleitungen empfohlen."

Dat heescht, ech hunn dat esou verstanen, dass mat der Kamera solle genau d'Niveaue kontrolléiert ginn, fir dann herno ze plangen, ob dat opgeet oder net? Dat ass emol eng Fro, ob ech dat richteg verstanen hunn? Wa jo, hunn ech nämlech déi Aarbechten net am Devis fonnt. An och falls sech sollt bestätegen, souwéi et jo awer ausgesäit och op de Coupen, dass mer net sollte laanschtenee kommen, déi ganz Deviatiounsaarbechte vun de Reseauen, fir dann awer laanschtenee ze kommen, ass dat alles schonn am Devis mat abegraff, dat hunn ech nämlech och net esou fonnt? Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. Si soss nach weider Froen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech hat am Fong geholl e bëssen déi selwecht Fro wéi d'Madamm Thoma. Ech hat dat och gesi gehat, dass et do e bëssen e Problem gëtt op verschiddene Punkten, besonnesch mat der Post an der Hellenger Strooss, wou iergendwéi warscheinlech d'Reewaasserleitung da muss ënnendrënner geluecht ginn. Ass dat grav? Ass dat problematesch? Also esou wäit wéi Dir dat elo kënnt aschätzen, oder? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech wollt just kuerz eppes aneschters froen, well och gesot ginn ass, den zukünftege PAP- wéi hatt Dir gesot, deen ass am Stand-by. Ass do keen neie Moment zum Beispill och fir eis, fir d'Gemeng, dass mer vläicht do Terrainen zousätzlech kafe kënnen, fir - ech weess net wéi wäit elo deen neien Stand-by ass a wat dat heescht, ob dee Projet dann awer tel quel soll ëmgesat ginn oder ob mir Interêt hunn, vläicht do Terrainen ze kafen, fir eis Schoul e bëssen ze erweideren, well dat war jo e bëssen e Knackpunkt och gewiescht mat där Wiss hannendrun. Dat ass just eng Intressifro, well Dir dat grad elo erwäänt hat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): OK, Merci. Gutt, wa soss keng weider Froe sinn, da géif ech d'Wuert mol zeréckginn un den Här Krumlovsky, respektiv och un de Büro Best Ingénieurs-Conseils, wat engersäits d'Pläng respektiv déi technesch Detailer ugeet. Do kënne si Iech jo sécher nach Informatioune ginn. An der Madamm Kayser äntweren ech dann.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDELENG): Jo, gudde Moien. Also, et ass esou, d'Kamerabefuerung, déi gëtt gemaach fir den Zoustand vum Kanal ze kucken, an dat ass och gemaach ginn, och vum Mëschwaasserkanal, mir kréien do awer net den Detail eraus. Mir wëssen zwar d'Héicht, wou d'Waasser leeft, mee mir wëssen awer net, ob zum Beispill de Bëtong ronderëm e Rouer gemaach ass oder net. Mir hunn an der Route de Hellange Prouflächer gemaach fir ze kucken, ob mer laanschtkommen. Et huet sech op deene Plazen zu deem Moment och erginn, dass et funktionéiert. Duerfir hu mer den Tracé och esou ugeholl. Et ass natierlech esou, et gi keng Pläng, déi exakt sinn, wou ee genau weess, wéi déif de Rouer läit a wou ee genau d'Deckung vum Rouer huet. Dat ass ëmmer esou am Stroossebau, dat ass e bëssen den Challenge. Duerfir sinn och elo keng Pläng derbäi, déi esou detailléiert si bis op dee leschten Zentimeter, fir ze wëssen, op dee Rouer elo e bësse méi riets oder e bësse méi lénks leie kënnt. Dat ergëtt sech eréischt wann d'Strooss opgerappt gëtt.

An da kënnt nach en zweete Punkt dobäi. Mir haten deen ursprénglechen Tracé anescht geplangt. An do hu mer och Prouflächer gemaach. Dat ass duerch d'Flemmingstrooss gaangen. Do ass néierens méi Plaz. Dat ass e bëssen de Challenge. Mir hunn e Chauffage urbain, mir hu Gas, mir hu Waasser, mir hu Creos, mir hu Multitubulairë vun der Post do leien. An dat mécht eis d'Saach net méi einfach fir den Tracé ze fannen. Dat ass elo déi eenzeg a lescht Méiglechkeet, wou mer hunn, fir d'Reewaasser kënnen unzeschléissen. Dat muss och funktionéieren. An da muss och funktionéieren. Mee nach eng Kéier zeréck op de Projet, also op déi Fro, déi gestallt ginn ass, mat der Kräizung, do wou de Reewaasser- de Mëschwaasserrouer kräizt, do hu mer ebe just dat Prouflach gemaach, ebe fir sécher ze sinn, dass mer net da baggere bis just virdrun an da geet et net. Dat ass och gekuckt ginn. Dat geet awer op där Plaz.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Also, ech verstinn, dass mer keng exakt Pläng hu vum Existant, mee also ech hunn d'Pläng vum Projet gefrot, an déi gëtt et jo, dat do si jo Extraiten, mir hu just net déi ganz Pläng kritt, wou een dann och d'Detailer gesinn hätt. Dat ass dat eent. An dat anert, OK, dat heescht mir ginn, vun de Sondagë gi mer dovun aus, dass et fonctionéiert. Falls et elo plazeweis net sollt fonctionéieren, hu mer da genuch Reserven am Budget virgesinn, fir dass mer déi néideg Aarbechten dann och kënne maachen? Net dass mer awer dann an zwee Joer nees en Devis remanié musse stëmmen.

NIC KRUMLOVSKY (INGENIEUR VUN DER STAD DIDDELENG): Also de Budget, deen ass esou zesummegesat, dass deen Tracé, wéi mir elo ugeholl hunn, dass dat funktionéiert. Wann elo iergendeppes dertëschent kënnt, wat mer net wëssen, mir kënnen de Budget jo och elo net rechnen, wéi wann eppes dertëschent wär, dann hu mer en duebel esou deier oder en Drëttel méi deier, dann hu mer duerno Suen ze vill. Deen heite Budget ass esou gerechent ginn, dass den Tracé funktionéiert an dass mer och laanscht kommen. Wann elo wierklech e ganz groussen Imprevu kënnt, dann ass et richteg, da geet de Budget net duer. Mee dat ass ëmmer esou am Liewen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Da kommen ech op deen nächste Punkt. Dat ass effektiv d'Fro vun der Madamm Kayser, par rapport zum PAP. Den Neibau vun der Schoul Balzeng fënnt jo eebe statt, well mer jo Proprietär ware vun der Wiss. A mir hate jo dee ganze Biergerbedeelegungsprozess. Dir wësst jo also, dass deen Deel, wou mer elo d'Schoul bauen, an enger BAP-Zon ass. Deen Deel, wou de PAP concernéiert ass, dat ass klassesche Bauterrain. Well Dir sot, wëllt Dir net deen Terrain do kafen, wou de PAP ass, fir d'Erweiderung vun der Schoul. D'Erweiderung vun der Schoul fënnt jo statt, well mer deemools Reserven do haten um Niveau vum Terrain, deen an eng BAP-Zon klasséiert ass. An dofir kënne mer jo iwwerhaapt den Neibau vu Balzeng maachen. De PAP en tant que tel, et gëtt jo nach guer kee PAP. Et ass nach guer kee Projet. Et ass nach näischt an der Prozedur. De Gemengerot ass net domadder befaasst ginn. Do goufen et jo Iwwerleeungen. Dofir däerf een elo net hei d'Conclusioun erabréngen andeems ee seet, wou ass de PAP drun? Well et ass iwwerhaapt nach guer net an eng Prozedur geschéckt ginn. Ech mengen, do goufen et éischt Iwwerleeungen, fir effektiv do e Projet ze maachen, wou Privatleit Proprietär vun deem Terrain deementspriechend sinn.

Dat eenzegt, wat ech, ka soen, dass de Moment säitens vun der Gemeng keng Bestriewunge ginn, well viru Jore

ware mer un d'Proprietären erugetrueden als Gemeng an deelweis souguer eis als Partner mat an d'Boot geholl haten d'SNHBM. Mee d'Virstellunge wat de Präis vum Terrain ugeet, wieren esou gewiescht, dass d'Gemeng präisdreiwend hei ganz kloer agéiert hätt. An ech mengen dofir hu mer och dovunner ofgelooss. An ech mengen, och d'SNHBM huet virun deene Präisser kapituléiert. Da wësst Dir jo schonn, wou d'Rees deementspriechend higeet. Mee wéi gesot, et ass als PAP ausgewisen. A wann do en neie Promoteur wëllt kommen, fir deen nei ze entwéckelen, kann dat ganz gäre maachen. Do sti mir natierlech och berodend zur Säit, wat mir dat och bei deene viregte Projete gemaach hunn. Mee de Moment gëtt et do keng volontaristesch Approche vun der Gemeng, fir Proprietär vun deenen Terrainen ze ginn, well se vill ze vill deier sinn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Äntwert. Ech hunn déi Fro och gestallt, well eeben och d'Bierger dobaussen an déi Richtung op eis zoukomm sinn, ma firwat huet d'Gemeng dat dann net kaaft? Also, ech wosst d'Äntwert am Fong schonn, mee et war awer vläicht och gutt fir, wéi gesot, dat och eng Kéier kloer hei no baussen ze kommunizéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Wann d'Bierger dat och gesot hunn, soen ech och haut hei am Gemengerot näischt aneschters, wéi ech och am Kader vum Biergerbedeelegungsprozess, wou mer mat den Anrainer haten, och scho gesot hunn. Also et ass an deem Sënn och keen neie Moment. Voilà. Dëst gesot géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Devis averstanen? ***Dat ass net unanime, dat sinn d'Stëmme vun Déi Gréng, d'LSAP, d'CSV, ADR, DP. Wien enthält sech? Déi Lénk.*** Voilà. Villmools Merci. An och Iech villmools Merci fir Är Presenz an d'Erklärungen.

**3.5. Approbatioun vum Devis fir d'Erweiderung vum Vestiär um éischte Stack vum Gebai „Foyer Diddelfamill"**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, voilà, villmools Merci. Mir hunn hei den Devis virleie fir am Foyer Diddelfamill d'Vestiären ze vergréisseren. Ech mengen, Dir wësst alleguerten, datt dat Gebai eis gehéiert an uewen d'Vestiäre relativ kleng waren. An duerfir wëlle mer elo hei- Dir hutt den Detail virleien- déi Vestiäre vergréisseren. Dir hutt och d'Pläng virleien an do gesäit een och genau wat ewechgeholl gëtt. Mee ech mengen den Här Joël Freitas ass elo bei eis, dee kann eis vläicht dozou nach méi Detailer ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Josiane Di Bartolomeo-Ries. Si Froen oder Remarken zu dësem Devis? Neen, dat ass net de Fall, da kënne mer doriwwer ofstëmmen. Wien ass domat averstanen? ***Dat ass unanime***, villmools Merci.

**3.6. Approbatioun vum Devis fir den Amenagement vun de Schoulraim vum Modulbau vun der Schoul Brill fir d'Integratioun vun enger Maison Relais**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Wéi gesot, ech begréissen an eiser Ronn hei de Joël Freitas vum Service Gestioun an Entretien vun de Gemengegebaier an den Erni Hoffmann aus dem Service Educatioun an Accueil, an da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen, an dat ass am Brill eise Modulbau.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Ech huelen eng Kéier ganz kuerz aus, ech mengen Dir wësst alleguerten, datt mer Containeren am Brill stoen hunn, déi mer elo gebraucht hunn, fir d'Mise en conformité vun der Schoul Brill. De Moment sinn an deene Containere siwe Klassesäll an een, dee gedeelt war, fir zwee Apuissäll am Gebai ze hunn. Elo ass et jo awer esou, datt mer wëssen, datt déi Aarbechten am Brill zum Enn kommen, datt déi iwwert de Summer wäerten ofgeschloss ginn. Déi lescht Klassen, déi elo nach am Container sinn, déi wäerten elo iwwer d'Ouschtervakanz zeréck plënneren an hiert Gebai. An dann ass et esou, ab der Rentrée huele mer dann déi Kanner, déi de Moment an de Klasse sinn um Balzeng an och an der Maison Relais, déi wäerte mer dann eriwwerhuelen an d'Containeren. Dat si véier Schoulklassen a 36 Kanner, déi an der Maison Relais sinn.

Fir dat ze maachen, fir iwwerhaapt en Agrement ze kréien op deem Gebai, mir hunn en Avis jo och scho kritt, wéi vill Plaze mer ongeféier géife kréien, dat läit tëschent 75 an 80 Kanner, an elo géife mer dann och d'Maison Relais amenagéieren. An deementspriechend, Dir wësst jo, datt mer ëmmer Handlungsfelder hunn, a fir do den Agrement ze kréien, musse mer dat och deementspriechend amenagéieren. Dann ass et awer och esou, an dat gesitt Dir och, mir haten uewenop jo nëmmen dräi Klassesäll, vu que datt mer awer véier Klasse vu Balzeng eriwwer huelen, ass et esou, datt mer déi Trennung, wou déi zwee Appui-Säll, déi waren esou amenagéiert, datt een den Appui konnt maachen an elo d'Trennung ewechhëlt an dann e weidere Klasseraum do huet. Voilà, dat Ganzt ass e Budget vun 190.000 Euro, mee ech mengen den Här Freitas a vläicht den Här Hoffmann, dee kann eis dozou méi Detailer soen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci.

JOËL FREITAS (GESTIOUN AN ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGEBAIER): Jo, u sech ass, wéi gesot, virgesi fir d'Schoul Balzeng, et sinn déi véier Klassesäll op dem éischte Stack an de Rez-de-chaussée, fir u sech déi véier Klassesäll, déi am Moment als Klassesäll fonctionéieren, fir dann eng Maison Relais. Mir hunn u sech en Agrement fir 76 Kanner, do kann een u sech dovun ausgoen, plus ou moins d'Hallschent kënnt aus der Schoul Balzeng an déi aner Hallschent ass d'Schoul Brill. Et ass u sech de Rez-de-Chaussée mat deene véier Klassesäll, déi ëmgebaut ginn. Dat heescht, engersäits eng Kéier den Iessraum an dann hu mer dräi Klassesäll, déi iwwert d'Handlungsfelder an u sech an Zesummenaarbecht mam SEA ausgeschafft ginn ass, fir en neie Mobilier eranzebréngen. Aktuell ass et esou, dass déi véier Säll als Klassesäll fonctionéieren an haaptsächlech elo mam Mobilier u sech d'Ëmfunktioun gemaach gëtt, bis op den Iessraum, wou do dat eent oder dat anert baulech nach muss ugepasst ginn.

Do gesäit een u sech déi eenzel Handlungsfelder, de Multifunktiounsraum, de Kreativraum, an da kënnt op der nächster Säit de Bau- an de Rollespillraum an den Iessraum. Dat ass den éischte Stack, dee wäert da weider als Klassesäll fonctionéieren, dat heescht, déi véier Säll plus de Sanitärberäich. Fir de Bausseberäich ass och virgesinn am Kader vum Agrement, dass en Deel bausse Spiller bäikommen, do waren och Spiller virgesi gewiescht am Kader vun der Schoul, déi hunn awer missen ewechgeholl ginn, wéi de Containerbau installéiert ginn ass.

Zum Devis ass et esou, et ass virgesinn, um Elektreschen Upassungen ze maache fir d'Baion-marien, kal a waarm. Et ass de Raccordement un Alarmis virgesinn, dat ass eng Demande, déi mer vum CGDIS hunn, dat ass fir 15.000 Euro, do muss nach eng Tranchée gemaach ginn, fir dass mer kënnen eng direkt Leitung leeë fir d'Post. Dann hu mer d'Amenagement fir Baussespiller fir 17.000 Euro, d'Installatioun vum Buffet kal a waarm, mam Frigo fir 32.000 Euro, an d'Amenagement vum Mobilier an de Büro vum SEA fir 70.000 Euro, an dann ass et esou, dass am Iessraum de Plaffong ersat gëtt duerch en hygieenesche Plaffong, dat wier nach eng Kéier fir 12.000 Euro, an dann hu mer „Divers et Arrondis" fir 13.000 Euro, dat heescht am Ganze 490.000 Euro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, villmools Merci fir déi doten Erklärungen, déi ech och den Abléck ginn an déi ganz Envergure vun den Ëmbauaarbechten an elo ass d'Diskussioun op.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, deen Term Plafond hygiénique interesséiert mech, wat kann deen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Merci fir d'Erklärungen. Ech hu just eng, zwou Froen. „Aménagement d'immobilier pour les salles et bureaux", dat ass e relativ décke Poste, 70.000 Euro. Mee mir hu jo awer och scho Mobilier do gehat, deelweis. Dat war jo dann zwar e Klassesallsmobilier. D'Fro ass: Wat maache mer mat deene Miwwelen? Wou kommen déi hin?

Zweet Fro. Mir hunn elo en Agrement fir 76 Kanner fir d'Maison Relais. Wéi gesot sinn et der circa 36, déi eriwwer kommen aus Balzeng. An do huet et geheescht, de Rescht ass fir d'Kanner aus der Schoul Brill, mer wëssen, dass mer Problemer haten, fir en Agrement ze kréien. Wolkeschdall, ass du ugeduecht, dass zum Beispill déi Kanner dohinner kommen? Oder wéi maache mer soss d'Selektioun? Wéi eng Kanner kommen do an dee Container a wéi eng ginn an déi aner Maison Relais? Dat ass jo dann d'Schwämm, déi zoustänneg ass fir d'Schoul Brill.

Dann eng aner Fro: Dir hutt gesot, et kënnt e Baussespill bäi an de Schoulhaff. Dir wësst, dass do och d'Elterevereenegung dohannert ass, fir dee Schoulhaff e bëssen ze amenagéieren. D'Josiane Di Bartolomeo-Ries laacht schonn. Mee do kommen aner Demanden, mengen ech, wéi elo nach en neit Spill. Dofir ass och vläicht d'Fro, e Spill, et kann ee lo net sech virstellen, wat dat soll sinn? Da kann ee vläicht nach eng Kéier e klengen Detail kréien. An dann awer eng Iwwerleeung, déi vläicht awer e bësse pertinent ass. Aus der Schoul Balzeng kommen se zur Spillschoulsklass, en Éischt- an en Zweetschouljoer eriwwer.

A mir wësse jo awer, am Brill sinn explizitt d'Spillschoulskanner an dee klengen Haff gesat ginn, fir dass se net iwwerrannt gi vun deene Groussen, déi da mam Ball spillen oder wat weess ech. Wéi ass do d'Iwwerleeung? Firwat ass déi Iwwerleeung net gemaach ginn, dass mer d'Spillschoulskanner zum Beispill och an d'Briller Gebai setzen? An da kënnen déi och an dee klenge Spillschoulshaff goen.

An dass mer dann eng aner Klass aus dem Brill eriwwer huelen, zwou aner Klassen an de Container. Well soss ass d'Grondiddi am Fong vum Briller Schoulhaff, dee gedeelt ass, de Spillschoulsschoulhaff an de grousse Schoulhaff jo am Fong net ginn. A wa mer elo soen, majo, déi Kleng ginn awer och eriwwer an dee klenge Spillschoulsschoulhaff, jo, wéi maache mer do, da gëtt dat jo esou wéi eng kleng Pressessioun all Paus, fir een dann eriwwer ze bréngen an deen anere Schoulhaff, aus der Sécherheet hier, dat war jo d'Iwwerleeung am Fong och fir dee klenge Spillschoulsschoulhaff awer fir déi Kleng och parat ze halen. Do si vläicht e puer Iwwerleeungen, vläicht kënnt Der eis do deelhuele loossen un Ären Iwwerleeungen. Voilà, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Merci och fir déi Presentatioun. Mir haten e puer Froen, wou et net ganz kloer war am Text, explikativ am Fong, par rapport zu der Offer. Ech muss soen, mir hunn net richteg verstanen, sinn déi 190.000 virgesi just fir ee Stack oder ass et wierklech fir déi zwee Stäck? Well wann een den Detail kuckt, géif ee mengen, datt et just fir de Rez-de-chaussée wier. Mee wann een dann erëm d'Pläng kuckt an 3D kuckt, ass et erëm dat Ganzt. Wéi gesot, dat wier just eng Verständnesfro, déi mer do hätten.

An eng aner Fro wier, wësse mer schonn, wat geschitt, wann déi Klassen do iergendwéi eng Kéi erausplënneren, mat de modulabele Moduller am Fong? An dat anert ass, wat de Budget ugeet, fanne mer et ganz, ganz interessant, datt mer hei op eng modular Aart a Weis wäerte bauen, well et huet vill Virdeeler, ënner anerem och ekonomesch Virdeeler. Den Ëmweltimpakt ass natierlech vill manner. A vun den Delaien hu mer eng gewëss Garantie, fir sécher ze sinn, datt mer an där Zäit, wou mer plangen, datt dat wäert och geschéien. An deem Sënn ass et wierklech en Ustouss, fir ze soen, mir sollen och méi oft einfach un esou eng Bauweis denken.

Wat déi Schoul elo konkreet ugeet, wat d'Organisatioun ugeet, hätte mer dës Fro: Ass et och virgesinn, datt de Cycle 1 bis op den éischte Stack eropgeet, well u sech, wann een eropgeet op den éischte Stack fir d'Klassesäll, sinn d'Träppleken oft méi héich wéi dat, wat virgesinn ass. Dat ass vläicht e bësse méi eng technesch Fro. An dofir hu mer eis gefrot, ob de Cycle 1 och eropgeschéckt gëtt? An dat anert ass, mee d'Madamm Kayser huet dat gefrot, mat der Organisatioun vun der Paus, wann elo méi Säll kommen, wéi dat Ganzt organiséiert gëtt. Mee dorop ass d'Madamm

Kayser schonn agaangen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Bon, ech hat am Fong geholl och déi selwecht Fro zum Plafond hygiénique. Ech war e bësse verwonnert, dass an engem Raum, wou net gekacht gëtt, esou e Plaffong installéiert muss ginn. Ass dat nei oder hu mer dat och scho missen op aner Plazen, wou net gekacht gëtt, scho missen norüsten oder Plaffongen ersetzen? Bon, wéi gesot, normalerweis gëtt dat just am Professionelle gemaach. Ech hu mech e bëssen do schlau gemaach. Bon, ech muss awer am grousse Ganze zu deem Projet soen, dass dat eng immens gutt Saach ass, dat doten, dass mer elo en Agrement do kréie vu plus minus 75 Plazen. Ech mengen, dat bréngt jo awer e gewëssene Virdeel och schonn éischtens mol fir d'Kanner vu Balzeng. Also, déi Waardeléscht, déi schrumpft dann nach. Et ass vläicht elo keng ganz grouss do, mee egal. Ech mengen, deen Agrement war jo elo, wéi den Erni Hoffmann mer nach confirméiert hat, op 36 Kanner limitéiert. Dat heescht, elo kënne mol 40 Kanner, déi ageschriwwe sinn, direkt schonn dovunner profitéieren.

En plus hu mer dann nach déi 35 Kanner aus dem Ressort Brill. Ech mengen, virdrun ass gesot ginn, wéi mer déi opdeelen. Ech mengen, dat wäert kee Problem ginn. Et muss ee vläicht just kucken, dass een se eventuell den Alteren no beienee setzt. Dat ass vläicht méi einfach elo. Dat muss ee mat der Maison Relais Schwämm vläicht eventuell och kucken, et ass jo ee Ressort, fir dat do op dee Wee ze kréien. Bon, ech mengen d'Eltere sinn awer frou, dass d'Waardeléscht erëm fir eis erofgeet. Mee mir sinn och frou, den Drock läit och da manner op de Service. An dat bréngt jo awer och immens vill Virdeeler och fir eis. Fir eis a fir d'Eltere.

Bon, da muss een awer och soen, d'lescht Joer hate mer schonn zur gläicher Zäit iwwert de Projet vun der Reorganisatioun Gaffelt geschwat, wou mer och en Agrement och vu fir d'éischt emol siechzeg Plazen am Fong geholl ugeduecht haten. An herno hu mer der awer 70 kritt. An do hat ech jo gesot gehat, dass dee Budget do vun 300.000 Euro schonn immens gënschteg war, gellt, dat war jo awer schlussendlech dann esou tëschent 4.000 a 5.000 Euro pro Chaise, wat jo extreem wéineg ass, dat wësse mer jo aus der Vergaangenheet. Mee dës Kéier iwwertreffe mer déi jo dann nach, mat 190.000 Euro, déi mer elo investéieren hei fir 75 Kanner, da komme mer op 2.500 Euro, ech mengen, dat ass jo awer sou bëlleg, do solle mer eis freeë fir esou en Devis, wéi deen heite kënne matzestëmmen. Voilà, also eng gutt, ganz gutt Saach. Natierlech stëmme mir deen Devis do mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Zuang. Wa keng weider Fro méi sinn, da géif ech d'Wuert un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, respektiv un de Joël Freitas an den Ernest Hoffmann ginn.

JOËL FREITAS (GESTIOUN AN ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGEBAIER): Zu där Fro mam Plaffong. Bon, et ass u sech esou, dass an deem Raum, wou d'Bain-marië hi stoe kommen, do ass eng Lëftung virgesinn, mee do ass keng u sech, soen ech emol, fir dee ganzen Donst, deen, wann d'Bain-marië moies ugemaach ginn, dat heescht dat hëtzt jo dann op, a fir deen Donst opzefänken, ass déi Lëftung u sech net geduecht. Wa mer elo dee mineralesche Plaffong, deen aktuell dran ass, dat hate mer och scho bei anere Gebailechkeeten, dann ass et dann esou, datt déi d'Waasser, dat heescht déi ganz Fiichtegkeet ophuelen a mat der Zäit misst een dann dee Plaffong neimaachen. An doduerch hate mer u sech elo virgesinn, fir e Plaffong ze maache mat Placken, mir nennen en elo en hygieenesche Plaffong, mee et ass am Fong e Plaffong, deen u sech d'Fiichtegkeet net ophëlt.

Dat ass u sech wéi e Rasterplaffong, ebe mat Aluminium oder metalle Placken, fir dass en eeben net déi Fiichtegkeet ophëlt. Fir den Deel mobilier, jo, mir hunn u sech e Stock mobilier, dee mer féieren. Et ass esou, dass mer jo Schoul Balzeng, wa mer do plënneren, déi véier Klassesäll, dat heescht, do hu mer och u sech en Inventaire gemaach, dat heescht, dee Mobilier hu mer. Dann hu mer de Mobilier, deen aktuell jo am Container ass, en Deel dovunner plënnere mer an d'Schoul Brill, awer net ganz, well mer do jo och am Kader vun der Mise en conformité nei Miwwele virgesinn hunn. An do hate mer eis am Fong entscheet fir ze soen, da kommt mir halen dee Mobilier Balzeng an de Stock, respektiv mir sinn elo mat de Schoulbegeeungen amgaangen an do wou Miwwele gebraucht ginn, déi gi mer dann an d'Klassesäll, déi ginn da verdeelt an en Deel geet dann an de Stock zeréck an da géife mer hei fir d'Maison Relais u sech dann neie Mobilier kafen.

Déi lescht Selektioun vun de Kanner, kanns du dat iwwerhuelen, Erni Hoffmann?

ERNEST HOFFMANN (SERVICE EDUCATIOUN AN ACCUEIL): Jo, par rapport zu der Selektioun vun de Kanner, also et ass richteg, wéi gesot, praktesch 50% vun deene Plazen, déi do entstinn, gi vun deenen aktuelle Balzenger Kanner ageholl. An dann ass et esou ugeduecht, mir hu momentan iwwer 30 Kanner, déi an der Mëttesstonn am Lenkeschléi iessen aus dem Brill, dat si méi grouss Kanner, déi wollte mer dann a Richtung Maison Relais Schwämm verschiben an dann eebe méi jonk Kanner am Container empfänken.
Also, well dee ganzen Équipement ludique an alles ass op deen Alter ausgeriicht, da bleiwen déi do beieneen. Dat heescht, do kéimen eng Part aktuelle Cycle 1 oder zukünftege Cycle 1 Kanner aus dem Brill dobäi. A mir maachen och an Zukunft dann ab der Rentrée, wann alles mam Agrement dann esou geet, wéi mer eis dat virstellen, da maache mer dann och den Accueil matinal fir de gesamte Brill do, soudass mer net méi mussen aus der Schwämm eriwwer rennen.

Dat heescht, mir maachen dann den Accueil vun de Waldschoul-, Brill-, Brillcontainer- a Schwämmkanner moies am Accueil matinal, wat à l'heure actuelle och elo tëschent 30 a 40 Kanner sinn, e bësse wierderofhängeg, wéi d'Elteren dann de Wee op d'Aarbecht hunn. Voilà. Dat geet dann och dräimol duer an dann  hu mer manner Gerenns.

JOËL FREITAS (GESTIOUN AN ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGEBAIER): De Schoulhaff, wat u sech d'Baussesspiller ugeet, dat ass eng Demande, déi vum SEA komm ass, bon, engersäits fir Waasserspiller ze kréien, anerersäits och einfach emol fir verschidde Spiller bäizekréien, wou mer am Fong gesot hunn, Waasserspiller kréie mer elo net hin. Wéi e Spill elo genau hi stoe kënnt, dat hu mer am Fong nach net am Detail zesumme mam SEA beschwat. Et ass awer esou, dass jo och schonn Iwwerleeungen do si fir de Schoulhaff, wann deen eng Kéier fräschgemaach gëtt, renovéiert gëtt, dass mer u sech déi Spiller, déi elo kaf ginn, dat hu mer am Fong nach net am Detail zesumme mam SEA beschwat, se natierlech dann och esou sinn, datt si herno fir den neie Schoulhaff erëm benotzt ginn.

D'Spillschoulskanner, den C1, firwat déi elo vu Balzeng eriwwer an de Brill éischte Stack kommen an net an d'Schoulgebai, ech mengen do sinn e puer Iwwerleeungen, jo, et gi vläicht Virdeeler an Nodeeler. Wa mer elo soen, mir huelen den C1 eriwwer an d'Schoul, dann ass de Mobilier, dee lo eigentlech geplangt ass, da passt deen net méi richteg mat de Vestiären, mat den Héichte vun de Vestiären am Kader vun der Mise en conformité Brill, mee och do kéint een Upassunge maachen. Dat heescht, bon, déi zwou Méiglechkeete sinn do. Dat heescht, wann een elo seet, e klenge Schoulhaff, do sinn och schonn Iwwerleeungen, fir déi Schoulhäff méi zesummen ze kréien, méi opzemaachen, zwar nach ëmmer eng Trennung, mee wou d'Kanner sech awer gesinn an net eng zoue Mauer hunn. Bon, et ass eng Saach vläicht vun Organisatioun. D'Méiglechkeet besteet.

Fir d'Kanner vum C1 op den éischte Stack ze huelen, do si mer u sech haaptsächlech wat d'Handleef betrëfft konform. Mir hunn d'Gebai jo ofgeholl iwwert de Bureau de contrôle. Et ass schonn esou, dass d'Kanner kënnen op den éischte Stack goen a mir hunn do keng Restriktioune vun der ITM oder der Fonction publique, déi elo soen, dass dat net méiglech wier. Mir haten dat an der Zäit jo och an der Diskussioun wéi d'Gaffelt, wou mer do keng aner Méiglechkeet haten, fir d'Kanner op den éischte Stack ze huelen. Déi Diskussiounen hate mer schonn an deem Kader deemools gefouert.

Fir déi 190.000 Euro, jo, et ass u sech reng elo d'Projet Maison Relais virgesinn. Dat heescht, et ass effektiv den éischte Stack, dee war elo just nach eng Kéier, jo, zu der Erklärung, dass dat véier Klassesäll sinn, déi haut scho bestinn, dat geet da weider fir Balzeng da weider funktionéieren. Et ass elo esou, déi 190.000 Euro ass elo reng deen Deel fir d'Maison Relais. Et war nach eng Fro, wat mam Container geschitt, wa Balzeng fäerdeg wier. Bon, de Container, mir kënnen dee plënneren, mir kënnen deen och stoe loossen, dat heescht, déi zwou Méiglechkeeten hu mer, dat ass de Virdeel vum Containerbau.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Joël Freitas an  Ernest Hoffmann, sidd Dir fäerdeg elo par rapport zu de Froen, déi gestallt goufen? Jo, da kritt d'Madamm Ahmedova nach eng Kéier d'Wuert an dann d'Josiane Di Bartolomeo-Ries fir ofzeschléissen. An da gi mer zum Vott iwwer.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci nach eng Kéier fir d'Wuert Mee dat ass effektiv de Punkt, wou ech mech, wou ech e bëssi duerchernee war, well dat heescht, reng theoreetesch misst een dann zweemol 190.000 Euro rechnen, eemol fir de Rez-de-chaussée an nach eng Kéier fir den éischte Stack. An do, ech si keen Expert vum Marché public an dem Marché négocié, mee ech froe mech, ob een dee Montant, wann deen eropgesat gëtt op 380.000 Euro, ob een do net eng aner Prozedur huet? Wéi gesot, ech kenne mech elo net am Detail aus mat de Marché-publicken, mee wat d'EU-Reglementer ugeet, si mer bei 221.000 Euro als Seuil an ech hu mech gefrot, ob do eeben dat vläicht matgespillt huet oder net? A si mer hei an engem Marché public oder éischter an engem Marché négocié? Mee dat kënne mer och gären am Huis clos eng Kéier beschwätzen. Ech weess elo net, ob mer den Optrag enger Firma ginn hunn oder ob mer e Marché public gemaach hunn. A firwat mer net direkt den zweete Montant matstëmmen?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Pardon, mee ech verstinn elo net, wat fir een zweete Montant Dir domat mengt ...

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Mee wann ech richteg verstinn, sinn déi 190.000 Euro fir d'Maison Relais, dat heescht dräi Klassesäll plus deen ee Restaurant, wann een dat esou kann nennen. Mee et sinn awer zwee Stäck.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, uewe bleiwen déi, dat si jo och Klassesäll, gellt.

An déi uewen, déi si scho bezuelt ginn, dat si jo scho Klasssäll. Ma jo, mir plënnere jo op Balzeng. Mir hu jo do Mobilier, et ass jo net esou, wéi wa mer do missten neie Mobilier kréien. An et sinn der do, gellt? Also et ware bis elo jo scho Klassen uewenop. Duerfir verstinn ech elo net ...

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Déi si scho bezuelt, dat heescht, dat ass, okay.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Okay, maja, da war dat esou elo méi kloer. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Okay, Merci, Madamm Ahmedova. D'Josiane Di Bartolomeo-Ries huet nach eng Rei Punkten.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, voilà, ech géif nach e puer op déi aner Punkten agoen, déi nach vu Fro gestallt ginn ass. Ech mengen d'Madamm Kayser hat gefrot, ob net vläicht d'Kanner vum Wolkeschdall sollten eriwwergoen. Ech froe mech elo, firwat se sollten eriwwergoen. Mir hunn do relativ laang dru geschafft, datt se kënnen do bleiwen, wou se sinn. Ech mengen, dat fonctionéiert och ganz gutt. Mir amenagéieren zwar e bëssen anescht am Wolkeschdall. Mee do wär et jo dann esou, do géife mer den C1 dann an der Mëttegstonn hin- an hiertreppele loossen. A wann ech kucken, wou Der gesot hutt, den C1 muss an en anere Schoulhaff, dat wär ze wäit. Also ech mengen, de Wolkeschdall, d'Kanner, déi do sinn, déi

sinn do gutt versuergt. An et wier wierklech fir den C1 relativ schwiereg, wann déi an der Mëttegstonn och nach mussen op en anere Site iesse goen.

Einfach zum Gesamten. Den Här Hoffmann huet et gesot, mir transportéieren de Moment Kanner aus dem Brill an d'Lenkeschléi an dann herno erëm zeréck. Dat ass net ëmmer flott. Mee mir hu jo och d'Aschreiwungen nach net. Mir kennen d'Zuele vun den Aschreiwungen nach net. Ech mengen, et sollt een déi ofwaarden an da kucken, wéi vill Kanner dohinner ginn. Bon, da wëll ech, jo, dat war schonn ugeschwat ginn, éischte Stack fir den C1. Also an Italien ass jo och den C1 um éischte Stack, ne. A mir hunn och do d'Trapen net konnten upassen an deem Gebai, esou datt dat eigentlech kee Problem ass. Den Här Steffen hat dat schonn nach eng Kéier gefrot. An ech war schonn dorobber agaangen.  Am Schoulhaff, d'Madamm Kayser hat do nach e bësse gesot, ech wëll just soen, effektiv d'Demande fir dee Schoulhaff méi schéin ze maachen, déi läit eis scho laang vir. Do ass scho vill diskutéiert ginn. An den Här Freitas huet jo och elo gesot, wa mer do Spiller amenagéieren, da kann dat an en neie Projet mat eragoen, ouni elo ze vill an den Detail ze goen, well mer den Detail nach net hunn. Ech wëll awer soen, datt mer d'lescht Woch e Workshop haten, och mat de Kanner vun der Schoul Brill. An dat zwee Stéck vun all Cycle, fir ze kucken, wat si sech an hirem Schoulhaff wënschen. Well mir hate jo ëmmer gesot, fir d'éischt maache mer mol d'Mise en conformité vum Gebai, ier mer dann am Schoulhaff kënnen e Projet maachen.

Soss, den Här Zuang huet et gesot, an dat ass richteg, fir 190.000 Euro, déi mer elo investéieren, kréie mer 76, also zwëschent 76, genau de Chiffer kenne mer net. Dat ass ëmmer bei der Visite, wann se kucke kommen, soen se eis genau de Chiffer. Awer, ech mengen dat ass kee Frang ze vill.
An da vläicht nach eng kuerz Äntwert zur Fro, wat geschitt mat de Containeren, wann dann elo Balzeng steet, da sinn déi Containeren eidel. Also, ech wëll Iech just soen, datt déi nächst Planung vun där nächster Schoul schonn um Radar steet. An Neischmelz wäert jo och kommen. An do ass et esou, datt mer eigentlech ëmmer gesot hunn, wa Balzeng fäerdeg ass, da maache mer d'Mise en conformité vum Däich, déi muss jo och gemaach ginn. Dat heescht, mir brauchen déi Containeren. Mir hunn dat deemools och esou am Ministère am Bréif geschriwwen. Déi Containere sinn do fir d'Mise-en-conformitéen. Ob mer se elo am Brill halen an Transporter maachen, mee mir brauchen déi Containeren. Dat ass wierklech e ganz wichtegt Element an deem Ganzen, fir kënnen déi verschidde Phasen ze iwwerbrécken. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Fir d'éischt emol freet et mech, wann dat mam Wolkeschdall  elo an der Rei ass, well dat war net esou eendeiteg, dass mer deen Agrement kritt hunn. Dat ass jo gutt an dann, looss mer net dru fréckele goen, froe mer net méi no. Mee ech hunn elo dann awer trotzdeem awer nach eng Fro, well ech maache mer e bësse Suergen ëm déi kleng Butzen do aus dem C1, wann déi do an deem risege Schoulhaff do sinn. Also, et ass net dramatesch, gellt, et ass elo net wéi wann déi Kanner net géifen eens ginn. Mee wéi gesot, well mer do awer och e Gol hunn an hei an do, a mer hunn extra ëmmer gesot, dat ass e flott an där riseger Briller Schoul, do sinn d'Spillschoulskanner e bësse fir sech. Ass awer do iergendwéi net ugeduecht - well dat wär och erëm schlecht, wa mer do géifen dann erëm eppes ofdeelen, wou d'Spillschoulskanner da géife spille goen an deem grousse Schoulhaff. Dat heescht, mir maachen deen op fir alleguerten d'Kanner aus deem Container. Voilà. Well, wéi gesot, si sinn awer e bësse protegéiert an deem Minischoulhaff an en plus ass d'Iwwersiicht och besser. Du hues déi Kleng eeben do ënnert der Ophutt zouzesoen. Dofir just eng konkreet Fro. Wéi hat Der Iech dat ugeduecht?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ech äntweren direkt dorobber. Dir wësst, datt d'Spillschoulen, laut Plang Schoulorganisatioun, aner Horairen hunn, éischtens gëtt da kee Fussball gespillt an deem grousse Schoulhaff, wa se géifen do bleiwen. An ech mengen, datt se och kënne ganz gär eriwwergoen an dee klenge Schoulhaff, well deen awer wierklech méi adequat ass. Also et ass net wäit, et ass keng Distanz, mee d'Horairë sinn anescht, dofir komme se gutt laanschtenee.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Voilà, villmools Merci fir alleguerten déi Erklärung, esou vum Joël Freitas, dem Ernest Hoffmann an och vum Josiane Di Bartolomeo-Ries hei. Ech mengen, et ass alles beäntwert ginn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mat deem doten Devis averstanen, sou wéi e presentéiert gouf? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. An ech soen dem Joël Freitas an dem Erni Hoffmann och Merci fir hir Presenz an hir Erklärungen.

**3.7. Approbatioun vum Devis fir d'Aarbechte fir den Austausch vun de Filterschichten an de Schwammbasenge vum Centre sportif René Hartmann**

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter. Jo, léif alleguerten, och en häerzleche schéine gudde Moie vu menger Säit. Mer hate jo geléiert, et misst ee reegelméisseg Sport dotëschent maachen, dofir gi mer dann elo an d'Schwämm, méi genau an d'Filtertechnik, an d'Piscinnentechnik, wou no zéng Joer Usure a Verschläiss déi ganz Filterhydraulik sech natierlech verschlechtert huet. A well mer eis am Prinzip un d'DIN-Norm 1964-3 an eise Schwämmtechniken halen, ass eeben no zéng Joer de Moment komm, wou déi Filterkësse sollten ersat ginn, fir dass mer kënne weiderhin eng optimal Waasserqualitéit garantéieren. Deementspriechend hutt Dir hei den Devis estimatif leien. An ech wär frou wann Dir géift deem zoustëmmen, fir dass mer dat dann och dëst Joer kéinte maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Loris Spina. Si Remarken oder Froen dozou? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mam Devis averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci an da gi mer op den nächste Punkt iwwer.



# 4. KIERFECHTER

**Approbatioun vun den Ännerunge vum kommunale Kierfechtreglement**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass eng Adaptatioun vun eisem Gemengereglement iwwert d'Kierfechter. Dat maache mer och just well mer mat enger Circulaire befaasst goufen, déi eis iwwert de Ministère de l'Intérieur erakomm ass, mee wou virun allem wou am Fong de Gesondheetsministère à l'origine ass. An et si Recommandatioune vun der Direktioun vun der Santé am Kader vun den Inhumatiounen. Wéi gesot, mir hunn deen Text vun der Santé eent zu eent iwwerholl, am Kader vun de Recommandatiounen. Mir hunn dat adaptéiert. Mir hunn och den adaptéierten Text als Projet der Direktioun vun der Santé den 18. Dezember zoukomme gelooss. A mir hunn hei de 15. Januar 2025 de Retour kritt vum Direkter vun der Santé, dass do keng Objektioun ass. An dat ass jo evident, vu dass mer d'Circulaire eent zu eent eeben iwwerholl hunn.

Ech gi just kuerz op déi zwee, dräi Changementer an. De Point de départ hunn ech Iech gesot an erkläert firwat. An hei geet et am Fong drëm, dass d'Inhumatioun vun all Dépouille mortelle tëschent der 25. an der 140. Stonn soll stattfannen. Ech mengen, dat ass déi Adaptatioun, déi stattfënnt. An effektiv, wann dat net ass, wann d'Inhumatioun net ka stattfannen, da muss d'Refrigeratioun spéitstens 72 Stonnen duerno stattfannen. An den Delai d'inhumation, dee ka verlängert gi vum Buergermeeschter iwwert déi 140 Stonnen eraus, effektiv wann e Certificat vun der Direktioun vun der Santé virläit a wann och keng Motiver vu Salubrité publique sech géifen opposéieren. Dat ass deen een Deel.

An dat anert ass d'Inhumatioun vun engem Fötus. Och do ass et eng Adaptatioun par rapport zum modifizéierte Gesetz vun 1963. An do gëtt am Fong de „Fötus" duerch „Embryo" ersat. An déi mussen dann an engem Sarg aus Holz sinn. Et d'apparence décente. Dat sinn déi zwou, dräi Ännerungen, déi hei gemaach ginn. Méi ass et net. An et ass op d'Recommandatioun hi vum Ministère de la Santé. Voilà, ech mengen, ech hätt elo alles gesot, wat néideg ass. Gëtt et Remarken oder Froen dozou?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, just eng ganz kuerz Fro. Also alles, wat an der Circulaire esou steet ass jo esou ëmgesat ginn, do hunn ech keng Fro, dat war kloer. Ech hu just gesinn, am Artikel 37 iwwert de Bëschkierfecht goufe Käl a Beetebuerg gestrach. Also Leit, déi eebe leur résidence habituelle zu Rëmeleng, Käl, Beetebuerg a Réiser haten, déi konnte bis elo och um Bëschkierfecht um Gehaansbierg verstreet ginn a Käl a Beetebuerg goufe gestrach. Läit dat dorunner, dass do eng bilateral Konventioun net méi erweidert gouf? Ech wollt just froen, firwat dat ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Also, wéi gesot, d'Zesummenaarbecht besteet jo nach mat Rëmeleng a Réiser. Am Fong hate mer ursprénglech jo 4 Gemengen, dat war Rëmeleng, Käl, Beetebuerg a Réiser. Rëmeleng a Réiser, wéi gesot, mat deene bleift et bestoen.

Käl huet an der Tëschenzäit hiren eegene Bëschkierfecht maache gelooss. A Beetebuerg hat eis scho virun enger Zäitchen – dat hate mer jo och schonn hei am Gemengerot. et ka vläicht sinn, dass dat zu enger Zäit war, wou Dir nach net Member war vum Gemengerot – gekënnegt, well si och an eng Richtung ginn, fir en eegene Kierfecht ze maachen. Dofir hu mer dat och hei dann och esou formaliséiert.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo, ech ka mech erënneren, wou mer de Bëschkierfecht ageweit hunn, do stoung ech nieft dem Laurent Zeimet, de Buergermeeschter vu Beetebuerg, do hunn ech gesot: „Da begéine sech also hei um Bëschkierfecht déi Diddelenger an déi Beetebuerger". Do huet hie gesot: „Ech ka mer net virstellen, dass e Beetebuerger sech op Diddeleng begruewe léisst ...".

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ëmgedréit och net, Fragezeichen. Ha ha ha. Dëst gesot, pour la petite histoire, géing ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn, mat der Mentioun „Hilarité générale". Also, wien ass net mat dëser Ännerung averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci. Da géif ech proposéieren, dass mer zum nächste Punkt iwwerginn.

# 5. PACTE LOGEMENT 2.0



**Approbatioun vum Avenant vun der Conventioun iwwer d'Ëmsetzung vun der Mise en oeuvre am Kader vum Pacte Logement 2.0**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei geet et iwwer de Pacte Logement, do sinn am Fong och Adaptatioune virzehuelen. Och dat fousst op e Courrier vum Logementsministère. Dat ass e Courrier, deen och un alleguerten d'Gemenge gaangen ass. Dir wësst, dass mer d'Convention de mise en oeuvre haten, par rapport zum Pacte Logement, wou jo och dra steet an, wéi gesot, et war jo och am Dossier, dass mer bis elo ëmmer 290 Stonnen haten. Ech mengen dat war dat wat een d'office hat, also d'Virgab hat vun 260, respektiv 290 Stonnen. Dat war e bëssen esou de Contingent de base, deen een an der Convention de mise en oeuvre hat. A wann ee méi wollt hunn, dann huet een natierlech och dat misse froen, respektiv war dat, wéi gesot, u Projeten och gebonnen, fir dat dann och kënnen auszeschëpfen.

An hei ass dann d'Propos an der Convention de mise en oeuvre op déi maximal 380 Stonne kënnen ze goen. Wéi gesot, vun 290 d'office op 380, dat ass eng Mesure de simplification, wéi de Logementsminister dat och hei schreift. A wéi gesot, ass dat och e Courrier, deen un alleguerten d'Gemenge gaangen ass. Dir wësst, bei der Convention de mise en oeuvre, sinn et déi Stonnen, op déi mer hei zeréckgräifen, fir eisen externe Conseiller Logement, dee mer jo och hunn, deen eis och beréit an eis och déi lescht Jore beroden huet, fir déi ganz Projeten ze maachen. Dir wësst jo och, dass mer de Groupe de travail Pacte Logement hunn. Ech géif och proposéieren, dass mer och nach an deenen nächste Méint eng Kéier als Groupe de travail zesummekommen, wou mer zesummen och nach en Topo kënne maachen iwwert de Pacte Logement, well d'lescht Joer sinn eng Rei Aarbechte gemaach gi vum Conseiller Logement, wou mer dann och mat géifen invitéieren.

An der Lescht hate mer ganz vill ronderëm Projeten ronderëm de PAG, mee et sinn eng Rei Adaptatiounen, wéi gesot, gemaach ginn am Kader vun der Strategie, déi mer eis och ginn hunn, sief dat notamment um Niveau vum Logement abordable, wou mer jo Projeten hei am Gemengerot haten awer och d'Zesummenaarbecht mam LISER, déi mer jo och weiderdreiwen, respektiv d'Leerstandsanalys, déi mer amgaange sinn, och mam LISER a mat eise Servicer opzeschaffen, awer och e bëssen déi Analys am Kader vum Wunnengsbauprojet, am Kader vum PAG notamment vun abordabelem Wunnraum, awer och den Topo halen, wat sinn déi PAPen, déi mer och hei am Gemengerot haten, déi och schonn an der Prozedur sinn, respektiv deemnächst an d'Prozedur kommen.

E Projet, wéi gesot, Neischmelz, nei Wunnformen, Tiny Haiser, wou mer jo och hei de PAG geännert hunn, déi och an der Prozedur sinn.  An natierlech och d'Opwäertung vum ëffentleche Raum, wou mer och an de Quartieren eng Rei Projeten och haten, sief datt d'Pétanque-Pist am Quartier Lenkeschléi, de Verkéiersgaart, d'Innenstadtbegrünnung. Also, wéi gesot, et sinn eng Rei Saachen, déi lafen, déi mer och am PAL festgehalen haten. Ech géif jo och do proposéieren, dass mer eng Kéier als Groupe de travail zesummekommen, wou mer en Topo in extenso kënne maachen. Mee hei ass virun allem hei emol d'Convention de mise en oeuvre ze adaptéieren, dass mer d'office déi 380 Stonnen zegutt hunn. Voilà. Dëst gesot, hunn ech e bëssen en Ausbléck ginn, wou d'Rees higeet. An natierlech sinn ech fir weider Froen a Remarken disponibel. An ech begréissen och hei an eiser Ronn d'Eva Gottschalk, déi och ganz intensiv hei an der Ausaarbechtung vum PAL schafft.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Just well dat mer net ganz kloer ass, déi 380 Stonnen, gëtt dat elo retroaktiv applizéiert oder vun engem gewëssenen Datum un? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, ech hätt eng Fro: Mir haten 290 Stonnen zegutt, hu mer déi och ganz genotzt? Oder hu mer der vläicht méi ugefrot? Oder hate mer der manner? A wat bedeit fir eis elo déi 380 Stonnen, déi mer kréien? Dat ass awer bal en Drëttel méi. Dat ass wierklech gutt. Mee vläicht beschwätze mer dat am Groupe de travail. Dofir, mir begréissen dat ausféierlech, datt mer eis deemnächst erëmgesinn, fir doriwwer kënnen ze schwätzen. An dat Ganzt huet, huelen ech un, kee finanziellen Impakt op d'Gemeng. An, jo, ech froe mech an ech hoffen, datt eise Logementsberoder dann nach méi effikass ka mam Logement ëmgoen. An datt mer nach méi abordabel Wunnenge kënnen an deem Sënn bauen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Also, wann Dir allkéiers d'Projeten an de Budget matstëmmt, ganz gären. Ech soen lech Merci, Madamm Ahmedova. Si soss nach weider Froen. Wann net, da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Gottschalk, déi op déi verschidde Punkte kann agoen.

EVA GOTTSCHALK (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Jo, gudde Moien och vu menger Säit. Merci fir d'Wuert. Fir déi 380 Stonnen, déi hate mer och scho virdrun ëmmer zegutt, theoreetesch, laut der Convention de mise en oeuvre. Et war just esou, datt 260 dovunner allgemeng ze benotze waren an 120 fir speziell Projeten. Also, dat war ganz kloer, et kann een dat och an der Convention de mise en oeuvre, déi bis elo gëllt, noliesen. An dovunner hu mer der d'lescht Joer 290 quasi gebraucht vun deenen 380, déi mer zegutt hunn, theoreetesch, well mer eebe just op ee bestëmmte Projet konnten déi 30 extra Stonne buchen, re-

spektiv de Büro. Dat huet effektiv keen Impakt op eis als Gemeng, well déi Stonnen direkt mam Ministère respektiv mat der Klimagence ofgerechent ginn, soudatt mir awer mengen, dat do ass eng super Saach, well déi 380 Stonnen elo effektiv komplett kënne benotzt ginn.

Ech hat och mam Büro kuerz Récksprooch. Si haten dat nach net gewosst, datt deen Avenant do kënnt. Mee si soen och, dat ass natierlech vill méi einfach fir si, dann déi Stonnen einfach kënnen ze benotzen, egal wat fir Projete lafen a fir d'komplett Ëmsetzung vun all deene verschidde Champs-d'actionen, déi mer eeben am PAL hunn. Retroaktiv, ech mengen dat ass elo esou, datt een, esoubal mer dat elo ënnerschriwwen hunn an esoubal mer dat dann elo an de Ministère schécken, fir datt et approuvéiert respektiv eropgeluede gëtt iwwer de SIGINOVA, dann direkt op dee Kontingent zougräife kann als Büro. Also, déi Büro Zeyen+Baumann Sàrl, deen da fir eis als Logementsberoder da schafft.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Gottschalk. Also, réckwierkend wär jo e bësse schwéier, wa mer géifen op d'Joer 2024 goen. Mir sinn am Joer 2025 a mir profitéieren da vun deenen zousätzleche Stonnen am Joer 2025. Dat ass net, dass een dat elo réckwierkend kéint comptabiliséieren. Dat ass jo net den Esprit vum Avenant. An ech mengen, an der Konventioun, well Dir d'Fro gestallt hat, Madamm Ahmedova, an der Konventioun respektiv am Avenant steet jo ganz kloer: „dans le cas du Conseiller-logement externe" an dat trëfft jo fir eis zou, dat eis jo fir eis de Fall, „l'État réglera les frais et honoraires en relation avec le Conseiller-logement directement à la Klimaagence GIE". Ech mengen, Är Fro huet sech dee Moment eriwweregt, well et jo ganz kloer am Avenant steet, dass de Staat, wéi gesot, déi Fraisen en charge hëlt.An da kucke mer, wéi gesot, esou schnell wéi méiglech dann och e Groupe de travail effektiv ze fixéieren, wou mer dann e bësse méi in extenso mat eisem Beroder och, mengen ech, da kënnen an den Detail goen.

Ass de Gemengerot mat deem Avenant, mat deene puer Stonne méi, déi mer hei kréien, averstanen? ***Dat ass unanime.*** Ech soen ech Iech villmools Merci. An och dem Eva Gottschalk Merci fir seng Presenz.



## 6. PROJET FIR E LOTISSEMENT / PARZELLISÉIERUNG 'AN DER FOXENHIEL'

**Approbatioun vun engem Projet fir de Lotissement/d'Parzelliséierung vu Kadasterparzelle laanscht d'Rue An der Foxenhiel (Nummer 25) a 6 Kadasterparzellen**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass e Projet de lotissement, respektiv de morcellement, dat ass vun der Societéit GESIM S.C.I. an dat sinn am Fong zwee Terrainen, 4,26 Ar an 9,57 Ar. Dat ass am Fong fir véier Maisons unifamiliales en bande an zwou Maisons jumelées. Dir wësst, dass déi Projeten heihinner kommen nodeems se effektiv an der Bautekommissiou waren. Dat war de Fall am Juli 2024 an duerno ass um Projet weidergeschafft ginn. Am Februar dëst Joer huet och eise Service Architecture et Domaines e positiven Avis ofginn. Natierlech war och en Avis au public, deen affichéiert war d'lescht Joer. Do si keng Reklamatioune komm, soudass am Fong den Dossier och prett ass fir an de Gemengerot ze kommen, fir dass mer do e méigleche Morcellement dann och kënne maachen.

Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.

# 7. PASS INTERRAIL JEUNES



**Approbatioun vum Gemengereglement iwwer d'Zoudeele vun engem Subsid fir den „Pass Interrail Jeunes"**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass de Pass Interrail Jeunes an do géif ech hei dem Josiane Di Bartolomeo Ries d'Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTOLOMEO RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci fir d'Wuert. Ech géif dann op de Pass Interrail Jeunes agoen. Ech huelen awer do e bëssen aus. Am Mee 2024 haten déi Gréng eng Motioun eraginn, fir d'Schafe vun engem Subsid fir de Pass Interrail Jeunes fir den 18. Gebuertsdag. A mir hate jo do och relativ laang a vill diskutéiert am Gemengerot. A mir waren awer trotzdeem herno alleguerten der Meenung, dass dat eng gutt Saach wier an datt mer dat dann elo géifen ausschaffen. Mir hunn et dann an déi jeeweileg Kommissioune ginn. Mir hunn et eng Kéier an d'Jugendkommissioun ginn, pour avis, a mir hunn et awer och an d'Kommissioun Actions sociales ginn, pour Avis.

A si kruten eeben den Optrag, fir d'Modalitéiten auszeschaffen, awer och de Montant vun dëser Ënnerstëtzung. Déi zwou Kommissiounen, déi hunn hir Aarbecht gemaach, am September d'lescht Joer krute mer vun hinnen den Avis. An do war et esou, dass d'Kommissioun fir Actions sociales d'Propos gemaach huet, fir der Motioun nozekommen, awer de Betrag op 100 Euro unzepassen. Ech mengen Dir hutt och all déi Avise kritt, déi leien Iech vir. An och d'Jugendkommissioun war der Meenung, datt dat eng flott Initiativ wär, eng gutt Initiativ. An och si proposéieren awer, de Montant op 100 Euro festzehale fir dee Pass.

Da géif ech awer op d'Reglement agoen, dat mer jo haut hei virzeleien hunn. Ech hat Iech scho gesot, datt mer missten e Reglement ausschaffen. Mir hunn dat dann och gemaach an Dir hutt dat och elo virleien. An do ass et esou, dass dat Reglement am Fong alles dat festhält, wat ee brauch, fir esou en Interaill Pass ze maachen. Fir d'éischt gesitt Der, datt do d'Héicht vum Subsid op 100 Euro festgehalen ass. Dann ass dran, wien de Beneficiaire ass vun deem Bong. An dat sinn all déi Jonk, déi am Laf vum Joer, vun deem Joer virdrun am Fong, 18 Joer kritt hunn. Dat heescht vum 1. op den 31. Dezember kucke mer dat. An do géife mer dann elo ufänken am Ufank vum Joer, dat ze maachen. A mir kucken do wien 2025 18 Joer kritt. An déi géifen da kënne profitéiere vun dësem Bong. Am Reglement ass och nach festgehalen, datt dee Bong strictement personnel ass. Da kann net en aneren en aléisen. An dann dat lescht, wat mer och nach dra geschriwwen hunn, ech mengen dat ass och ganz flott, dat ass, mir géifen eng Zeremonie maachen, wou mer déi Jonk dann hei op d'Gemeng invitéieren a si kënnen dann dee Bong hei ofhuelen. Dee Bong ass ee Joer laang gutt. Dat hu mer och dra geschriwwen. Dat heescht, vun der Date de remise un ass deen dann ee Joer laang gülteg.

Ech wëll awer soen, ech hu mer dat och e bëssen ugekuckt, well ech weess jo elo d'Richtung ongeféier, wéi et hei geet. Also, e Pass interrail Jeunes ass awer esou, scho bei 100 Euro kann ee bis zu véier Deeg reesen, bannent engem Mount. Mir hunn eis dat selwer och am Detail ugekuckt. Dir kënnt dat och eng Kéier ganz flott nosichen. Duerfir hu mer eigentlech och nom Avis vun deenen zwou Kommissiounen eis gëeenegt, datt mer géifen dat esou ëmsetzen. Awer just mam Montant vun 100 Euro. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries fir effektiv hei d'Presentatioun. An elo ass d'Diskussioun op.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Wéi grad gesot, gouf et an der Vergaangenheet zu dësem Reglement villes ze soen, a leider gëtt et an eisen Aen och grad elo nach ëmmer villes ze soen. Mir fänken awer mat deem Positiven un an zwar, dass déi jonk Diddelenger op eis Initiativ hi fir den 18. Gebuertsdag wäerten e Subsid kréien, fir sech en Interrail-Ticket kënnen ze kafen, an dass mir hinnen domat als Gemeng d'Reese mat der duusser Mobilitéit méi erschwénglech maachen. Den Haaptobjektiv ass et jo an eisen Aen d'Promotioun vun de Reese mam Zuch, eeben als Alternativ zum Fliger oder Auto, an do muss een halt feststellen, dass d'Zuchreesen an Europa leider nach ëmmer vill ze deier sinn, an dass de Subsid um Interrail de Jonke soll weisen, wéi flott et ass. An ech denken, mat esou engem Subsid stousse mir d'Dier op an eng Zukunft wou Zuchreesen nees méi beléift wäerte sinn an duerch de Prinzip vun esou engem Subsid promouvéiert kënne ginn.

Flott ass och, dass d'Iddi vun der Madamm Kayser zeréckbehale konnt gi vun enger Aart Zeremonie. Dës bréngt d'Méiglechkeet mat sech vun der Opklärung iwwert d'Zuchreesen an och wéi eng Ulafstellen et alles an deem Kontext ginn an et vereinfacht deene Jonken hoffentlech d'Planung. Hei bitt d'Gemeng jo schonn op anere Kontexter ganz flott informativ Owender kombinéiert mat engem konviviale Moment. Mir sinn iwwerzeegt, datt eng Plattform ka geschaf ginn, déi do ganz nohalteg wäert sinn.

Zwee Elementer stéieren eis allerdéngs un dësem Reglement. Dëst ass engersäits d'Validitéit vum Interrail-Bong, deen op d'Dauer vun engem Joer limitéiert ass. Parteiiwwergräifend huet een an den Diskussiounen héieren, dass dat 18. Liewensjoer bei jidderengem anescht ausgesäit. Déi eng sinn ënner Schoulstress, d'Première ass d'Theema, d'Uni réckelt méi no, déi aner schaffe vläicht schonn, hunn e Stage ze packen, ginn eventuell Elteren an esou weider.

Da ginn et awer och déi manner flott Momenter, wou engem ëmmer erëm am Liewen och mat 18 Joer kënne passéieren. De Verloscht vun engem aus der Famill, dem enke Fréndeskrees, eng Sportsverletzung oder eng onerwaar-

ten Diagnos, Trennung vum Partner, der éischter grousser Léift, alles dat ka maachen, dass ee séier vun engem Joer fir ze vergiesse schwätze kann. Wou een net de Kapp huet fir ze reesen, wou et vläicht net an engem seng Liewenssituatioun passt. Dëst ass de Grond wisou- an ech hunn elo keng Motioun dofir geschriwwen- mir de Schäfferot froen, eng Upassung an der Durée vun der Validitéit vun deem Bong virzehuelen op mindestens zwee Joer, éier mir de Vott zum Reglement virhuelen. Dës Upassung mécht d'Angebot weesentlech méi attraktiv, hëlt Drock aus der Saach eraus a bitt deene Jonken d'Méiglechkeet hir Rees besser ze plangen. Wa se am Januar e Bréif kréien, am Fréijoer déi Zeremonie ass, da si scho vill Congéë geholl a verplangt, Studentenjobs ugeholl an d'Fro vun den Noexamen eventuell nach net sécher.

Däi zweet Element, wat eis stéiert, wou mir zwar wuel och froen, fir de Montant nach emol ze iwwerdenken, eis Chancen awer weesentlech méi kleng aschätzen, dass mir mat eiser Ufro duerchkommen, dat ass engersäits d'Fro vum Montant selwer an anerersäits déi vum wéi de Montant an der Prozedur hier zeréckbehale ginn ass. E Bong vun honnert Euro ass sécherlech eng flott Saach a besser wéi näischt, an erméiglecht, wéi grad ugeschwat, och d'Reesen.

An eiser Motioun, wou de Juni diskutéiert ginn ass, hat ech duerchgerechent, wat et eis als Gemeng géif kaschten, wa bei 300 Euro jidderee géing op de Subsid vu maximal 300 Euro zeréckgräifen. Also maximal 300 Euro. Ech hat Pisten duergeluecht, wou een déi Suen hierhuele kéint. Ech hat d'Zuel un ausgestallte Subside genannt, déi zu Walfer an zu Beetebuerg zu deem Zäitpunkt aktuell waren, a mir haten herno nach dovu geschwat, dass een et och ufangs kéint mat 300 Euro promouvéieren, a wann ee gesi géing, dass et Affer vum eegene Succès géing ginn, een nach ëmmer spéider de Montant no ënnen upasse kéint. Ma mat 100 Euro kënnt een halt net wierklech wäit, fir dass d'Majoritéit selwer drop hiweist, et misst een un d'Folgekäschten denke vun enger Rees. Herbergement an Iessen. Mir hunn d'Rapporte gelies. Ma eebe mat deenen Argumenter misst ee jo higoen a méi e grousse Subsid um Zuchticket ginn. Den Interrail funktionéiert jo mat Reisetage. An dat heescht net, dass wann ech méi en deieren Ticket huelen, ech onbedéngt muss méi Nuechte fort sinn.

Da bleift eis, wéi gesot, nach d'Fro vum wéi d'Prozedur hannert dem Festleeë vum Montant war. Et huet vu Juni bis elo Mäerz gedauert, zwee Avisen aus Kommissiounen ze kréien, der Jugend- an der Actions sociales-Kommissioun an eis ee Reglement ze proposéieren. Dës zwee Avise vun de Kommissiounen decken sech dann och allkéiers mat der Positioun vun deem jeeweilegen LSAP-Spriecher aus der jeeweileger Kommissioun. Et ass dann och dat, wat zeréckbehale gëtt a vum Schäfferot, a wat eis hei verkaf gëtt, wéi wann d’Modalitéiten an de Kommissiounen ausgehandelt gi wieren. Ma wann den Avis vun der Kommissioun automatesch ëmmer deen ass vun der LSAP, an dat eent zu eent nach a béide Kommissiounen deckungsgläich, da gesinn d'Leit dobausse jo ganz gutt, wéi wichteg der LSAP-Presidence déi villfälteg Meenungen an de Kommissiounen deels sinn.

Hei dann och beispillsweis déi vum Membre Citoyen an der Jugendkommissioun. Dësen Avis taucht weeder an engem Rapport op, nach gëtt se an engem vun den Avisen a Betruecht gezunn. Do weess ech awer aus der Jugendkommissioun, wou ech d'Motioun selwer virstelle war, dass hei och de Membre Citoyen eise Modalitéiten zougestëmmt huet. Als Rappel, do war de Montant op 300 Euro an d'Zäitfënster vun der Gëltegkeet op zwee Joer festgeluecht.

Déi eenzeg Kommissioun, déi deemno réellement consultéiert ginn ass, ass d'LSAP-Lokalsektioun, an där hiren Avis ass zeréckbehale ginn. Ech soe bewosst Lokalsektioun, well Är Kolleege vu Beetebuerg an der Diskussioun ronderëm de Subsid Interrail aus der Oppositioun erausfonnt hunn, dass ee bei 300 Euro nach sollt en Täschegeld dobäi ginn, an dat als sozial Moossnam gelabelt, fir déi ze ënnerstëtzen, deenen et finanziell net esou gutt geet.

Et kann een dach net eeschthaft gleewen, dass eng Kommissioun, déi sech fir d'Jugend soll staark maachen, den Avis kann hunn, dass 100 Euro de bessere Subsid sinn ewéi 300 Euro. Et kann een net, eigentlech och net gleewen, dass eng Actions sociales-Kommissioun dëst esou ka gesinn. Hei si mir souwisou der Meenung, dass mat esou engem Subsid keng Sozialpolitik soll a ka gemaach ginn, well jonk Erwuessener net onbedéngt un der finanzieller Situatioun vun den Eltere kënne gemooss ginn, ma dass et hei ëm e staarkt Zeechen an der Mobilitéit sollt goen. Wat Zuchreesen duerch sämtlech finanziell Situatioune promouvéiert. Mat dësem niddrege Subsid falen déi Jugendlech mat manner Sue jo awer erëm iwwert déi selwecht Hürd, den erschwénglechen Zuchticket, deen hir Kolleege mat bessere Finanzen ouni Problem meeschtere kënnen, wa si wëllen zesumme verreesen.

Ech hoffe jo elo mol zumindest, dass ech net weider muss an den Erklärungen zum soziale Volet am Kontext vun de Subside agoen. Där hutt den S jo awer an Ärem Parteinumm dran, an och wann d'Ausleeë vun deem Buschtaf zu Beetebuerg eng aner ze sinn, schéngt ewéi zu Diddeleng. Déi Inzenéierung hei op alle Fall, Avise vun de Kommissiounen ze froen an dann einfach Är Parteipositioun vu vir bis hannen duerchzezéien, weist an eisen Aen e gewëssent Selbstverständnis an dëser Gemeng. Dobäi wier et jo net verwerflech a weesentlech méi demokratesch differenzéiert, Schlussfollgerungen aus de jeeweilege Kommissiounen dem Schäfferot weiderzeleeden. D'Final Decisioun, wat mat den Avise gemaach gëtt a wat muss dem Gemengerot presentéiert ginn, hëlt de Schäfferot jo dann och. Fair enough! Mee da muss de Schäfferot och de politesche Choix erklären, d'Verantwortung huelen an dozou stoen a sech net hanner soi-disant Avise vun de Kommissioune verstoppen.

Et ass richteg, an der Kommissioun LSAP-Lokalsektioun kéint jidderee bäitrieden, dee wéilt. Ma et ass awer och net esou, wéi Decisiounen an enger Stad an an enger Gemeng sollten ergraff ginn. Wann ee konsultativ Kommissiounen en place huet a Kommissiounen, wou d'Avise sollen an dierfe villfälteg sinn a virun allem am Interêt vun der Saach an net den Décideurs politiques.

Schlussendlech wéilte mir da wëssen, ob d'Durée, wéi grad beschriwwen, op zwee Joer kann ugehuewe ginn am Artikel fënnef. Da wollte mir de leschte Versuch starten, de Montant op mindestens 200 Euro ze erhéijen am Artikel zwee an am Artikel véier. Da géife mir dat Reglement komplett matstëmmen. Wann dës zwee Elementer net ze negociéiere sinn, wéilte mir e Vote séparé ufroen, wou mir d'Artikelen zwee, véier a fënnef separat wëllen ofstëmmen. Dat, well mir nach ëmmer hannert dem Prinzip vum Subsid um Interrail-Ticket stinn, ma Problemer hu mam Montant an eeben der Durée. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen. Nach weider Stellungnamen?

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Wou mer dat doten déi éischte Kéier am Gemengerot behandelt haten, do waren e ganze Koup verschidde Meenungen hei um Plang. Éischtens mol d'Aart vum Kaddo, wou mer sollte maachen, ob mer sollen ee maachen.
Mee ech war awer der Meenung, dass mer eis bei enger Saach eens waren, an dat huet den Här Steffen effektiv och elo erwäänt, an dat waren déi zwee Joer, dass mer gesot haten, bis zum 20. Geburtsdag, wat ech natierlech eng gutt Saach géif fannen, wa mer dat nach kéinten esou do drasetzen, fir och deene Jonken e bësse méi Flexibilitéit ze ginn. Well Reesen ass am flottsten, virun allem an deene gudde Méint, a wann een dann effektiv nach en Noexamen huet, wou ee muss léieren, respektiv nach aner Verflichtungen oder et geet een an der Vakanz schaffen, dann ass dat éischt Joer relativ séier verflunn. Et freet mech awer dann awer och, dass ech gelies hunn, dass eeben d'Iddi vun der Zeremonie zeréckbehale gouf, wat ech awer och eng ganz gutt Saach fannen. An de Montant, wou den Här Steffen gesot huet, 300 Euro hate mer effektiv e bësse vill fonnt, 100 Euro ass e bëssen déif, also wa mer eis an der Mëtt bei 200 Euro kéinten treffen, denken ech, dass dat fir jiddereen okay wär. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci villmools, fir d'Wuert. Mam Interrail kann een iwwer 30.000 Destinatiounen an 33 Länner entdecken. Et huet een d'Fräiheet, en eegenen individuelle Wee festzeleeën an dee Pass ze wielen, op dee seng Besoine passt. Sief et véier, siwen oder fofzéng Deeg, jee nodeems wéi vill Zäit een huet a wat ee wëll maachen. Déi zwou Gemengen, wou dëse Projet scho mat Succès ëmgesat hunn, dat si Beetebuerg a Walfer. Ech mengen, déi si schonn éfters erwäänt ginn, zwou Gemengen, wou d'CSV de Buergermeeschter stellt. Zu Walfer hunn am éischte Joer vun deenen 90 berechtegte Jonker 20 Leit de Pass genotzt. Mëttlerweil ass d'Unzuel vun de Participanten nach weider an d'Luucht gaang. Dëst weist däitlech, datt d'Nofro an den Interessi grouss sinn. Diddeleng, eng Gemeng mat ville jonke Bierger, kéint vun esou engem Projet och immens profitéieren.

Mat ronn 1,15 % vun der Bevëlkerung, déi all Joer uechtzéng Joer al gëtt, wier et eng Geleeënheet, dëse jonken Erwuessenen eng wäertvoll Erfarung mat op de Wee ze ginn. Allerdéngs ass de proposéierte Subsid vun 100 Euro vill ze geréng. Am Verglach dozou bidden d'Gemenge Walfer a Beetebuerg hire Jonken och en Zouschoss vun 300 Euro.
Fir den Pass Interrail Jeunes wierklech zu enger attraktiver Optioun ze maachen, misst Diddeleng dëse Betrag un den Niveau vun deenen anere Gemengen upassen, déi scho Virreider an dësem Beräich sinn.

Den aktuellen Interrail-Zouschuss, deen zu Walfer zënter 2023 existéiert, beleeft sech op 300 Euro an ass fir all Jonken, deen 18 Joer al ass, zougänglech. Zu Walfer an zu Beetebuerg ass de Bong och op zwee Joer gëlteg, wat mir och esou gesinn, dass dat eng sënnvoll Iddi ass, well et de Jonken nämlech nach méi Flexibilitéit gëtt, fir eng Rees zu engem passenden Zäitpunkt ze plangen. Wéi schonn ugeschwat, kascht de bëllegste Pass mat véier Reesdeeg 212 Euro. Fir wierklech eng substanziell Hëllef ze bidden, wier et sënnvoll, den Ënnerstëtzungsbäitrag ze iwwerpréiwen.

De proposéierte Betrag vun 100 Euro zu Diddeleng ass net genuch, fir den Pass Interrail Jeunes zu enger realistescher bezuelbar Optioun ze maachen. Diddeleng soll seng Jonker net manner ënnerstëtze wéi aner Gemengen. De Bong vun 100 Euro, fir sech en Interrail-Ticket ze kafen, ass ze kuerz, well déi Jonk an der Preparatioun fir d'Uni sinn oder hiert Liewe selwer grad an d'Hand huelen. An dëser Phas steet fir vill vun hinnen d'Organisatioun vun hirer Zukunft am Mëttelpunkt. An et ass net ëmmer méiglech, direkt eng gréisser Rees unzefänken. Fir datt dëse Bong wierklech eng hëllefräich a realistesch Optioun ass, misst en an der Héicht ugepasst ginn an an der Gültegkeet verlängert ginn.

Domat kommen ech zu menger Schlussfollgerung. Den Interrail-Ticket ass méi wéi just en Transportmëttel. Et ass d'Geleeënheet fir jonk Erwuessener hir Confortzon ze verloossen, nei Kulturen ze entdecken an e bessert Verständnis fir d'Diversitéit vun eisem Kontinent ze entwéckelen.
Ech encouragéieren eis, dëse Projet weider auszebauen an dass et definitiv eng Optioun ass, fir de Joreszäitraum ze verlängeren, genau esou wéi de Montant ze iwwerdenken. Zum Finanzement kéint een dat nach ëmmer mat de Sue vum Sweet Event finanzéieren. Zemools Interrail erméiglecht, déi séiss Delikatesse vun Europa sur place ze entdecken. Déi Jonk kënne belsch Waffelen zu Bréissel iessen, franséisch Macaronen zu Paräis, italieenesch Gelato zu Roum oder däitsch Schwarzwäder Kirschtorten am Schwarzwald testen. Loosst eis dës Initiativ als Investitioun an d'Zukunft gesinn, eng Zukunft, déi op Offenheet, kulturellem Austausch an nohaltegem Reesen opgebaut ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kemp. Sinn nach weider Stellungnamen? Madamm Spagnuolo.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir begréissen natierlech och, datt d'Gemeng e Subsid gëtt fir déi Jonk zu Diddeleng ab 18 Joer, fir kënne mam Pass Interrail Jeunes hei an Europa ze reesen.
Mir sinn och just der Meenung, datt 100 Euro e bësse wéineg sinn, well an de Kommissioune gouf do e Betrag vun 300 Euro diskutéiert. Virun allem an Hisiicht op modest

Famillje muss een do nach eppes bäileeën, fir en uerdentlechen Interrail-Ticket kënnen ze kréien. A mir sinn och der Meenung, datt d'Validitéit vum Pass Interrail Jeunes soll op zwee Joer eropgesat ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Spagnuolo. Sinn nach weider Stellungnamen?

DIOGO COSTA (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Jo, reesen a virun allem mam Zuch reesen, nei Kulture kenneléieren, sech onofhängeg fortbeweegen, Eegestännegkeet léieren an nei Netzwierker a Fréndschafte schléissen, jo, dat ass alles méiglech mam Interrail-Ticket.
Dee gëtt engem d'Méiglechkeet flexibel an, jo, ekologesch ze reesen an och emol Destinatioune kenne ze léieren, déi e vläicht net onbedéngt um Schierm huet, an dat käschtegënschteg a genau do si mer dann och beim Punkt käschtegënschteg. 88 Euro fir en 3-Deeg-Pass innerhalb vun engem Mount an de Benelux-Länner. 106 Euro fir en 3-Deeg-Pass innerhalb vun engem Mount a Frankräich. A fënnef Deeg an Ungarn souguer fir 97 Euro, wann een da bis dohinner kënnt. Jo, et ass méiglech mat engem 100 Euro-Bong vun engem Interrail-Ticket ze reesen. Den ugepasste Pass vun 250 Euro, jo, dat ass wann een all inclusive alles mat dran iwwerall wëll reesen an Europa wärend enger gewëssener Zäit. Wann ee sech awer zum Beispill op Benelux Géif beschränken, wéi ech soen, kritt ee fir 88 Euro en 3-Deeg-Pass, deen een innerhalb vun engem Mount kann notzen. Doduerch, jo, dat ass méiglech do mat deem Montant dann awer eppes ze maachen. An ech menge mir hunn och an der Belsch a Frankräich oder an Holland flott Destinatiounen, déi déi Jonk kënne bereesen.

Ech wollt nach op d'Initiativ agoen, fir eng Receptioun ze maachen. Dat begréisse mer, grad och als Jugendkommissioun hate mer dat beschwat a si frou och do kënne matzewierken. Well jo, dee Jonken ass an enger wichteger Etapp vu sengem Liewen, kritt nei Rechter, nei Pflichten an him dat dann hei op der Gemeng bäizebréngen an dann eeben nach de Kaddo vum 100-Euro-Bong, ass eng flott Initiativ.
Wat genau beschwat gouf, wéi déi Motioun déi éischte Kéier hei am Gemengerot war, weess ech net, do war ech nach net am Gemengerot. Jo, et kann ëmmer eppes dotëschent kommen, do hutt Dir Recht, Här Steffen. An, jo, och mir sinn elo als Lokalsektioun vill ugegraff ginn. Mee ech denken, dass ech als Lokalsektioun da ka soen, dass mer gäre bereet wieren, mat op dee Wee vun enger Durée vun zwee Joer ze goen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Costa, Madamm Thoma.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Also dat hei ass wierklech en immens gutt Beispill, wéi eng Initiativ, déi eigentlech ganz einfach ëmzesetze war, déi eng gutt Initiativ war, kann zerriet an ausgehielegt ginn, bis dass net méi ganz vill iwwereg bleift. D'Ursprongsiddi war, fir d'Promotioun vu Reese mam Zuch a ganz Europa no baussen ze promouvéieren an deene Jonken ze weisen, dass mer kënne mam Zuch fueren. Doweinst ass et am Fong scho speziell, dass mer déi Motioun herno an zwou Kommissiounen, mee net an d'Verkéierskommissioun gereecht hunn. Woufir mer awer alleguerten ze beschëllege sinn, well mer hunn dat esou hei decidéiert am Gemengerot, well mer an enger ganz laanger komplizéierter Diskussioun waren, wou et op eemol net méi ëm den ëffentlechen Transport gaangen ass, mee drëm gaangen ass, e Kaddo fir déi Jonk ze maachen, fir hiren 18. Gebuertsdag, e soziale Kaddo, ech weess net wat alles do an der Diskussioun war, wat eng ganz aner Logik war wéi d'Ursprongsiddi vun der Motioun vun deene Gréngen, nämlech en Ticket fir den Interrail fir an Europa mam Zuch ze reesen. Soit, do ass et an d'Kommissioune gaangen, dat war jo och eng Demande awer vun eis, an dat war och emol gutt, well do huet sech gewisen, wéi eng Parteie sech fir de Sujet interesséiert hunn a wéi eng éischter manner.

Déi Gréng haten, vu dass et och hir Initiativ war, souguer eng schrëftlech Propos vun engem Reglement agereecht an de Kommissiounen, op Basis vun deem jo konnt diskutéiert ginn. Mir als Lénk, mir waren och ëmmer preparéiert, mir haten och an all de Kommissiounen déi selwecht Haltung, do gouf dann zwar awer eis Vertriederin an der Jugendkommissioun kritiséiert, well se keng schrëftlech Avisen agereecht hat, obwuel dat net gefrot war an och ausser deene Grénge keen anere schrëftlech Avisen agereecht hat. Mee mir haten awer eng kloer Haltung a mir hu gesot, kommt mir lancéieren emol déi Initiativ, bürokratesch esou einfach wéi méiglech, a mir kucken emol, wéi grouss den Erfolleg ass, wéi vill Jonker sech mellen, wéi vill Jonker do interesséiert sinn, an da kënne mer ëmmer nach eng Analys maachen iwwert den Erfolleg vun där Initiativ. A mir kënnen ëmmer duerno nach nobesseren, wa mer mengen, dass et méiglech ass, eng sozial Staffelung zum Beispill do eranzebréngen.

Doweinst wëll ech och soen, also am Rapport vun der Jugendkommissioun stoung keen Avis vun der Kommissioun selwer, am Rapport vun der Actions sociales-Kommissioun, do steet en Avis, deen awer och net esou unanime war. Do steet einfach d'Kommissioun hätt den Avis ginn, fir honnert Euro ze maachen. Dat war mat Sécherheet net unanime, well ech weess, dass déi gréng Vertrieder net där Meenung waren. An dat fënnt een och esou am Rapport erëm, well do steet nämlech just am Abschnitt virdrun, dass de Vertrieder vun déi Lénk nach aner Propose gemaach hätt, fir an dat Reglement eranzebréngen. Déi stinn och herno net am Avis. Dat heescht, deen Avis war net unanime vun all de Membere vun de Kommissiounen. D'Majoritéit huet vun Ufank un d'Angscht gehat, datt heite wär sozial ongerecht, déi Initiativ. Mir hunn dat deemools schonn e bësse kokass fonnt. Mee jo, am Gemengerot gouf scho gesot, Jonker mat wéineg Geld riskéieren ausgegrenzt ze ginn. Well et stëmmt jo, et ass net nëmmen den Zuchticket, deen ee muss bezuelen, mee d'Reese kascht, et muss een iessen, et muss ee schlofen, dat ass richteg.

D'Iwwerleeung fir sozial Staffelungen, déi ass verständlech. An Dir wësst, dass mir als déi Lénk och ganz oft do dorobber pochen. Mir mengen awer, dass et elo an dësem Fall hei net onbedéngt eng conditio sine qua non ass. Et ass fir Jonker, et ass eng Sachleeschtung, et ass en Zuchticket. A mir menge schonn, wéi mer gesot hunn, dat kann een ëmmer am Nachhinein nach maachen. Mee kommt mir

lancéieren emol déi Initiativ. Wat awer wierklech kokass ass, dat ass, dass op Demande vun der LSAP, an dat liese mer jo ganz kloer an de Rapporte vun de Kommissiounen eraus, eeben elo de Montant vun 300 Euro op 100 Euro erofgesat gouf.

Dat ass elo déi grouss sozial Errungenschaft vun der LSAP, dass mer eeben de Montant duerch dräi gedeelt hunn a just nach 100 Euro hunn. An dat ass eng definitiv Ausgrenzung, well wann een net kann oder net wëll op den Zuchticket dropleeën, well ee jo awer nach säin Täschegeld brauch an nach iergendwou muss schlofen a muss eppes iessen, wann een net kann dropleeën, mat 100 Euro, ech weess net, wou den Här Costa seng Präisser hierhuet, déi offiziell Präisser säit dem 1. Mäerz 2025, et kann een zwee Deeg duerch Frankräich reesen. Dat ass alles. Soss kann een e Lännerticket fir E oder F huelen, mee da muss een awer mol d'Reeskäschte bezuelen, fir an déi Länner wéi Estland, Bulgarien, Griicheland oder esou iwwerhaapt ze kommen.

Dat heescht, mat 100 Euro fänkt een net vill un, ausser et fiert ee vu Metz op Paräis an zeréck. Dat kann och flott sinn. Mee zu Paräis ze schlofen, dat gëtt schonn deier.  Mat 200 Euro, wéi elo d'Demande war vu ville vu menge Virriedner, do kann ee wéinstens eng Woch a Frankräich oder an der Belsch reesen, et kann een eng hallef Woch an Däitschland reesen, do mierkt ee schonn d'Privatiséierung vun der Bunn, dass dat e gutt Stéck méi deier gëtt fir d'Leit, oder wann een 12 Euro dropleet, da kann een a ganz Europa fir véier Deeg zumindest reesen.

Wann et also der LSAP drëm geet, fir Jonker mat wéineg finanzielle Mëttelen d'Reesen ze erméiglechen, ma dann ass, da musst Dir de Montant dann erhéijen, well dat heiten ass wierklech dat kontraproduktiivst, wat der maache konnt. Den Zäitraum, dat ass elo scho vun alle Virriedner bal gesot ginn. Do war d'Propos vun zwee Joer, dat ass, déi war net a Fro gestallt, déi war och an de Kommissiounen, do war souguer éischter d'Iwwerleeung, esou wéi ech de Rapport gelies hunn, fir dat nach méi auszebauen, mee et huet keen a Fro gestallt, dass dat just iwwer zwee Joer soll gülteg sinn, mee d'Decisioun ass just, dass et just ee Joer laang soll gutt sinn.

Mir hunn an der Jugendkommissioun nogefrot, firwat dat esou ass, do krute mer gesot, dat wär d'Decisioun vum Schäfferot. Okay, de President vun der Jugendkommissioun konnt och do net soen, firwat dass dat de Fall wier. Et ass elo scho e puermol gesot ginn, net jidderee kann an engem bestëmmte Joer wierklech dovunner profitéieren, aus gesondheetlechen, familiären, sozialen, soit, et gëtt ganz vill Grënn dofir. Ech mengen, ech hunn ëmmer e bësse ronderëm gekuckt, wou meng Virriedner geschwat hunn, ech mengen eng gewëssen Ouverture gesinn ze hunn an der Kommissioun vun der LSAP-Lokalsektioun, fir da vläicht awer op déi zwee Joer Validitéit do anzegoen, wann se elo net ze vill rose sinn iwwert verschidde Riede vu menge Virriedner. Ech mengen, dann ass do eng Ouverture, wat mer dann op alle Fall géife begréissen. All déi Iwwerleeungen awer, virun allem och mam Montant, zesummen domadder, dass, sou wéi ech d'Reglement liesen, déi Jonk just wärend der Receptioun kënnen hire Bong kréien. Also, mir fannen et jo och flott, dass eng Receptioun gemaach gëtt, dass déi Jonk nach kënnen e bëssen informéiert ginn, dass dat och e bëssen e gewëssenen offizielle Kader huet. Dat ass jo flott.

Mee wat ass mat deenen, déi deen Owend net kënnen do sinn, kënnen déi awer de Bong kréien? Dat steet nämlech elo am Reglement, souwéi wann et dee just deen Owend géif ginn, well soss fäerte mer, dass et awer méi fir d'Vitrinn ewéi fir d'Saach ass, an dass mer herno eng Foto hunn, wou méi Politiker wéi Jonker mat Bong drop sinn.  Also, mir géifen eis freeën, wann zumindest d'Validitéit géif op zwee Joer opgesat ginn. A mir mengen awer wierklech, dass mat engem Montant vun 100 Euro net ganz vill ze maachen ass. Dowéinst, wann do keng Ouverture ass, da ralliéiere mer eis un d'Demande vun deene Gréngen, fir e Vote séparé ze maachen. Well et ass eng gutt Initiativ mat enger éischter schlechter Ëmsetzung. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Dann hätte mer den Tour gemaach vun de Fraktiounen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Villmools Merci och fir d'Interventiounen. Bon, och wa mer net enger Meenung sinn oder net ëmmer eens sinn, mir schwätzen hei iwwert e Reglement. Ech kann awer novollzéien, wann Dir sot, dass dat zwee Joer soll gutt sinn, dee Bong, well effektiv, wann se fäerdeg sinn, dann hu se vläicht schonn eng Vakanz gebucht an duerfir ass dat och kee Problem. Selbstverständlech kann een natierlech awer och de Bong herno siche kommen. Et muss een net, wann een net kann op der Receptioun sinn, well ee vläicht grad nach op der Uni ass oder esou, ass dat awer och kee Problem.
Soudatt ech géif menge mir kéinten hei proposéieren, op déi zwee Joer eropzegoen an dann, fir datt mer hei vläicht awer unanime ofstëmmen, well mer fannen, datt et eng gutt Saach ass, géife mer dann op 200 Euro eropgoen, wann dat an der Rei ass. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Josiane Di Bartolomeo-Ries. An ech wéilt nach vläicht nach zwou, dräi Considératiounen ëmmer erabréngen. Ech mengen, et muss ee sech ëmmer virun Aen halen, egal wie mat enger Initiativ kënnt, dass et net ëmmer esou ass, dass eent zu eent, och wann een an der Originn vun enger Iddi ass, ëmgesat gëtt. Ech hat et an engem viregte Gemengerot gesot, an dat heiten ass jo mengen ech e Beispill dofir, et ass d'Politik lieft vu Komproмësser, wa mer keng Komproмësser méi bereet sinn ze maachen, an ech mengen et ass ëmmer eng Stäerkt vun der Lëtzebuerger Politik lokal an national gewiescht, da brauche mer am Fong net vill politesch Diskussioun deementspriechend ze féieren.

Et ass ewéi an der Chamber e Projet de loi, deen erageet, geet aneschters herno eraus. An hei ass et genau d'selwecht. Eng Iddi, déi erakënnt, déi gëtt diskutéiert, da kënnt herno aneschters eraus oder änlech eraus, gëtt adaptéiert. An ech mengen dofir war et jo och wichteg, déi Diskussiounen, souwuel an de Kommissioune wéi och haut hei ze hunn. Wéi gesot, d'Politik lieft vu Kompromësser. An hei geet et jo och ëm d'Saach.

Ech wollt just der Madamm Kemp soen, well se dann hei virgefouert huet, dass Walfer a Beetebuerg CSV-Buergermeeschteren hunn. Ech hoffen, dass mer dann, wa mer iwwer aner Projete schwätzen, dass Dir da mat där selwechter Verve deenen CSV-Buergermeeschtere sot, wou mir hei d'Virreiderroll huelen, dass se dann och eng Virreiderroll huelen.

Mee ech mengen, dass Dir dat net wäert maachen, well ech mengen, dass mer do wäit iwwertrompen. Mee ech mengen, wat mer net gefall huet, dat ass wann een hei probéiert ze schüren. Dat hutt Dir ganz kloer gemaach, Jonker géint Jonker auszeschüren, Gemenge géint Gemengen auszeschüren, fir ganz kloer ze soen, Diddeleng soll seng Jonker net manner ënnerstëtzen ewéi aner Gemengen. Mir kënnen Iech gären eng Kéier den Exercice hei maachen an dann an Ärer Logik déi dräi Gemenge beienee leeën a kucken, wat Diddeleng hei mécht, fir déi Jonk ze ënnerstëtzen, par rapport zu Beetebuerg a Walfer. An ech mengen d'Resultat ass ganz kloer. Ech weess et elo scho. Merci.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerkommen. Wien ass da mat deenen Adaptatiounen averstanen? Effektiv déi zwee Joer respektiv déi 200 Euro. ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci. An da komme mer iwwer op de Punkt 8.



# 8. OFFICE SOCIAL

**Approbatioun vum Dekont vum Office social fir d'Geschäftsjoer 2023**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënner dësem Punkt geet et ëm den Décompte annuel vum Office Social.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt awer nach dem Schäfferot Merci soe fir dës Kompromëssbereetschaft a fir déi Ouverture, déi den Här Buergermeeschter grad ugeschwat huet, well effektiv et ass doraus, wou d'Politik besteet, an et ass dat, wat mer an deenen Dokumenter, déi mer haten, e bësse vermësst hunn, an dofir hunn ech meng Rieden och an déi Richtung ausgeluecht, mee dee Kompromëss do, mat deem kënne mer liewen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci och. Da komme mer eriwwer op den Office Social, den Dekont.
Kënnt do e Vertrieder vum Office Social? Oder stellt de President vum Verwaltungsrot vum Office Social dat vir? OK, da gi mer dem President vum Verwaltungsrot vum Office Social d'Wuert.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ma, et ass ganz léif, et ass och ganz kuerz, et ass just am Fong geholl, wéi ëmmer de Gemengerot muss den Aval ginn hei fir deen Dekont vun 2023, dee ganz spéit d'lescht Joer komm ass, a voilà, méi ass et net. Dat ass alles scho gelaf, d'Gemeng huet hier, d'Gemeng gitt, steet jo ganz kloer dran, dat ass d'Konventioun null, dat ass dat wat de Staat an de Ministère de la Famille an d'Gemeng sech deelen, déi Käschten. An de Solde à payer par l'État, déi 10.000 Euro, déi si scho mëttlerweil hei op der Gemeng ukomm. An a fir sech ass et just pour information an dat wier et dann.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): D'accord, villmools Merci Här Zuang. Madamm Thoma .

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech hätt am Fong just eng ganz kleng Fro. Ech weess elo net, ob den Här Zuang mer do drop kann äntweren. Ech hu gesinn, dass 82 Euro facturéiert goufe fir Total honoraires d'interprète. Ech hunn dat elo immens wéineg fonnt. Dat ass warscheinlech eng Stonn oder zwou Stonnen, ech weess et net. An ech weess net, ob den Här Zuang et weess, brauche mer esou wéineg Iwwersetzungen? Oder ass dat dote elo just

am Kader vun dëser Konventioun? Well do war jo am Fong guer näischt virgesinn. Wann Der et net wësst, ass och net schlëmm, mee et huet mech eigentlech interesséiert wéi vill, also wat mer do vun Iwwersetzungen eigentlech brauchen am Office social, ob do vill Interpretatiounen néideg sinn oder net. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, ech denken, wann dee Montant hei steet, da weist dat aus, dass effektiv net méi gebraucht ginn ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi doten Äntwert. Da géif mer zum Vott iwwerkommen. Wien ass mat deem Dekont hei averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech iech villmools Merci.



# 9. PERSONALFROEN

**9.1. Kreatioun vun engem Gemengenugestallteposte mat Vollzäitbeschäftegung, Gehaltskategorie B, Gehaltsgrupp B1, Ënnergrupp Pedagogie a Psychosoziales (Service Educatioun an Accueil)**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Service Éducation et Accueil, Kreatioun vu Posten. D'Josiane di Bartolomeo-Ries huet d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, d'Kreatioun vun engem Posten, dat ass e B1, dat ass en Diplômé, fir dee mer missten eng Création de poste maachen. Fir wat maache mer dat? Ech hat zwar scho beim Budget driwwer geschwat, wéi vill Leit mer méi brauchen. Dat heiten ass e B1, deen eis an der Gaffelt feelt, well Dir wësst jo, datt mer do den Agrement eropgesat kruten an elo vill méi Kanner kënnen eranhuelen. An hei feelt eis da beim Personalschlëssel den Diplômé. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, ass de Gemengerot mat där Kreatioun averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci an da komme mer op deen nächste Punkt iwwer.

**9.2. Kreatioun vun engem Fonctionnairesposte mat Vollzäitbeschäftegung, Gehaltskategorie B, Gehaltsgrupp B1, Ënnergrupp Verwaltung a Sträiche vun engem Salariésposten (Gestioun an Entretien vum Patrimoine – Botzen)**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass d'Kreatioun vun engem B1-Poste fir de Service nettoyage. Do geet et virun allem driwwer um Niveau vun der Administratioun. Dat ass, wéi gesot, e Fonctionnaireposte fir och do administrativ ënnert d'Äerm ze gräifen an der Gestioun respektiv an der Administratioun, sief dat ronderëm d'Congéen, de ganze Planning vun deene verschiddene Sitten, d'Programmatioun vun den Aktivitéiten, d'Organisatioun vun de Remplacementer, och am Kader vum Absenteismus, wou mol stattfënnt, fir och do déi néideg Moossname kënnen ze huelen, awer och d'Formatioun mat kënnen ze assuréieren an och de Monitoring ze maache vun de besteeënde Mataarbechterinnen a Mataarbechter an och deenen neien, déi agestallt ginn, awer och e bëssen, wann d'Prestatioune gemaach ginn, dat ze kontrolléieren. Also, et ass wichteg, dass mer eis do dann och um Niveau vun der Administratioun och verstäerken. Esouvill zu der Erklärung dozou.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Jo, mir kruten de leschte Méinden och en Organigramm vun der Gemeng virgestallt an engem informelle Gemengerot, wat ganz interessant war. Wéi et hei och am Considérant steet, mir hunn 100 Mataarbechter an dem Service Nettoyage fir eis Gebaier. Dobäi kommen awer och nach eng Kéier 37 Persounen, déi och am Departement Sport an Nettoyage sinn. Mir haten als CSV monéiert, dass mer eng Kéier en Audit gemaach haten an et ass do ganz kloer aus deem Audit erauskoum vu virun dräi Joer, dass ee sollt Synergië schafen tëscht deenen zwee Nettoyage-Servicer fir eeben och op Demande ebe vun Absenteismus an esou weider anzegoen. Mir kruten och do eng relativ evasiv Äntwert. Et huet geheescht, jo, dat wären awer aner Surfacen, dat wär awer anescht, en anere Rhythmus an aner Horairen. Mee ech wollt awer nach eng Kéier drop hiweisen. Mir hunn den Audit gemaach, fir eeben och Pisten ze kréien an einfach déi Äntwert, jo, dat geet net, dat fanne mer elo net ganz glécklech. Do géif ech awer vläicht en Appell maachen, dass een dat awer nach eng Kéier kann nei consideréieren, fir dass een dat awer déi Koordinatioun méi effikass ka maachen tëscht deenen zwou Equipes de nettoyage. Ech mengen, dat geet och an anere Gemengen, och wann Dir dat net gären héiert, dass een an anere Gemengen eppes aneschters mécht. Mee do geet dat awer.

An ech mengen, mir hunn hei 100 Leit am Nettoyage fir eis Gebaier, plus 37 Leit an eise Sportsinfrastrukturen. Ech denken, do kann een awer scho kucken, dass een do awer op e gemeinsame Wee geet, och fir genau auszerechnen, wéi vill Meterkaree sinn dann ze botzen, wéi sinn déi ze botzen an esou weider. Ech denken, dass dat och eng Charge ass fir deen neie Responsabelen. An ech denken, ech wär ganz frou, wa mer och do eng Kéier géifen de Point gemaach kréien, vläicht no engem Joer oder esou, wat dann elo och do erauskënnt, wann eeben, wéi gesot, dee Service renforcéiert gëtt mat engem neie Responsabelen, dee, wéi gesot, jo net nëmmen do ass, fir d'Aarbechtspläng ze geréieren, mee Dir hutt et elo selwer gesot gehat, fir och méi nach an den Detail ze goen, wéi d'Botzmechanismen oder wéi d'Beschäftegunge sinn an, wéi gesot, wat och d'Besoine sinn. An dass mer vläicht do nach eng Kéier kéinten e Point maachen, dat wär en Appell, deen ech vläicht awer och nach eng Kéier géif hei lancéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kayser nach. Si vläit nach weider Froen zu deem dote Posten? Voilà, da géif de Loris Spina nach op e puer Punkten agoen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Effektiv hate mer déi Diskussioun schonn, Madamm Kayser, am Moment si mer nach ëmmer der Meenung, no Analys mat eise verschiddene Servicer, dass déi Trennung, wann een se esou däerf nennen, awer elo nach Sënn mécht. Engersäits sinn et verschidde Beräicher, e Vestiär, eng Schwämm, en Naassberäich ass anescht ze botze wéi vläicht, soen ech elo emol, e Gank oder e Büro, fir elo dat emol plakativ duerzestellen. Et sinn och aner Horairen. Déi Leit melle sech op déi Posten, well se eeben och an hirem Liewen zu aneren Horairë kënne schaffen. Dat spillt sécherlech och en Deel. D'Produiten, natierlech sinn et aner Produiten. D'Fiche-technicke sinn ënnerschiddlech an d'Kontrakter, wéi gesot, déi sinn och net eent zu eent ze vergläichen.

Et kann een d'Iddi awer natierlech ophuelen, wann elo en neie Moment kënnt mat engem neie Koordinator, dass deen sech vläicht deem nach eng Kéier unhëlt, well een dat jo net kategoresch ausschléissen. Mee eis Analys am Moment ass éischter der Meenung, dass dat elo net sënnvoll wier, dat elo esou ze maachen, well et awer zwee ënnerschiddlech Beräicher si mat ënnerschiddleche Virausseztungen. Deementspriechend fonctionéiere mer am Moment nach ganz gutt esou. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Loris Spina. Ech géif nach op deen anere Punkt agoen, par rapport zum Organigramm. Mir hate jo do festgehalen, dass mer eemol am Joer géifen an engem informelle Gemengerot iwwert den Organigramm kucken an och, mengen ech, nei Posten, zum Beispill déi hei am Gemengerot geschaf goufen, respektiv dann den Organigramm aktualiséiert gëtt, dass een do d'Geleeënheet sech gëtt fir dann eng Kéier e Bléck drop ze werfen. An ech ka mer och ganz, ganz gutt virstellen, dass bei der Kreatioun vun deem heite Posten, mengen ech, da bei enger nächster Ronn, wou mer iwwert den Organigramm zum Beispill dréien, och sou wéi deen heite Posten, wéi och aner Posten, wéi déi sech effektiv am Service verankert hunn a wéi dat och en Impakt hat um Niveau vun der Organisatioun vun der Aarbecht, well hei jo och spezifesch an eng Richtung geschafft gëtt.

Da géife mer ofstëmmen. Ass de Gemengerot mat der Schafung vun dësem Posten averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**9.3. Kreatioun vun engem Fonctionnairesposte mat Vollzäitbeschäftegung, Gehaltskategorie A, Gehaltsgrupp A2, Ënnergrupp Wëssenschaft an Technik a Sträiche vun engem Fonctionnairesposten (Architecture et Domaines)**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass d'Kreatioun vun engem Poste vun engem Ingénieur technicien an der Carrière vum Fonctionnaire communal, also wéi gesot, an der Carrière A2. Et ass esou, dass demnächst ee vun eise Mataarbechter, de Jeff Peiffer, dat steet jo och an der Deliberatioun, an d'Pensioun geet. A fir effektiv och do eng nahtlos Transitioun kënnen ze maachen, dat hu mir och scho bei anerer Poste gemaach, gi mer hin a mir schafen en neie Posten an där selwechter Carrière, fir dass dee Poste kann ausgeschriwwe ginn, d'Kandidate sech melle kënnen, d'Persoun och ka rekrutéiert ginn, ugeléiert ginn. An dann, wann eise Mataarbechter, den Här Peiffer, an d'Pensioun geet, da gëtt natierlech säi Posten ofgeschaft. Dat steet jo och an der Deliberatioun.

Mee et ass einfach fir effektiv en Iwwergang kënnen esou gutt wéi méiglech ze plangen. An dat ass net onwichteg, well et hei virun allem e Service jo betrëfft, de Service Architecture et Domaines, wou et ëm d'Neibauten och geet, fir dat da kënnen esou ze plangen. Dat sinn d'Erklärungen zu dëser Kreatioun.

Ass de Gemengerot och domat averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.



## 10. SCHOULORGANISATIOUN

*Vun der Partei „Déi Gréng" agereechte Motioun*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass eng Motioun vun deene Gréngen zu der Diddelenger Schoulorganisatioun an zu de Sportsstonnen. Ech géif hei nach eng Kéier kuerz awer preziséieren de Kader effektiv vum Deroulement, also d'Auteure vun der Motioun kënne kuerz d'Motioun erklären, dann ass eng kuerz Stellungnam vum Schäfferot, da kënnen déi politesch Parteien zu der Motioun Stellung huelen, da kréien d'Auteuren nach eng Kéier d'Wuert an da kritt de Schäfferot d'Wuert an da gi mer eriwwer zum Vott. Dat ass esou, wéi et am ROI steet an et ass jo och esou, wéi mer ëmmer déi leschte Kéieren, wa Motiounen hei waren, verfuer sinn. A wéi gesot, mir halen eis dann och un déi Trame, fir eng gewëssen Uerdnung ze kréien. An dofir kréien elo d'Auteure vun der Motioun d'Wuert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Et ass en Theema, wat, wéi Dir wësst, um Häerz läit. Säit den éischte Schoulkommissiounen an den éischte Gemengeréit hunn ech ëmmer erëm d'Theema gekuckt, konstruktiv an deene jeeweilege Gremien opzewerfen. Dat mol mat méi, mol mat manner Erfolleg. Positiv ervirzehiewe bleift awer, an dat soen ech och dofir elo direkt, wou ech d'Rumm vun dëser Motioun setzen, dass d'Diskussioun ëm déi feelend Sportstonn an der Diddelenger Gemeng schonn eppes bewierkt huet. Et si vill Elteren an och vill Enseignanten, déi eis Merci soen, d'Theema an de Vierdergrond bruecht ze hunn, an dass mir eis fir dat asetzen, wat de Kanner zegutt steet. Wat och dat ass, wat eis d'Etüde soen, dass d'Kanner d'Beweegung brauchen, déi hinnen zousteet. Et huet mëttlerweil och dozou gefouert, dass op eenzelne Plazen déi drëtt Sportsstonn et an de Stonneplang gepackt huet.

Ech profitéieren dofir och am Virwuert nach eemol ausdrécklech ze betounen, dass dës Motioun sech net géint eenzel Enseignanten, net géint eenzel Cyclen, net géint eenzel Schoulen, net géint de Schoulservice, net géint d'Direktioun an och net perséinlech géint déi responsabel Cheffin riicht. Dat ass mir wichteg ze soen. Ech hunn iwwer zwee Joer sämtlech Gremie probéiert konstruktiv drop hinzeweisen, dass mir an der Schoulorganisatioun net OK sinn, wat de virgeschriwwene Pensum u Schoulsport an de Cyclen 2 an 3 betrëfft. Et koume mol méi valabel Grënn, wéi beispillsweis d'Sportshal Strutzbierg, wou net fäerdeg war. Awer och ware vill Niwwelkäerzen dobäi an et hunn d'Diskussiounen op Nieweschauplätz gefouert, déi näischt mat der eigentlecher Doleance ze dinn haten.

Wou elo am Laf vun dësem Schouljoer vun der Schoulkommissioun d'Annonce vum Minister a Richtung Sport bei de Kanner a bei de Jugendlecher genannt ginn ass, op déi mir sollte waarden, hu mir dat och gemaach, wéi am Rapport vum 29. Januar 2025 ze liesen ass.

Mëtt Februar koum dunn d'Annonce vum Minister an et stellt sech awer eraus, dass dës eigentlech näischt mat eiser Doleance vun der feelender drëtter Sportstonn an de Cyclen 2 an 3 ze dinn huet. Natierlech freet eis d'Annonce vum Minister zwou Beweegungsaktivitéiten den Dag am SEA, déi ugebuede solle ginn, an eng drëtt Sportstonn op Sixième a Cinquième, also am Lycée. Ma esou sollte mir awer op dat zeréckkommen, wat eis concernéiert, an zwar d'Schoulorganisatioun. Hei hale mir fest, wéi de Schoulsport an der Grondschoul gehandhaapt gëtt. Heifir musse mir och op kee Sportscoordinateur waarden an och net op d'Angebot aus dem SEA grouss agoen. Och läit et net un eis, ze jugéieren, wéi mir et perséinlech fannen, well et ass eng Faktelag. Virgesi si beispillsweis fir e Kand am Cycle 3 d'nächst Joer dräi Stonnen d'Woch Schoulsport an d'Méiglechkeet am SEA un zéng Stonne Sport d'Woch deelzehuelen. Dat ka sécherlech fir Muskelkater suergen, wéi anekdotesch alt an Diskussioune gesot ginn ass, ma och dëst ass eigentlech just dat, wat de Ministère virgesäit.

Ech recommandéieren Iech an dësem Zesummenhang de Podcast Drëtt Hallschent vum RTL, allgemeng e Podcast, wou ëmmer ganz interessant ass, ma den 10. Mäerz hunn ech awer besonnesch gutt nogelauschtert, wou de Minister Meisch Invité war an zougestan huet, dass aktuell de Cycle 4 inkohärent wäert sinn, mat just zwou Schoulsportsstonnen d'Woch, woubäi ab der Rentrée vum Cycle 2 bis herno op Cinquième soss ëmmer dräi Stonne wäerte gesat sinn. Et gëtt deemno héchst Zäit, dass d'Gemeng Diddeleng emol eng Kohärenz an de Schoulsport kritt a sech un dat hält, wat virgeschriwwen ass.

D'Motioun ass deemno an deem Sënn ze verstoen, dass mir als Gemengerot eisem Rôle nokommen, d'Aarbecht vum Schäfferot ze kontrolléieren an de Fanger dohin ze leeën, wou an eisen Aen Upassunge solle stattfannen. An hei si mir net just der Meenung, mer hunn och direkt den néidege legale Kader bäigeluecht, déi déi Upassunge virschreiwen. Et ass deemno net dem Yves seng drëtt Stonn oder deene Gréngen hir drëtt Stonn, et ass déi drëtt Stonn, déi am Gesetz virgesinn ass, déi eis Schoulorganisatioun allerdéngs leider nach ëmmer net hiergëtt.

Ech fänken un. De Gemengerot stellt fest, dass Diddeleng eng Sportsstad ass an 2019 de Label European Town of Sports zougesprach kritt huet fir hir Sportsinfrastrukturen an Initiativen zur Färderung vum Sport. Am Link an der Annex zum Artikel vun dëser Auszeechnung erkläert de Loris Spina ënner anerem, dass de Sport, nieft dem Fait, dass e gutt ass fir d'Gesondheet, och sozial Lienen ënnerenee schaaft. De Buergermeeschter sträicht dann nach ervir,

dass d'Stad Diddeleng alles mécht, dass jidderee kann an de beschte Konditioune Sport maachen. Dat si Gedanken, déi denken ech jiddereen heibannen als positiv unerkennt an och de Schoulsport betreffen, vu dass d'Schoul déi eenzeg Plaz ass, wou een all d'Kanner erreecht. De Gemengerot stellt fest, dass de Gemengerot sech an deem Esprit zu all Initiativ misst bekennen, déi de Sport an d'Beweegung an eiser Gemeng fërderen, souwuel bei de Kanner wéi och bei den Erwuessenen an de Senioren. De Gemengerot stellt da fest, datt den Educatiounsministère d'Strategie vu méi Beweegung fir d'Kanner verfollegt, andeems de SEA an Zukunft zwou Stonne Beweegung den Dag ugebuede ginn an op Sixième a Cinquième am Lycée eng weider Sportsstonn op de Stonneplang kënnt. Dat consolidéiert, dass d'Bestriewunge vum Ministère an d'Richtung vu méi Beweegung ginn an net vu manner, wéisou mir eis als Sportstad och net méi d'Bléis sollte ginn, net mol de gesetzleche Minimum u Schoulsport an eiser Schoulorganisatioun festzehalen.

Da stellt de Gemengerot fest, dass der non-formaler Bildung am SEA hir Zilsetzunge, Prinzippien a Merkmale am Bildungsrahmenplan definéiert sinn. Dëst sinn anerer ewéi an der formaler Bildung an der Grondschoul an dowéinst mussen de SEA an d'Grondschoul an der Diskussioun ëm de Schoulsport onofhängeg vunenee consideréiert ginn. Dëst war leider an eisen Diskussiounen déi lescht zwee Joer net ëmmer de Fall. Da stellt de Gemengerot fest, dass de Règlement grand-ducal vum 11. August 2011, och nach Plan d'études, de Sport an der Grondschoul definéiert, souwuel wat d'Unzuel vun de Schoulstonnen ugeet, wéi och déi recommandéiert Inhalter. Ech hat et an der Ried zur definitiver Schoulorganisatioun am Oktober 2023 hei duerchgerechent am Gemengerot. Et geet ëm en Drëttel vun de Sportsstonnen, wou d'Kanner tëscht sechs an zéng Joer zegutt hunn, dee feelt. Dat heescht, um Enn vum Cycle 3 hu verschidde Kanner 144 Stonne manner Schoulsport gehat ewéi se missten. Dat ass bei de virgeschriwwenen 108 Sportsstonnen d'Joer, wéi wa se e ganzt Joer kee Schoulsport gehat hätten. Ech hat do och konkret Piste proposéiert, wou een all Woch zwou Stonnen turne geet an all zweet Woch zwou Stonne schwamme geet, fir op d'Moyenne vun deenen dräi Stonnen d'Woch ze kommen.

Da stellt de Gemengerot fest, dass déi obligatoresch Zuel vu wëchentleche Sportstonne Cycle 2 dräi Stonnen, Cycle 3, dräi Stonnen, Cycle 4 zwou Stonnen, net an all den Diddelenger Schoulen ofgehale gëtt. Säitdeem d'Diskussioun amgaangen ass, hu menges Wëssens no Lenkeschléi a Ribeschpont déi drëtt Sportstonn flächendeckend an de Stonneplang opgeholl. Op eenzelne Plazen hunn och eenzel Klassen reagéiert, respektiv waren och scho konform. Dat ass super, an och op dëser Plaz nach emol e grousse Merci heifir, ma et brauch Kohärenz vun eiser Säit. Spéitstens, mat der Ouverture vum Strutzbierg am Laf vun dësem Schouljoer d'Stad Diddeleng iwwer genuch Infrastrukture verfüügt, fir déi obligatoresch Zuel u Sportsstonnen an alle Cycle kënnen ze garantéieren.

Da stellt de Gemengerot fest, dass d'Kompetenz vum Erstellen an Arrêtéiere vun der Schoulorganisatioun der Gemeng ënnersteet, d'Schoulorganisatioun vun de Gemengen de legalen Obligatiounen an Horairë muss gerecht ginn, d'Sports- an d'Schwammstonnen an der kommunaler Schoulorganisatioun enthale musse sinn. Déi lescht dräi Considéranten, do gesitt Dir an der Annex, wou ech drugehaangen hunn, dass et d'Gemeng ass, déi responsabel dofir ass, eng Schoulorganisatioun opzestellen an ze arrêtéieren, déi de PDS a Betruecht zitt.

Weider gesitt Der, gehéieren zu esou enger Schoulorganisatioun ënner anerem d'wëchentlech an deeglech Stonnepläng. Hei ass et jo dann, wéi am Règlement grand-ducal vum 11. August festgehalen, de Plan d'études, dee festleet, wéi vill Stonne vun all Fach ze prestéiere sinn a wat den Inhalt ze sinn huet. Mir invitéieren de Schäfferot, mat den Diddelenger Schoulen an der regionaler Schouldirektioun a Kontakt ze trieden an drop ze bestoen, dass den am uewe genannte Règlement grand-ducal festgehalene Contingent u Sportsstonnen an all de Schoulen ab der Rentrée am September 2025 respektéiert gëtt.

Als nächst, an der provisorescher Schoulorganisatioun 2025-2026 en zousätzlecht Kapitel virzegesinn, an deem d'Organisatioun vum Schoulsport gereegelt gëtt, souwéi et vum Plan d'études virgesinn ass. Iwwert d'Schoulschwammen hate mir elo allkéiers en Abschnitt drastoen, hei wier et dann u sech just der Vollstännegkeet hallwer den Deel zum ganze Schoulsport, wou da beispillsweis vu Woch A mat zwou Stonnen a Woch B mat véier Stonnen definéiert wier, wien an der Moyenne dann op déi dräi Stonne Sport d'Woch kënnt. Einfach, fir dass dat mat de Plagen an den Halen, dem Transport an allem wat drun hänkt, och kann ugepasst ginn an den Enseignanten och do kee Kappzerbrieches bereet, wéi se déi kënnen assuréieren.

D'Schoulkommissioun am Virfeld vum Gemengerot iwwert déi nei Organisatioun vum Schoulsport ze informéieren an hiren Avis dozou unzefroen, sou wéi et am Schoulgesetz vun 2009 festgehalen ass. Sou, op déi éischt an déi drëtten Invite - denken ech - brauch ech net weider anzegoen, déi sinn zimmlech selbstredend, da soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen, fir d'Presentatioun an d'Erklärung zu Ärer Motioun. Da kënnt elo eng kuerz Stellungnam vum Schäfferot. Dat mécht d'Josiane Di Bartolomeo-Ries an dann ass herno d'Diskussioun hei am Gemengerot op.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci fir d'Wuert. Ech hu jo déi Motioun och kritt, wéi et Dir alleguerten, ech muss awer soen, an ech soen dat net gären hei, wann ech awer als Conseiller an enger Schoulkommissioun sëtzen, déi mëttwochs owes ass d'lescht Woch, an ech ginn duerno eraus an ech schreiwen dann esou eng Motioun, da stelle mech awer ganz kloer a Fro, ëm wat geet et hei? Geet et wierklech ëm d'Sportsstonnen oder geet et drëms, sech an Evidenz ze setzen? Well ech wëll soen, de Mëttwochowend hate mer sämtlech Presidenten do sëtzen, mir haten d'Direktioun do sëtzen. Do ass net ee Wuert gesot ginn iwwer Sportsstonnen an ob se virgesi si ginn.

Dann eng aner Fro, déi ech mer stellen. Här Steffen, Dir gesitt vläicht méi wäit fir Iech. D'provisoresch Schoulorganisatioun huet am Fong just de Contingent opgedeelt. Wësst Dir dann, ob net vläicht ab September sämtlech Schoulen déi drëtt Sportstonn maachen? Ech mengen, Dir wësst et net, ech kann Iech et och elo nach zu dësem Zäitpunkt net soen, mee et hätt ee vläicht kéinten an der Schoulkommissioun e Wuert driwwer verléieren, dann hätten d'Presidenten och vläicht kéinten eng Äntwert ginn, déi ech elo hei net kann esou ginn.

Éier ech elo op d'Motioun selwer aginn, mengen ech, ass et ganz wichteg, dass och déi aner eng Kéier d'Wuert kréien. An da wëll ech nach soen, en extrae Plang fir e Sportsplang, dee mer an der Schoulorganisatioun definéieren, da muss ech soen, da maache mer dat selwecht, wann ech gelift, och fir Molen, Musek an dat anert. Da muss dat och extra erausgehuewe ginn. Mir kënnen net nëmmen hei de Sport eraushiewen, et sinn och nach aner Saachen, déi gemaach ginn, Museksstonnen, da musse mer déi och eraushiewen. Ech mengen awer, datt mer vläicht fir d'éischt deenen aneren eng Kéier d'Wuert ginn. Ech muss soen, ech sinn zimmlech enttäuscht, wann een als Conseiller iergendwou sëtzt an dann do et net fäerdeg bréngt, wann déi richteg Leit do sinn, déi Froen ze stellen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Di Bartolomeo-Ries, fir déi éischt Stellungnam. An elo kënnen hei déi politesch Parteie Stellung huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Als Éischt wollt ech op déi Interventioun vun der Madamm Di Bartolomeo-Ries elo och agoen. Ech sinn och an där Schoulkommissioun an och schonn e puer Joer dobäi. An zënter dass den Här Steffen an der Schoulkommissioun ass, seet den Här Steffen allkéiers, ausser leschte Mëttwoch, ausser leschte Mëttwoch, an all Kommissiounssitzung, wéi ass et mam Schoulsport mat der drëtter Stonn? Ech fannen dat elo net fair, fir ze soen, en hätt dat elo de leschte Mëttwoch net gesot, well en huet et all Sitzung, wou e war, an den Här Steffen ass zënter zwee Joer dobäi, huet en dat ëmmer gesot. An et ass oft mat Ae verdréinen an esou weider, krut en d'Äntwert. An, jo, mir kucken dat. An dat hänkt eeben dovun of, wien d'Schoulstonnen hält. An de Strutzbierg ass net fäerdeg. An dat steet jo och elo extra am Considerant.

Neen, ech fannen dat do elo net fair. Ech sinn och nach net fäerdeg. En huet dat ëmmer gesot, ma da waarde mer emol of, bis de Strutzbierg fäerdeg ass, bis mer d'Infrastrukturen hunn. An et ass net, wéi wann en aus heiterem Himmel elo déi Motioun hei geschriwwen huet. Also, ech sinn net bei deene Gréngen an der Partei, mee do fannen ech awer, do muss een awer och fair sinn, dass dat hei en Uleies ass vun deene Gréngen an net nëmme vun deene Gréngen. An e krut och oft d'Ënnerstëtzung och vun deenen anere Leit an der Schoulkommissioun, dass dat heiten e wichtege Punkt ass. Dat elo mol dozou.

Zweetens, da kommen ech zu eiser Positioun, zu der Motioun. Mir sinn absolut och der Meenung alleguerten déi Consideranten, déi hei erwäänt gi sinn, déi si méi wéi richteg. An et geet hei net ëm eppes nice to have. Et geet ëm en Ëmsetze vun engem Gesetz. Do ass eng drëtt Stonn virgesinn. A wéi gesot, et ass genau wéi den Här Steffen seet, mir sinn eng Sportsstad, mir wëllen Health City sinn. Mir wëssen, wéi wichteg Beweegung fir d'Kanner ass an och deen ee Saz, wou den Här Steffen nach gesot huet, d'Schoul ass déi eenzeg Plaz, wou mer all Kanner erreechen. Dat ass eppes, wat ganz wichteg ass. Well et gi vill Kanner, déi eeben net an de Veräi ginn. An et sinn och Kanner, déi net an de SEA ginn, déi dann och net do kënnen an de Genoss vun deenen zousätzleche Beweegungsstonnen, déi de Ministère och elo virgesinn huet, kënne kommen.
Et si vill Kanner, déi ginn heem, sëtze sech bei Tëlee an iesse Chipsen. An dat ass eng Tatsaach. Et sinn ëmmer nach Kanner, déi net an de Genoss komme vum SEA an deem Sënn, wou wierklech vill flott Projete sinn.

Dofir ass et grad wichteg, dass mer kucken, dass mer all d'Kanner dozou kréien, sech gesond ze beweegen. An do gehéiert eng drëtt Turnstonn derbäi. Ech sinn och immens frou, dass mir hei zu Diddeleng d'Kanner alleguerten un d'Schwamme kréien. Dat ass absolut e wichtege Krittär. An dofir ass et och esou wichteg, dass mer de Strutzbierg esou flott nei gemaach hunn. An och dozou ze soen, mir hunn esou vill investéiert an alleguerten eis Sportsinfrastrukturen an alle Schoulen, an eis Schwämmen. An do muss een och soen, da muss dat och genotzt ginn. An och dee gesetzleche Kader, dat ass de Minimum, dass mer deen erfëllen. An ech fannen et einfach ongesond, fir ze soen, jo, et hänkt e bëssen dovun of, wat de Sportsschoulmeeschter mécht. An do sinn ech immens frou, dass verschidde Schoulen effektiv an déi Richtung ginn, Leit och als Sportsenseignanten ze hunn, déi wierklech motivéiert sinn, och mat hire Kanner Sport ze maachen.

Ech mengen, mir sinn och hei op de Wee gaang, och als eng vun den eenzege Gemengen, dat muss een och soen, dass mer Kanner, déi wierklech Schwieregkeeten hu mat der Beweegung, déi iwwergewiichteg sinn, an engem extra Grupp opfänken, am Wibbel. Do si mer och federführend. Do gëtt et der net ganz vill am Land, déi esou e Service hunn, wou mer déi iwwergewiichteg Kanner aus der Primärschoul extra opfänken, mat hinnen en extra Schoulprogramm och maachen. Mee och deene géif et zegutt kommen, wann eng drëtt Sportstonn géif kommen. A wichteg ass och vläicht ze erwänen, dass een elo net seet, jo, et muss ee souwisou méi Beweegungspausen an den Ënnerrecht afléisse loossen.

Ech wollt dat awer och nach eng Kéier soen. Dat war och ganz flott wéi mer de Kannergemengerot hei haten. Déi haten eis et virgemaach. Déi hunn och gesot, mir hätten och gär méi Beweegung an de Stonnen. Mir hu missen den Hampelmann, nee, mir hu missen, si hunn eis initiéiert, fir den Hampelmann emol ze maache wärend eiser Sitzung hei. An et kann een och a yogaänlech Rouübungen eriwwergoen. Dat ass ganz wichteg, dass een och wärend de Stonne Beweegung oder Relaxatioun afléisse léisst. Mee dat ass net dat selwecht. Hei geet et ëm eng gesetzlech virgeschriwwene Sportstonn an ech denken, den Avis ass jo net béis gemengt. Et geet jo drëm, dass mer sollen drop halen, dass an eiser Gemeng dat Gesetz ëmgesat gëtt.A

mir ënnerstëtzen hei voll a ganz déi Motioun vun deene Gréngen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Duerch den Zäitplang an eise Schoule sinn oft d'Traininger vun de Kanner dënschdes an donneschdes mëttes. Dënschdes an donneschdes mëttes sinn awer och oft d'Elteren op der Aarbecht, well se nun emol zu zwee schaffe ginn a fir déi Elengerzéiend ass et net nach méi einfach. Fakt ass och, dass zwanzeg Prozent, also eent op fënnef vun eise Kanner obèse sinn. Ech schwätzen hei net vun e bësse Speck, mee vun Obesitéit. Ech sinn also der Meenung, dass et also wichteg wier, wa mer déi obligatoresch Unzuel u Sportsstonnen hei zu Diddeleng, dëst elo, wou déi nei Hal um Strutzbierg endlech steet, géingen anhalen. An dëst ënner anerem fir der Obesitéit entgéintzewierken an eis Kanner domat ze schützen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Meyer, d'Madamm Spagnuolo huet d'Wuert.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also, mir ënnerstëtzen och d'Motioun vun deene Gréngen iwwert de Sport an de Schoulen, datt déi gesetzlech virgeschriwwe Stonnen dann och sollen agehale ginn. Et ass ëmmer wichteg, dass d'Kanner nieft dem ville Sëtzen och an der Schoul kënne Sport maachen. Ech soe Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Spagnuolo.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools Merci. Also, ech sinn net an der Schoulkommissioun an et ass och wierklech net mäi Sujet an ech war wierklech - ech mengen ech hunn dat och schonn hei gesot- mee ech war wierklech dat Kand, also wa mer null Stonne Sport gehat hätten, da wier et nach ze vill gewiescht fir mech. Mee ech muss awer, fir unzefänken, ...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dir waart dach am Dëschtennis.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Genau, ech hu jo mäi Sport gemaach. Ech hat Elteren, déi mech och konnten a mäi Veräi féieren. Da si mer genau do, wou den Här Meyer elo war. Ech hat déi Méiglechkeet, fir am Veräi Sport ze maachen. An ech hunn dat gehaasst, an der Schoul Sport ze maachen. Dat heescht awer net, dass ech anere Kanner déi Freed dorunner wëll huelen. Neen, mee elo mol seriö, ech wëll fir d'éischt emol der Madamm Kayser Recht ginn. Ech sinn net an der Schoulkommissioun, mee mir hu jo eng Observatrice, (déi jo da leider nees kee Jeton kritt), mee mir hunn eng Observatrice an déi huet, (dat war elo keng Kritik op Iech, mir wëssen, dass dir net dofir kënnt an dass dir ganz oppen dofir waart fir eis e Jeton fir déi Kommissioun ze ginn).

Mee ech hu mer awer soe gelooss vun eiser Observatrice, dass effektiv an all Kommissioun vun de grénge Kolleegen deen dote Sujet ëmmer an der Kommissioun ugeschwat ginn ass. An dann iergendwann eng Kéier verstinn ech awer, dass een net weiderkënnt, an ech hunn et jo och hei matkritt am Gemengerot, dass bei all Diskussioun vun all Schoulorganisatioun ëmmer erëm déi Fro gestallt gouf an dass et dann awer ëmmer sou e bësse Wischiwaschi-Äntwerte goufen.

Heiansdo hunn ech gemengt ze verstoen, dass dat dann och géif kommen elo, déi drëtt Schoulstonn, an dann ass et awer erëm iergendwéi net esou richteg komm. An da verstinn ech awer déi gréng Fraktioun, dass se iergendwann seet, OK, mee elo musse mer eng Kéier schwaarz op wäiss, mir wëllen elo wësse wéi et ausgesäit, mir kommen an der Kommissioun net virun, dowéinst gi se déi Motioun eran, dowéinst mengen ech awer och, dass do déi gréng Kolleegen awer voll an hirem Recht sinn, wann se déi Motioun do eraginn.

Ech si selwer net an der Thematik dran, mee ech verstinn net esou richteg, wou de Problem ass, wann déi Sportsstonnen am Plan d'études esou virgesi sinn. Si mir dann iwwerhaapt legal mat eiser Schoulorganisatioun, wa mir se net esou ëmsetzen, wéi dat am Règlement grand-ducal uginn ass? Dowéinst, ech verstinn net de Problem, firwat mer et net ëmsetzen, wéi et gesot ginn ass, mir investéieren esou vill an eis Schoulen an an eis Sportsinfrastrukturen. Also, wa mir d'Méiglechkeet net hunn, fir dat Règlement do ëmzesetzen, dann hunn aner Gemenge jo nach vill méi Schwieregkeeten.

An dann zu deem, wat d'Madamm Di Bartolomeo-Ries gesot huet, da maache mer och en extra Kapitel fir Molen a fir Konscht, ganz gäre fir Musek, well progressiv wier jo, wa mer emol legal op där richteger Basis sinn, da kéint ee jo nach iwwer ganz aner Diskussiounen diskutéieren. Da si mer net méi ganz an der Schoulorganisatioun, mee mat de Maison Relaisen zum Beispill, wéi kréie mer d'Kanner an d'Sportveräiner? Wéi kréie mer d'Kanner an d'Museksschoul? Wéi kréie mer d'Kanner an Aktivitéiten, wou se, maache warscheinlech och kënschtleresch Aktivitéiten an der Schoul an an der Maison Relais, mee wéi kréie mer d'Kanner och dozou, dass se a Veräiner kënnen aktiv ginn, wou se jo nach eng aner Sozialiséierung och hunn?

An dat wär mol progressiv, do wäre mer nämlech iwwert dem legale Kader mol eraus. Déi Froe misste mer eis stellen. An ech weess, dass dat fir Diddeleng ganz komplizéiert ass, well mer vill Maison Relaisen a vill Veräiner hunn an dat ass logistesch alles aneres wéi einfach. Mir verstinn net, firwat mer eis net kënnen drop eenegen, zumindest ee legale Kader anzehalen an déi dräi Sportsstonnen, déi esou virgesi sinn, mindestens ëmzesetzen. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Thoma, sinn nach weider Stellungnamen? Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Zu där Geschicht, dass dat an der Schoulorganisatioun, ech mengen dat steet schonn éiweg do, esou laang wéi ech Schoul gehalen hunn, gouf et eng drëtt Turnstonn. Et ass eebe just, et ass net ausgefouert ginn. Vun der Majoritéit vun de Leit ass se geholl gi fir an engem anere Fach eppes ze maachen. Deen een huet se geholl fir am Franséischen e bëssen nozekommen, deen aneren huet se effektiv gebraucht. Et sinn der och, déi se mol gehalen hunn. Mee et muss een awer och wëssen, dass dat heiten dann elo wierklech, wann eng drëtt Turnstonn ass, déi ass vum Enseignant ze halen, do ass net, dass erëm eng Kéier ka Recours gemaach ginn, dass een eng Stonn kann ofginn do un en Turnlehrer. Dat ass effektiv um Enseignant fir déi ze halen.

Mee ech muss awer och trotzdeem soen, an dat wat d'Madamm Ries gesot huet am Ufank, dat stëmmt, mir haten e Mëttwoch eng provisoresch Schoulorganisatioun ze stëmmen. An ech muss Iech wierklech soen, Här Steffen, dass ech wierklech dann, wann dat doten Iech wierklech esou héich louch, dass Dir effektiv do hätt missen effektiv ënner Divers soen hei, ech hunn nach eng Kéier dee Punkt, et wär wierklech dee richtege Moment gewiescht, wou ee wierklech d'Presidenten do gehat hätt. An nach aner Leit, d'Eltervertrieder, an et hätt een effektiv kënnen do de Bols fillen, wéi et an de Gebaier steet mat der Akzeptanz. Dir sot virdrun, et si schonn eenzel Gebaier, wou se scho festgehale ginn, dat ass an der Rei, et ass och tipptopp esou, mee wéi gesot, ech hat et awer trotzdeem thematiséiert, fir ze kucken ob wéi d'Majoritéit vun de Schoulgebaier sech géif positionéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci. Voilà, elo hunn d'Auteuren oder wéi gesot den Här Steffen nach eng Kéier d'Méiglechkeet ze reagéieren. An dann d'Josiane Di Bartolomeo-Ries. An da gi mer iwwer op de Vott vun der Motioun, respektiv hu mer nach e puer Proposen oder Amendementer zu der Motioun. Voilà, Här Steffen, ech géif Iech fir d'éischt d'Wuert ginn.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech soe Merci fir d'Wuert. An ech soen och der Madamm Kayser an der Madamm Thoma Merci, well ech fannen, wa bis de Mann gespillt gëtt amplaz vum Ball, da weist et, dass mer eis argumentativ op ganz dënnen Äis eis hei beweegen. Dat hei ass keng Selbstinszenéierung, wéi et duergestallt gëtt. Ech hunn elo zwee Joer an all Kommissioun eppes gesot. Ech hunn an all Gemengerot, wou et drëms gaangen ass, hunn ech eppes gesot. Ech hunn elo grad zitéiert gehat, et ass vläicht ënnergaangen, am Januar ass dat an Aussiicht gestallt ginn, dass de Minister eng Annonce géif maachen. Op déi Annonce hunn ech gewaart, well dat ass am leschte Rapport ass dat diskutéiert ginn. Ech mengen, do wier jo d'Geleeënheet gewiescht eppes proaktiv ze soen, emol eng Kéier zu där drëtter Sportstonn, well et ass, wéi d'Madamm Kayser gesot huet, allkéiers, wann ech d'Theema opgeworf hunn, ass d'Diskussioun opgewiescht.

An do wéilt ech eng Kéier kuerz drop agoen, wat den Här Zuang gesot huet, mir hunn déi provisoresch Schoulorganisatioun nach net gestëmmt, well dat do ware just d'Zuele vum Contingent, déi komm sinn an d'Effektiffer. Dat heescht, dat do war net déi provisoresch Schoulorganisatioun, déi kënnt eréischt am informelle Gemengerot, dat misst Ufank Juni sinn, eng Kéier méindes.

Dat heescht, mir hunn nach Zäit do, mee mir hunn d'Motioun e bëssen an enger klenger Urgence och elo erabruecht, well mer eis gesot hunn, wa mer elo näischt maachen, da gëtt et definitiv ze spéit fir déi provisoresch Schoulorganisatioun am Juni. An da gëtt et ze spéit, fir dass se d'nächst Joer am September ka stattfannen. Dat heescht, vun der Zäitschinn hier, jo, et kann ee scho soen, dass dat heiten elo deen eenzege Moment gewiescht wier.

Dann, et kann ee se ganz wuel ofginn, déi dote Sportsstonnen, déi mussen net vum Titulaire gehale ginn. Och dat ass eng Diskussioun, déi mer an deene leschten zwee Joer ganz oft gefouert hunn. Ech wollt se elo net nach eng Kéier en long et en large diskutéieren. Ech hat se och elo hei tëscht de Consideranten eng Kéier erkläert, dass wann een all Woch zwou Stonnen turne geet an all zweet Woch zwou Stonne schwamme geet, kann ee esouwuel d'Turnen ofginn ewéi och d'Schwamme separat. Dann huet een dräi Stonnen, déi ee vu senger Tâche am Fong ofgëtt duerch de Schoulsport. Dann huet een all Stonn am Fong ofginn. Oder et seet ee sech, ech ginn all zweet Woch einfach mat der Klass schwammen. Da gëtt ee ganz normal d'Turnen of, all Woch zwou Stonnen, dat leeft op ganz ville Plazen am Land genau esou. An do ass dat och guer kee Problem.

Dann allgemeng zu der Ausféierung vun der Motioun, well ech fäerten, dass ech hei liicht falsch verstane ginn. Mir ginn net kontrolléiere wien se hält a wien se net hält. Den Här Zuang huet grad drop referéiert, dass op verschiddene Plaze se net gehale ginn ass, dass Franséisch gehale gi wier an dat hei an dat do. Ech hidde mech virun esou Aussoen, well ech se net iwwerpréiwe kann, well et net a mengem Kompetenzberäich läit, an d'Schoul kucken ze goen, wat do leeft a wat gehale gëtt a wat net. Ech mengen awer, dass mir an enger Schoulorganisatioun einfach mussen et definéieren als solches, dass ee seet, voilà, do sinn awer dräi Sportsstonnen dran, déi si virgesinn, do ass e Bus virgesinn, do ass eng Hal virgesinn, do ass alles dat, fir dat d'Gemeng zoustänneg ass, fir dat se ganz vill Geld an d'Hand hëlt, dat ass do an eis Schoulorganisatioun steet. Ob herno een an de Bus klëmmt an an d'Sportshal fiert a säin Turnen hält, gi mir jo net iwwerpréiwen. Dat läit guer net an eisem Beräich an et ass guer net eis Doleance. Eis geet et just drëms, dass d'Schoulorganisatioun eeben d'Rumm setzt, un déi sech gehale gëtt, an dass et den Enseignanten erméiglecht, dass se dat dote kënne maachen, dass se kënnen an de Bus klammen, dass se wëssen, dee kënnt all Dënschden um aacht Auer an ech ka, ech hu meng Sportshal, wou ech ka mäi Sport ofhale kann. Oder ech mellen de Bus of an ech ginn op de Ministade virun der Dier. Och déi Beispiller hu mer en long et en large diskutéiert.

Da koum nach d'Fro vun der Madamm Di Bartolomeo-Ries, si hat gesot, wa mer e Plang fir de Sport maachen, da misste mer e Plang fir d'Musek maachen, fir d'Konscht maachen, an, an, an. Mir hunn an der provisorescher Schoulorganisatioun, zumindest déi vum leschte Joer, en Abschnitt vum Schwamme stoen. Dat heescht, dat Faass hu mer jo

am Fong schonn opgemaach. An do war meng Fro just mat eisen Invitten, dass mer dat Feld géifen ergänzen duerch de Schoulsport am Allgemengen, an dass mer dorauser géife maachen hei déi dräi Stonnen, déi sinn d'Woch an de Cyclen 2 an 3 si gesat. An hei op eise Stonnepläng, déi mer matdenken, ass dat dote scho consideréiert. Well da fält et herno och den Enseignantë méi einfach, dat dote kënnen ze halen. Well wa mir si lo nach domadder beoptragen am Fong, et gëtt ëmmer méi op d'Enseignanten ofgewälzt. An dat ass a mengen Aen als Enseignant och net am Fong wéi et soll sinn. Du hues wierklech ganz vill an dengem Alldag ze dinn an ech fannen, zumindest esou déi Stonneplängsgeschicht oder déi Organisatioun do ronderëm, fir sech drëms ze këmmeren, dat läit jo am Kompetenzberäich vun der Gemeng. Da sollte mer och do hinnen entgéintkommen an d'Saach méi einfach maachen.

Et ass, wéi d'Madamm Thoma  gesot huet, d'Motioun war elo dat, wat eis nach iergendwou bliwwen ass, no all deenen Excusen, respektiv no deene Grënn, firwat dass et net géif goen. A ganz oft elo an deene leschten zwee Joer, hu mer Plaze genannt, wou een och Kontakt mat deene Plaze schonn hat, fir ze kucken, hei wéi maacht Dir dat dann? Wéi kréie mer et ëmgesat? D'lescht Joer hate mer en zimmlech opwennegen Exercice gemaach, fir ze kucken, ob et da méiglech wier mam Strutzbierg, ouni Strutzbierg. Am Endeffekt ass dunn awer net wierklech eppes geschitt oder dach. An da war et awer just esou hallef. An hei ass et elo einfach fir et eng Kéier ze consolidéieren an eiser Schoulorganisatioun, dass mer gutt sinn an dass mer dat Theema am Fong evakuéiert hätten. Méi war et am Fong net. Wann ech eppes vergiess hunn, da kläre mer dat bestëmmt eng aner Kéier. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen, nach eng Kéier fir Är Stellungnam a Reaktioun. An da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo, villmools Merci. Also, ech hunn elo zu kengem Moment hei gesot, den Här Steffen hätt et net an all Schoulkommissioun eng Kéier gesot, wéi ass et mat der drëtter Sportstonn? Hien huet ëmmer eng Äntwert kritt. Well ech kann Iech soen, an där leschter Schoulorganisatioun, well soss wéisst Dir et jo net, do hat de Ribeschpont an d'Lenkeschléi scho gesot, datt si hir drëtt Stonn géife maachen. An et ass, wéi ech virdrun am Fong gesot hunn, ech kann elo hei net behaapten, wie wat mécht. Dat musse mer schonn zesumme mat der Schouldirektioun kucken an och mat de Schoulpresidenten. Wann een hinnen dat gesot hätt, de Mëttwoch an der Schoulkommissioun, dann hätten se vläicht eng Äntwert drop gehat. Ech hu se elo hei net.

Ech wëll awer net soen, dass déi Motioun schlecht wär oder esou. Et ass en Outil. Ech hunn och d'Motioun gelies an ech géif eigentlech elo vläicht proposéieren, datt mer eng Kéier duerch d'Motioun ginn a liicht Ëmännerunge maachen a kucken ob dat och fir eis alleguerten dann esou an der Rei wär. Vun der Motioun, wann ech elo ufänken, den Här Steffen, do géife mer deen éischten Abschnitt Diddeleng eng Sportsstad, dat loosse mer esou stoen, dat ass och esou an der Rei, ech mengen dat ass kee Problem, an dann de Gemengerot sech an deem Esprit zu all Initiativ, déi de Sport an d'Beweegung an eiser Gemeng fërdert, souwuel bei de Kanner wéi och den erwuessene Senioren.

Ech géif dat liicht ëmänneren, well ech fannen, also mir sollen awer och e bëssen eis Gemeng emol eng Kéier an de Vierdergrond stellen. Mir maache ganz vill a mir ënnerstëtzen och ganz vill Initiativen. Duerfir géif ech am Fong Äert, wat Dir geschriwwen hutt, sech misst bekennen, dat géif ech am Fong just liicht ëmänneren. Dann, Dir hutt am Fong geschriwwen de Gemengerot sech an deem Esprit zu all Initiativ misst bekennen an ech wëll einfach soen, zu all Initiativ bekennt, also fërdert. Jo, bekennt. Voilà, dat ass esou d'Ëmännerung, déi ech géif proposéieren. Si steet och eng Kéier do.

Bon, dann dat nächst, dat ass an der Rei, déi zwou Stonne Beweegung, dat hu mer och esou stoe gelooss, an dann deen nächsten Tiret, déi non-formal Bildung vum SEA, do sot Dir hir Zilsetzungen, Prinzippien a Merkmaler am Bildungsrahmplang definéiert sinn, dës sinn anerer wéi an der non-formaler Bildung, an der Grondschoul, an dowéinst mussen de SEA an d'Grondschoul an der Diskussioun ëm de Schoulsport onofhängeg vunenee consideréiert ginn. Bon, ech wëll do vläicht just soen, d'Diddelenger Gemeng gëtt sech schonn iwwer Jore relativ vill Méi fir déi zwou Strukturen zesummen ze verbannen a fir datt se matenee schaffen an sech e bëssen och ofschwätze mateneen, duerfir géif ech eigentlech proposéieren, dass mer do géife schreiwen: déi non-formal Bildung am SEA, hir Zilsetzungen, Prinzippien a Merkmaler sinn am Bildungsplang definéiert. D'Diddelenger Gemeng beméit sech säit Joren, den Oflaf vun engem ganzen Dag vum Kand ze consideréieren, fir eng optimal Begleedung vun all Kand an dowéinst mussen de SEA an d'Grondschoul an der Diskussioun ëm de Sport consideréiert ginn.

An da géif ech virufueren, deen nächsten Tiret ass fir mech am Fong an der Rei, an da kënnt déi obligatoresch Zuel, dat ass och okay, an dann,  do geet et am Fong ëm de Strutzbierg, datt deen elo opgaangen ass, an do schreiwen ech, d'Stad Diddeleng niewent senge bestoenden Infrastrukturen an no der Ouverture vum Strutzbierg am Laf vun dësem Schouljoer iwwer genuch Infrastrukturen am Bannen- a Bausseberäich, well et soll ee sech net ëmmer nëmme limitéieren op Gebailechkeeten,  verfüügt, fir déi obligatoresch Zuel vu Schoulsportsstonnen ze assuréieren.

An dann: d'Organisatioun vun de Schoulsportsstonnen an d'Concertatioun an enker Ofstëmmung mat der regionaler Direktioun, de Schoulpresidenten an de Schoulkommiteeë muss gemaach ginn. Dat wär och nach eng Ännerung, wou ech géif erabréngen. An dann, d'Kompetenz, dat ass an der Rei, dat loosse mer esou stoen. An och d'Schoulorganisatioun, d'Sports- an d'Schwammstonnen, déi Tireten, dat géife mer esou stoe loossen. An da géif ech bei invitéiert de Schäfferot, do schreift Dir: mat den Diddelenger Schoulen an der regionaler Schouldirektioun a Kontakt ze trieden an drop ze bestoen, datt deen uewe genannte Règlement grand-ducal festgehalene Contingent u Sportsstonnen an

all de Schoulen op der Rentrée 2025 respektéiert gëtt. Also, mir sinn eigentlech am permanente Kontakt mat der Schouldirektioun an och de Schoulkommiteeën an do nach eng Kéier, deen Tiret géif ech elo ewechloossen, well mer eigentlech dauernd am Echange sinn an och mat hinnen zesummen do sëtzen.

Dann, dat drëtt wier, d'Schoulkommissioun am Virfeld vum Gemengerot iwwert déi nei Organisatioun vum Schoulsport ze informéieren, do géif ech just dat ewechloossen an hiren Avis dozou unzefroen, sou wéi et am Schoulgesetz festgehalen ass. Also, ech mengen, Dir gitt jo ëmmer en Avis of an der Schoulkommissioun. Muss dat elo bestoen? Dat ass elo wéi Dir wëllt. Dat wär et. Dat sinn d'Proposen. Just deen een Deel, dee Punkt eent do, dee kann een ewechhuelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Jo, deen ass schonn an de Consideranten, deen ass superfétatoire. E puer liicht Ëmformuléierungen, wat de Contenu ugeet, mee bon, mir ginn awer plus minus an déi selwecht Richtung. Dir kënnt eng Kéier kuerz Stellung dozou huelen, natierlech.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech gesinn, mir sinn eis awer a ganz villem eens, dat freet mech. De misst bekennen, bekennen, dat ass an der Rei, wa mer déi Motioun hei stëmmen, weise mer jo nach ëmsou méi, dass mer eis derzou bekennen. D'Strukture verbannen, dee Consideranten, do géif ech an deem Sënn einfach drop hiweisen, dass mir dee Punkt jo dra gesat hunn, well d'Vermëschung an der Diskussioun ëmmer stattfonnt huet. Dee stoung jo just dran, fir ze soen, mir kënnen net soen, well se mëttes am SEA zwou Stonne Sport maachen, dass se se moies net kënne maachen. Duerfir hat ech deen dra gesat.

Ech weess, dass op der Gemeng ganz vill an och ganz gutt Beméiunge lafen, dass de SEA an d'Schoul zesummeschaffen. Ech fannen och, dass do eng Ofsprooch soll si vun der Aart a Weis vun Aktivitéit, dass de elo moies net op den Terrain lafe gees am Schoulsport a mëttes am SEA. Dat läit op der Hand. An deem Sënn verstinn ech et, fannen ech et och tipp topp, dass een dat an deem Sënn ofschwätzt. Et war eebe gemengt, dass et net sollt vermëscht ginn. Dat heescht, mee och mat deem Considerant kënne mer liewen.

Deen ënneschte fannen ech och ganz gutt, dass déi baussеninfrastrukturen och matbeduecht ginn. Deen anere fannen ech am Fong och gutt. D'Organisatioun vun de Sportstonnen a Concertatioun an enker Ofstëmmung mat der Regionaldirektioun an de Presidenten, de Schoulkommiteeë muss gemaach ginn. Dat heescht, mat de Considerante si mer u sech gutt. Dat eenzegt, wat mer elo bei den Invitte e bësse feelt, dat ass, dass mer néierens festhalen am Fong an der Schoulorganisatioun, dass et déi dräi Stonne sinn, déi laut Règlement grand-ducal gesat sinn. Dat heescht, mir hunn et elo e bëssen esou opgeweecht, well an deem éischte Considerant - de Buergermeeschter hat et grad gesot, dee wier superfétatoire - e war superfétatoire no der Ëmännerung, well an eisem initiale Considerant stoung jo dran: fir a Kontakt ze trieden an drop ze bestoen, dass deen am uewe genannte Règlement grand-ducal festgehalene Contingent a Sportsstonnen an all de Schoulen op der Rentrée respektéiert gëtt. Dat heescht, dass de Schäfferot schonn e kloert Zeeche setzt a seet hei, léif Partner, mir hätte gären, dass dat assuréiert gëtt. Mir stellen Iech d'Infrastruktur, mir stellen Iech Bussen. Wat brauchen Der nach? Mir hätte gären, dass dat dote stattfënnt. Dat heescht, dat ass jo grad de Grond, firwat mer d'Motioun gestallt hunn, dass mer gesot hunn, mir hätte gären e staarkt Zeeche vun der Politik, dass mer soen, hei, mir maachen eis Hausaufgaben op eiser Säit an de Ball läit bei Iech souzesoen. Dass een dann am Fong kéint och nach eng Kéier froen, wat braucht Der dann, fir déi dräi Stonnen do kënnen ze halen? Dat feelt elo nach e bëssen an den Invitten dran.

Fir de Rescht gesäit dat awer zimmlech konsensfäeg aus, wa mer dat nach iergendwéi kéint en dra kréien. Déi dräi wëchentlech Schoulstonnen an déi Inhalter, déi am Plan d'études festgehale sinn, dann hu mer de legale Kader dran. A wann dat an engem Abschnitt an der Schoulorganisatioun herno eeben esou dra steet, dann hu mer jo u sech genau dat gemaach, ouni dass mer kontrolléiere fueren, ouni dass mer iergendeen, iergendeppes zwéngen, well et eeben net an eiser Funktioun läit. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Josiane, wëlls Du dorop reagéieren?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo, also, ech fannen einfach deen Ausdrock drop ze bestoen, ech mengen, et ass nach ëmmer eng Zesummenaarbecht zwëschent de Kommiteeën, der Direktioun an och der Gemeng, awer elo hei, also ech gesinn elo net de Schäfferot, datt mir hei sollen draschreiwen drop ze bestoen. Dat kléngt esou e bësse wéi wa mir si ënner Drock setzen. Eigentlech hu mer eng gutt Zesummenaarbecht an ech wäert net do esou en Drock maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Här Steffen, nach eng Kéier kuerz an da probéieren ech, eng Propositioun ze maachen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Vläit kéint een draschreiwen: de gesetzleche Kader, wéi en am Plan d'études ... virgesinn ass, an der Schoulorganisatioun festzehalen. Dann hu mer dat eraus, dann ass den Drock eraus, da steet einfach dran, dass mer dat an der Schoulorganisatioun esou festhalen an dann, mengen ech, kënne mer mat allem liewen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et ass gutt. Ech mengen d'Iddi ass jo, dass mer an déi Richtung ginn, à l'impossible nul n'est tenu. Dat wësse mer elo och scho säit Joren, wou et a verschiddene Schoulgebaier ëmgesat gëtt an an aneren net. Mir wëssen, dass d'Ausriichtung déi ass, dat awer esou vill wéi méiglech an alle Schoulgebaier ëmzesetzen, mee à l'impossible nul n'est tenu. Dat geet jo och vu Schoulorganisatioun zu Schoulorganisatioun. Dofir mengen ech, datt dat do och eng Formule ass, wou eng gewësse Richtung ugëtt an awer eng gewësse Latitude léisst, wann et net sollt éiere goen.

Ech mengen, dat ass jo dann d'Zil, dat mer virun Aen hunn, dat dat richtegt ass. Sot et nach eng Kéier.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): De gesetzleche Kader aus dem Règlement grand-ducal vum 11. August 2011. Den Inhalt an d'Unzuel vun de Sproochstonnen definéiert an der Schoulorganisatioun festzehalen. Dann ass et an der Schoulorganisatioun festgehalen, dann ass et, wéi de Buergermeeschter seet, dann ass et am Fong vun der Gemengesäit aus gekläert an dann ass et un de Leit, déi se ausféieren, domat ze maachen, wéi si et an hirer pädagogescher Fräiheet och maachen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci. Also wann d'LSAP an déi Gréng sech eens sinn, da si mir als Lénk ganz frou an da kënne mer dat matstëmmen. Just sur la forme ass et awer e bësse schwiereg. Also et wär awer glécklech gewiescht, wann iergendwéi d'Ännerungsvirschléi iergendwéi markéiert wieren. Well mir krute lo hei esou en DIN-A-4-Blat ausgedeelt mat engem Text. D'Madamm Ries huet sech scho selwer verluer e bëssen an der Presentatioun. Also, ech mengen, d'Motioun war jo am richtegen Delai dobaussen. Vläicht kënne mer alleguerten, bei jidderengem ass et scho schifgaangen, probéieren d'Diskussioun e bësse méi einfach ze maachen, well et ass schwéier, wann ee soll Séance tenante direkt op en Text reagéieren an et verléiert ee sech e bëssen am Text an et weess een net, wat lo geännert ass a wat net. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma, dat ass net falsch. Ech wëll och just bemierken, dass de Gemengerot de Méinden ass. Si ass an den Delaien erakomm. Dertëschent war e Weekend. Et ass iwwert de Weekend nach e bëssen un den Ännerunge geschafft ginn. Ech kann awer ganz gutt novollzéien, dass, wéi dat e bëssen Usus ass, dass mer effektiv Textännerungen ëmmer un der initialer Motioun effektiv draschreiwen, fir dass et méi lisibel ass. Dat ass net falsch. Mee et gouf nach effektiv iwwert de Weekend awer driwwer geschafft, fir déi heite Modifikatiounsvirschléi awer kënnen ze maachen. Ech mengen, da hätte mer dës Diskussioun ofgeschloss.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Brauch et nach en Datum, deen drasteet, dass iergendwou do drasteet ab der Rentrée 2025, also fir déi provisoresch Schoulorganisatioun am Juni, oder brauch et dat net? Ass dat superfetatoire? Dat war elo just d'Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech mengen et ass jo elo an der Diskussioun, et läit op der Hand, dass et fir d'Rentrée ass. Gutt, ass et OK esou? Kënne mer driwwer ofstëmmen. Wien ass domat averstanen? ***Dat ass unanime.*** An och hei ass et erëm de Kompromëss, deen zur Unanimitéit wéi hunn.

# II. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT

**Fro vun der LSAP iwwer Baugeneemegungen an Geneemegunge fir Fotovoltaikanlagen**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat sinn d'Froen un de Schäfferot. Do sinn zwou Froen erakomm, eng vun der LSAP an eng vun der CSV. Ech ginn op déi vun der LSAP an an d'Josiane op déi vun der CSV.

Déi vun der LSAP, dat ass déi vum Här Romain Zuang, dee seet, dass effektiv Enn Januar an engem Zeitungsartikel ze liese war, dass de Lëtzebuerger Immobiliëmaart nëmme ganz lues aus der Kris, déi sech schonn ab 2026 bemierkbar gemaach huet, géif erauskommen. Dat géif sech och unhand vun de Baugeneemegunge weisen, déi vun de Gemengen effektiv erdeelt gi sinn. An effektiv, laut STATEC géif den Ëmfank am Beräich Wunnengsbau sech ab dem drëtten Trimester 2024 liicht stabiliséieren, géif awer op engem historesch niddregen Niveau bleiwen. An hie freet dann effektiv, wéi et mat de Baugeneemegunge fir de Wunnengsbau géif stoen am Joer 2024 am Verglach zu 2023, effektiv fir sech also fir Haiser, Maisons bifamiliales vu physesche Persounen, respektiv Societéiten am Logement intégré. Wéi vill Demandë goufe refuséiert? Wéi vill Baugeneemegunge goufe verlängert? An dann d'Fotovoltaikanlagen, wéi vill Geneemegunge fir Fotovoltaikanlagen accordéiert goufen a wéi vill Subside fir Fotovoltaikanlage verdeelt goufen. Dat ass kuerz d'Fro resuméiert.

Also, ech ka soen, dass am Joer 2023 hei zu Diddeleng 59 Unités d'habitation autoriséiert goufen. Dorënner waren 13 Maisons unifamiliales, 11 Logements intégrés, 2 Maisons bifamiliales, 9 Immeubles mat Appartementer. Dat waren der am Ganze 59 an et goufe 16 Refuse vu Baugeneemegungen, also fir Wunnengsbau, wéi gesot, an awer goufen déi en cours de route - ech mengen, d'Leit hu jo d'Méiglechkeet hir Demande nozebesseren a konform ze maachen zum PAG-Bautereglement - goufe vun deene 16 der 15 autoriséiert. Fir d'Joer 2024 goufen 158 nei Unitéiten autoriséiert. 36 Maisons unifamiliales, 32 mat Personnes morales, 4 mat Personnes privées, 5 Logements intégrés, 5 Maisons unifamiliales, 5 Maisons bifamiliales an 18 Immeubles mat Appartementer. An et goufen 10 Refusen. A vun deenen 10 goufen der 9 par la suite autoriséiert. Dat zu de Baugeneemegungen. Do gesäit een also eng steigend Tendenz vum Joer 2023 op d'Joer 2024.

Dann zu der Fro iwwer d'Fotovoltaikpanneauen. Am Joer 2023 hu mer 79 Demanden autoriséiert an am Joer 2024 384 Autorisatiounen. Bon, dat weist natierlech, 2024 war jo natierlech och ee Joer, wou och eng ganz staark Subsidepolitik an déi dote Richtung och gaangen ass. A bei deenen Demandë fir Subsiden, ech menge mir gi jo Subsiden unhand och vun den Demanden, déi mer erakréien, nodeems och den Ëmweltministère Subside ginn huet. Do sinn am Joer 2024, wéi gesot, 44 Demanden erakomm. An am Joer 2024, dat wär nämlech och eng Fro, déi Der hat, wéi vill Baugeneemegunge goufe verlängert. Dat waren der 13. Dat waren am Fong 13 Baugeneemegung, also

13 Autorisatioune vum Joer 2024, déi ofgelaf sinn an déi goufen 2024 verlängert. Mee do ware mer jo nach am Zenario, wou d'Baugeneemegung eng Durée hat vun engem Joer. Et ass jo elo en neit Gesetz a Kraaft getrueden, wou d'office d'Durée jo zwee Joer ass. Mee do war et nach ee Joer, wéi gesot, am Joer 2024 sinn 13 Autorisatioune vum Joer 2023 verlängert ginn. Ech mengen dat waren déi puer Zuelen. Déi weisen awer, dass effektiv am Joer 2024 eng Rei Baugeneemegungen ausgestallt goufen a virun allem Fotovoltaikanlagen effektiv vill gefrot och goufen. Dat war et mengersäits.

**Fro vun der CSV iwwer de contrat de bail commercial tëschent der Stad Diddeleng an der Sociétéit Sourrire asbl**

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Et ass eng Fro erakomm vun der CSV, ech géif déi dann elo hei virdroen. Am Numm vun der CSV-Fraktioun biede mer Iech, am Kader vun der nächster Gemengerotssëtzung zu follgende Froe Stellung ze huelen. Sourrire a.s.b.l. Haus 43 Rue Ribeschpont. De 24.03.2023 gouf am Gemengerot e Contrat de bail commercial tëschent der Stad Diddeleng an der Sociétéit Sourrire asbl fir d'Haus op Nummer 43, Rue Ribeschpont approuvéiert. Hei sollt eng Maison de thérapie psychologique mam Numm Juma-Haus opgoen. Et huet duerfir missen eng Autorisatioun ugefrot ginn, fir e Changement de destination virzehuelen. Eng Maison unifamiliale, déi der Gemeng gehéiert, krut op eng Entscheedung vum Buergermeeschter d'Autorisatioun, fir an e Cabinet thérapeutique ëmgewandelt ze ginn.

D'CSV-Fraktioun hat sech géint de Projet ausgeschwat

- „well mir net averstane waren, dass en Eefamilljenhaus mat enger Wunnfläch vun 120 Meterkaree, wou d'Gemeng Proprietär ass a wou een hätt kéinten enger Famill mat dräi, véier Kanner en Doheem ginn, einfach net méi als Wunnhaus genotzt gëtt",
- „well mir net averstane waren, dass d'Transformatiounsaarbechten a ronderëm d'Haus, laut Contrat de bail commercial, vum Locataire solle gemaach ginn an eng Valeur vu 36.000 Euro an doduerch de Locataire vu Mee 2023 bis Dezember 2023 kee Loyer huet brauchen ze bezuelen, woubäi d'Asbl laut Kontrakt scho säit dem 1.1.2023 dat Gebai konnt notzen",
- „well d'ASBL beim ënnerschreiwe vum Contrat de bail nach keen Agrement mat kengem Ministère hat. D'CSV Diddeleng hat am Juni 2024 verschidde Froen zur Notzung vum Haus an zu der Ausriichtung vum Cabinet thérapeutique gestallt. De Schäfferot huet erkläert, dass „de Projet sech entwéckelt huet: De Projet heescht „Maison SOURRIRE" a gëtt vun enger ASBL gefouert. Objet ass d'Bedreiwe vun engem Therapiehaus, an awer och en oppent Haus fir all Kulturen, all Nationalitéiten an all Generatiounen".

„Laut Schäfferot géif dës Aktivitéit sech an d'Politik vun engem interkulturellen Zesummeliewen aschreiwen, wat eng Ouverture um finanzielle Plang kann duerstellen.

1) Heescht dat, dass de Schäfferot eng finanziell Ënnerstëtzung vu Sourrire virgeholl huet? Ënner wéi enger Form gouf de Loyer, deen am Contrat de bail 2023 festgehal gouf, awer bezuelt. Et huet geheescht, dass Maison SOURRIRE Demarchen ënnerholl hätt fir mat den Office-socialle vun Diddeleng, Beetebuerg an Esch zesummenzeschaffen an integrativ Ateliere fir Demandeurs de protection internationale unzebidden.



2) Wéi eng Ateliere goufen a wéi enger Frequenz ugebueden?

3) Koum déi ugekënnegt Zesummenaarbecht mat der Diddelenger Schoul a mam SEA zustanen?
Et huet geheescht, datt zwanzeg verschidde Sproochecoursen, Kachcoursen, Informatik, Sportsaktivitéiten am Haus Maison Sourrire ugebuede gi sinn, an dass an der Moyenne 150 Persoune pro Woch géifen empfaange ginn.

4) Huet d'ITM d'Autorisatioun ginn, fir dass esou vill Leit am Haus zirkuléieren, respektiv vill Aktivitéiten an deem Haus stattfannen?

5) Wéi eng Transformatiounen, respektiv Adaptatiounen, hunn am Haus misse virgeholl ginn?
De Schäfferot wollt de Projet aktiv begleeden.

6) Wéi huet dës Begleedung ausgesinn?

7) Wou ass dee Projet drun?

8) Si mëttlerweil Konventioune mat verschiddene Ministèren zustane komm? (wat der ASBL jo och eng finanziell Sécherheet gëtt, an si dann och d'Méiglechkeet huet fir eng aner Lokalitéit sichen ze kënnen).
De Contrat de bail tëscht der Gemeng an der Société SOURRIRE A.S.B.L. leeft den 30.4.2025 aus.

9) Wéi stellt de Schäfferot sech eng zukünfteg Notzung vum Haus 43, rue Ribeschpont vir?

10) Ass den Här Buergermeeschter bereet, gegeebenefalls eng "Autorisation de changement de destination" vum Haus virzehuelen, fir dass et nees als Wunnhaus ka genotzt gin ?"

Voilà, dat ass d'Fro vun der CSV. Ech hat relativ vill ze di mat Motiounen, soudatt ech hei vu mengem Recht Gebrauch maachen an Iech dat natierlech schrëftlech beäntwere wäert, well ech kann dat esou séier - mir haten emol ofgemaacht, datt mer keng zéng Froe méi géife mëttwochs owes eraginn an et ass net méiglech, soudatt ech dat schrëftlech beäntwere wäert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, wéi gesot, mir wäerten déi dote Froe schrëftlech beäntwerten.Ech wëll awer nach eng Kéier hei soen, an ech gräifen dat op, wat d'Josiane Di Bartolomeo-Ries gesot huet, mir hätten hei festgehalen, dat steet och am Règlement d'ordre interne, am ROI, dass wa Froe gestallt ginn, dass se solle kuerz, prezis, konzis sinn. Wann Dir gären hätt als Gemengeconseiller - an ech mengen, dat maache mer - dass Froen hei séance tenante beäntwert ginn, da sollen een sech op dräi, véier Froe limitéieren. Hei hu mer zéng Froen.

Dat heescht natierlech och eng Opaarbechtung och mat eise Servicer, fir op déi Froe kënnen ze äntweren. A wa mer zéng Froen hunn, wat ech zimmlech vill fannen, mat deelweis Ënnerfroen, och dat hate mer, da maache mer vun deem Recht Gebrauch, wat d'Gesetz eis gëtt. Dann äntwere mer schrëftlech drop, mir hu jo e Mount Zäit an net eeben an der Séance tenante vum Gemengerot. Dofir, Dir kënnt et da steieren, ob mer mëndlech oder schrëftlech drop äntweren. Wéi gesot, mir wäerten dat da fir déi nächste Kéier an engem Mount maachen. An domat wiere mer fäerdeg mat der Séance publique a mir géifen eriwwergoen an de Huis clos. •

natur&ëmwelt
FLEEGESTATIOUN
FIR WËLL DÉIEREN

# Animaux sauvages en détresse

## Que faire?



## En cas de collision avec un animal sauvage dans la circulation routière

**Numéro d'urgence 113**
Signalez l'accident !

**Numéro d'urgence 112**
En cas de dommages corporels supplémentaires

**Sécurité personnelle:**
- Sécurisez le lieu de l'accident (triangle de signalisation), portez un gilet de sécurité, utilisez les feux de détresse
- Gardez votre calme !

**ANF**
Administration de la nature et des forêts
**(+352) 24 75 6 - 600**



## En cas de découverte d'un animal sauvage (blessé / orphelin)

**Contactez le centre de soins pour la faune sauvage à Dudelange**
- Pour une assistance et des conseils par téléphone
- Avant d'apporter un animal

**Heures d'ouverture:**

**Avril - Septembre (Haute saison)**
8h00 - 20h00

**Octobre - Mars (Basse saison)**
8h00 - 17h00

**Coordonnées:**

**(+352) 26 51 39 90**

49, rue de la Forêt
L-3471 Dudelange

centredesoins@ne-cds.lu
www.centredesoins.lu

## 4 «Wëlldéier Drop-off» Stations (accessible 24h/24 & 7j/7)

**En dehors des heures d'ouverture:**
Point de dépôt pour animaux sauvages en détresse, ouvert 24h/24 et 7j/7. Les animaux sont pris en charge par nos bénévoles du « Wëlldéierentaxi » et amenés au centre de soins à Dudelange.

**DUDELANGE**
49, rue de la Forêt,
L-3471 Dudelange

**NIEDERFEULEN**
25, rue de la Wark,
L-9175 Feulen

**JUNGLINSTER**
1, rue Emile Nilles,
L-6131 Junglinster

**CLERVAUX**
20, route d'Eselborn,
L-9706 Clervaux




DONS

**Vous souhaitez nous soutenir et nous faire un don ?**
Les dons peuvent être versés sur le **compte CCRALULL LU13 0099 7800 0090 0894** ou **par Payconiq**.
**D'avance nous vous remercions vivement pour votre aide !**

*n&ë – centre de soins pour la faune sauvage a.s.b.l. est une association reconnu(e) d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 10/01/2024.*



# Fête des Cultures

## 5.+6.7.

**Dudelange • Pl. Hôtel de Ville**

**Sa. 17:00-24:00 • Di./So. 11:00-18:00**

Dudelange, on dirait le sud

Commission du vivre ensemble interculturel